

DE KANTON RÉIDEN

Magazine

Édition
française &
luxembourgeoise



HPPA REDANGE


Interview
Entretien

MUSÉE DE L'ARDOISE

Aktuell Projeten
Projets actuels

RÉIDENER GESCHÄFTSVERBAND

Interview
Entretien



INHALT - SOMMAIRE

04

Virwuert

Préface

06

Aktuelles aus de Gemengen
an aus dem Kanton

Actualités des
communes et du canton

18

Kanner & Jugend

Enfance & Jeunesse

30

Senior

Sénior



38

Fräizäit & Tourismus

Loisirs & Tourisme

41

Ëmwelt

Environnement

54

Lokal Ekonomie

Economie locale



61

Kultur

Culture

73

Alldagshelden

Héros du quotidien



76

Sport

78

Mobilität

Mobilité

82

Agenda

86

Spiller

Jeux

Impressum

Editeur, concept & réalisation :
brain&more -
agence en communication

Rédaction :
Syndicat Kanton Réiden &
partenaires

Photo de couverture :
Braam Van Wyk

Renseignements :
magazine@kanton-reiden.lu
Tous droits réservés

Prochaine parution :
Décembre 2025

Clôture :
10.11.2025

Tirage :
9.000

Impression :
Imprimerie Heintz

Papier recyclé FSC (C103749)
Imprimé au Luxembourg



Régie publicitaire
brain&more -
agence en communication
(+352) 26 84 71 - 1
brain@brain.lu



Léif Biergerinnen a Bierger aus dem Kanton Réiden,

no de laangen a waarme Summerdeeg steiere mir elo Richtung Hierscht.

Als politesch Responsabel am Kanton Réiden fir d'Beräicher Ëmwelt & Klima wëll ech d'Geleeënheet hei notzen, lech kuerz e Bléck op déi aktuell Projeten aus mengem Ressort ze ginn.

Mam Bruno Domange, deen Dir an dëser Editioun vum Magazine kenneléiert, huet eise Syndikat eng wichteg Zesummenaarbecht mam Wirtschaftsministère gestart. Duerch seng Aarbecht sollen eis Aktivitéitszonen nohaltig a ressourcëschonend weiderentwéckelt ginn. Bei der Planung vun der Extensioun vun der Zone Solupla sinn d'Prinzipie vun der Economie circulaire beschtméiglech integréiert ginn.

No laanger Virbereedungszeit si méttlerweil och d'Infrastruktur-Aarbechte fir de Wandpark Kanton Réiden gestart. Dank de fënneg geplangte Wandrieder wäert eise Kanton zukünftig méi Stroum op sengem Territoire produzéieren, wéi verbraucht gëtt.

Och am Beräich vum Waasser promovéiert eise Service Environnement d'Economie circulaire. Dir fannt an dësem Magazine vill nützlich Informatiounen iwwer Reewaasseranlagen. Vergiesst an deem Kontext net, nieft der staatlecher Subventioun och déi vun Ärer Gemeng unzufroen.

Op meng Initiativ hi goufen d'Subventiounen fir energiespuerend Haushaltsapparater an alle Gemenge vum Kanton vun 100 € op 150 € erhéicht. Ech hoffen, dass dës Ënnerstützung lech et beim Kaf méi einfach mécht, déi méi spuersam Optioun ze wíelen.

De Kanton Réiden organiséiert véiermol am Joer e Repair Café, eng weider konkret Aktioun am Geescht vun der Economie circulaire. Hei kënnt Dir är futtis Elektrogeräter oder Véloen zesumme mat eise ganz engagéierte Repairer flécken. Nei ass, dass d'Ekipp vum Repair Café zënter kuerzem och en Atelier fir kleng Bitzaarbechten, Messerschläifen an d'Reparatur vu Computeren ubitt. Mir lueden lech ganz häerzlech an op eise leschte Repair Café vum Joer den 22. November zu Eill.

De Kanton Réiden a seng néng Gemengen engagéiere sech zënter Joren dofir, den ekologesche Foussofdruck ze verkleinere. An dësem Kontext steet alle Bierger aus eisem Kanton eng gratis Energieberodung zur Verfügung. Profitéiert vun dësem Service (Environnement T. 28 33 44) an hëlleft mat eise Kanton energieautark ze maachen!

Ech wënschen lech vill Pleséier beim Liese vun dësem Magazine!

Myriam Binck
Member vum Bureau vum Syndikat Kanton Réiden
Responsabel fir Ëmwelt & Klima



PRÉFACE

Chères citoyennes, chers citoyens du canton de Redange,

Après les longues et chaudes journées d'été, nous nous dirigeons désormais vers l'automne.

En tant que responsable politique pour les domaines de l'environnement et du climat dans notre canton, je souhaite profiter de cette occasion pour vous donner un aperçu des projets en cours dans mon ressort.

Avec Bruno Domange, que vous découvrirez dans cette édition du magazine, notre syndicat a entamé une collaboration importante avec le ministère de l'Économie. Son travail vise à développer nos zones d'activités de manière durable et respectueuse des ressources. Lors de la planification de l'extension de la zone Solupla, les principes de l'économie circulaire ont été intégrés au mieux.

Après une longue phase de préparation, les travaux d'infrastructures pour le parc éolien du canton de Redange ont également commencé. Grâce aux

cinq éoliennes prévues, notre canton produira à l'avenir plus d'électricité sur son territoire qu'il n'en consomme.

Dans le domaine de l'eau aussi, notre service Environnement promeut l'économie circulaire. Vous trouverez dans ce magazine de nombreuses informations utiles sur les installations de récupération des eaux de pluie. N'oubliez pas, dans ce contexte, de demander non seulement la subvention de l'État, mais aussi celle de votre commune.

À mon initiative, les subventions pour l'achat d'appareils ménagers économes en énergie ont été augmentées dans toutes les communes du canton, passant de 100 € à 150 €. J'espère que cette aide vous facilitera le choix d'une option plus économe.

Le canton de Redange organise quatre fois par an un Repair Café, une action concrète supplémentaire dans l'esprit de l'économie circulaire. Vous pouvez y faire réparer vos appareils électroménagers ou vélos défectueux avec l'aide de nos réparateurs bénévoles et très

engagés. Nouveauté : l'équipe du Repair Café propose désormais aussi un atelier pour petits travaux de bricolage, l'aiguisage de couteaux et la réparation d'ordinateurs. Nous vous invitons chaleureusement à notre dernier Repair Café de l'année, le 22 novembre à Ell.

Le canton de Redange et ses neuf communes s'engagent depuis des années à réduire leur empreinte écologique. Dans ce contexte, chaque citoyen du canton peut bénéficier gratuitement d'un conseil en énergie. Profitez de ce service (Environnement T. 28 33 44) et contribuez avec nous à rendre notre canton autonome sur le plan énergétique !

Je vous souhaite beaucoup de plaisir à la lecture de ce magazine !

*Myriam Binck
Membre du bureau
du Syndicat Kanton Réiden
Responsable pour
l'environnement & le climat*

AWEIUNG VUM NEIE GÎTE TOURISTIQUE ZU KAALMES

INAUGURATION DU GÎTE TOURISTIQUE À CALMUS



Commune de
Saeul

Den Donneschden, 12. Juni 2025 gouf dat neit touristescht Vakanzehaus zu Kaalmes a Präsenz vum delegierten Tourismusminister Eric Thill feierlech ageweit. Bei dëser fréierer Duerfschoul trëfft Geschicht op Confort an d'Touriste kënnen bei enger flotter a friddlecher Panorama-Vue gutt ofschalten. D'Vakanzehaus verfüügt iwwer 5 Schlofkummere mat jeweils engem eegene Buedzëmmer. Et ass ideal fir Familljen, Frëndsgruppen, Veräinsausflich oder eenzel Persounen.

Reservéiere kann een iwwert: www.simpleviu.com.

Le jeudi 12 juin 2025, le gîte touristique à Calmus a été officiellement inauguré en présence du ministre délégué au Tourisme Eric Thill. Dans cette ancienne école du village, l'histoire rencontre le confort : les visiteurs peuvent s'y ressourcer en toute tranquillité tout en profitant d'un panorama apaisant. Le gîte dispose de 5 chambres à coucher, chacune avec sa propre salle de bains. Il est idéal pour des familles, des groupes d'amis, des sorties associatives ou des personnes seules.

Réservations via : www.simpleviu.com.

AWEIUNG VUM NEIE CONFORT-WANDERWEE VU RÉIDEN

INAUGURATION DU NOUVEAU SENTIER DE PROMENADE CONFORT À REDANGE

Confort-Wanderweeër erméiglechen, datt jiddereen d'Natur op eng zougänglech Manéier erliewe kann, hei sti Confort a Sécherheet fir all Alters- a Bewegungsgrupp am Mëttelpunkt.

- Ideal fir Rollstull, Rollator a Poussetten
- Flott Pauseplazen
- Perfekt fir Familljen
- Hondsfreundlech

Les sentiers de promenade confort permettent à chacun de profiter de la nature de manière accessible. Le confort et la sécurité pour tous les âges et niveaux de mobilité sont au cœur du concept.

- Idéal pour fauteuils roulants, déambulateurs et poussettes
- Agréables aires de repos
- Parfait pour les familles
- Adapté aux chiens



All d'Detailer zum Wee vun
2,5 km fannt dir hei:
*Vous trouverez tous les détails
sur ce sentier de 2,5 km ici :*



Commune de
Redange

18. EDITIOUN VUM USELDINGER MËTTELALTERFEST

18^e ÉDITION DE LA FÊTE MÉDIÉVALE D'USELDANGE



Och dëst Joer war d'Useldinger Mëttelalterfest, dat fir d'18. Kéier vum 14. bis de 15. Juni vun der Härenekipp vum FC Jeunesse Useldeng organiséiert gouf, e groussen Erfolleg.

Samsdes a Sonndes hu 65 Händler hir Wuere fir Grouss a Kleng ugebueden. Donieft hunn Handwierker hir Konscht gewisen, Schwertkämpfer hu sech duelléiert a Musek a Gesank sech ofgewiesselt. Klunnschen a Karussell hu Kanner amusiéiert. Och fir dat leiflecht Wuel war beschtens gesuergt.

D'Härenekipp vum FC Jeunesse Useldeng seet alle Visiteuren e grousse Merci a freet sech lech bei der 19. Editioun, déi den 13. a 14. Juni 2026 stattfënnt, zu Uselding begréissen ze dierfen.

Cette année encore, la Fête Médiévale d'Useldange, organisée pour la 18^e fois du 14 au 15 juin par l'équipe masculine du FC Jeunesse Useldeng, a rencontré un grand succès.

Le samedi et le dimanche, 65 marchands ont proposé leurs produits pour petits et grands. Des artisans ont présenté leur savoir-faire, des combats à l'épée ont eu lieu, et musique ainsi que chants se sont relayés. Les enfants se sont amusés avec des jeux et un manège. Quant au bien-être culinaire, il était lui aussi pleinement assuré.

L'équipe masculine du FC Jeunesse Useldeng adresse un grand merci à tous les visiteurs et se réjouit de pouvoir vous accueillir à la 19^e édition, qui se tiendra les 13 et 14 juin 2026 à Useldange.



PEINTURE RENE & Design

SPOLAORE RENE

Peinture René & Design s.à r.l.

7, rue d'Ell . L-8509 Redange/Attert

T +352 23 62 00 29 . peinture-rene@pt.lu



peinture-rene.lu

CAMPING HÉILTZERSTEE



De 16. Mee 2025 gouf de Camping Héiltzerstee no gréisseren Investitiounen an ëmfaassender Moderniséierung offiziell nei opgemaach. De Camping läit an engem wonnerschéine rouegen Dall tëschent Pärle an Houltz.

De Camping Héiltzerstee ass déi gréng Oase an de Lëtzebuerger Ardennen, matzen an der Natur, fir absolut Campingbegeescht. Ob mam Zelt op der Zeltwiss tëschent Bësch a Baach, mat der Rulott, Bulli, Wunnwon mat Daachzelt op enger Stellplaz am Gréngen oder mam Camper op enger vun deene speziell ugeluechte Stellplazen, hie suergt fir eng entspaanten Auszäit.

Iwwernuechten an engem richtege Pipowon mat eegem Buedzëmmer an enger Terrass mat Gaardemiwwel ass e wonnerbaart Erleefnis. Am Schlofberäich vun dësen 3 gemittlechen Zirkusween befanne sech en Duebelbett an en Etagebett.

Et stinn och 6 voll equipéiert Tipi-Zelter zur Auswiel. Eng Iwwernuechtung an engem Tipi-Zelt ass kee Glamping-Abenteuer, mee Zelte wéi an alen Zäiten an der Natur. Si hunn e Wunnberäich mat engem Dësch a véier Still, e Gaskocher mat zwou Kachplacken, eng Kichenariichtung a Kichegeschier, e Frigo an zwee Schlofberäicher.

Op der klenger Baussespillplaz kënnen d'Kanner kloteren, spillen a rutschen. Déi gemittlech Sauna bei der Baach suergt fir Erhuelung an Entspannung. En nei installéierte Pizzauewe ka vun de Camper genotzt ginn. De Camping bitt den Outdoorfans vill Méiglechkeete wéi ënnert anerem Wanderen, Vëlofueren, Mountainbike a Schwammen am Uewersauer-Stauséi.

D'Gestioun vum Camping Héiltzerstee gëtt vum Camping Fuussekaul geleet.

Le 16 mai 2025, le Camping Héiltzerstee a officiellement rouvert ses portes après d'importants investissements et une modernisation complète. Le camping est situé dans une magnifique vallée paisible entre Perlé et Holtz.

Le Camping Héiltzerstee est une oasis verte au cœur des Ardennes Luxembourgeoises, en pleine nature, pour les vrais passionnés du camping. Que ce soit sous tente sur la prairie entre forêt et ruisseau, en caravane, van, tente pliante ou tente de toit sur un emplacement au milieu de la verdure ou en camping-car sur un des emplacements spécialement aménagés – il assure une pause détente.

Passer la nuit dans une authentique roulotte Pipo avec salle de bain privée et terrasse équipée de meubles de jardin est une expérience inoubliable.

Ces trois roulottes confortables disposent d'un espace nuit avec un lit double et un lit superposé.

Sont également disponibles six tentes exceptionnelles, des Tipis entièrement équipés. Une nuit dans un Tipi n'est pas une expérience de glamping, mais camper comme au bon vieux temps, en pleine nature. Elles disposent d'un coin séjour comprenant une table et quatre chaises, un réchaud à gaz avec deux plaques de cuisson, un aménagement de cuisine avec vaisselle, un frigo et deux espaces de couchage. Les enfants peuvent grimper, jouer et glisser sur la petite aire de jeux extérieure. Le sauna cosy, situé à côté du ruisseau, garantit de vrais moments de détente.

Un four à pizza récemment installé peut être utilisé par les campeurs.

Le camping offre aux amateurs d'activités en plein air de nombreuses possibilités, notamment la randonnée, le cyclisme, le VTT et la baignade dans le lac de la Haute-Sûre.

La gestion du Camping Héiltzerstee est assurée par le Camping Fuussekaul.



Camping Héiltzerstee
1, Héiltzerstee
L-8820 Holtz

(+352) 661 566 452
info@heiltzerstee.lu
www.heiltzerstee.lu

DE KÜMMERER VUN EISEN AKTIVITÉITSZONE STELLT SECH VIR

**Zënter Mäerz 2025 beschäftegt de Syndikat Kanton Réiden, an Zesummenaarbecht mam Wirtschaftsmi-
nistrère, ee Kümmerer, deem seng Aufgab et ass, de
Betriber aus eisen zwou Aktivitéitszonen d'Grond-
prinzipie vun der Economie circulaire méi
no ze bréngen an d'Zesummenaarbecht
tëscht dëse Betriber z'animéieren. De
Bruno Domange huet dës ambitiéis
Missioun ugeholl.**

Bruno, kanns de Dech an e puer Wierder virstellen?

Ech si 55 Joer al, bestuet, Papp
vun zwee Kanner a wunnen an
der Ëmgéigend vun Arel. Vu
Beruff hir, sinn ech Agraringeni-
eur an hu mech op Ëmweltfroe
spezialiséiert.

Wéi war Däi beruffleche Parcours?

Ech hu bis elo e ganz diverse Parcours
duerchlaf. Zënter bal 30 Joer sinn ech zu
Lëtzebuerg tätég an hunn ënnerschiddlech
Positiounen iwwerholl: Business-Ingenieur, Chef
d'Entreprise, Responsabel fir Gesondheet, Sécherheet
& Ëmwelt an Ingenieur spezialiséiert an der Kreeslaf-
wirtschaft am Bausecteur. Déi verschidden Erfarungen
erlaben et mir, d'Projeten esou ëmfaassend a breet wéi
méiglech unzegoen.



© Kanton Réiden

Wat ass Deng Missioun am Syndikat?

Als Kümmerer sinn ech dofir zoustänneg, Léisungen,
Synergien a gemeinsam Servicer (Infrastrukturen,
Mobilitéit, Animatioun) tëscht de Betriber aus
de regionalen Aktivitéitszonen (ZAer)
Solupla an dem Riesenhaff z'ent-
wéckele fir den Ëmweltimpakt ze
limitéieren. Ech begleede si bei
konkrete Moosnamen, déi
et hinnen erlaben, d'Krees-
lafwirtschaft ëmzesetzen.
Schlussendlech sinn
ech hire privilegierten
Uspriechpartner fir tech-
nesch Froen.

Kanns Du eis d'Kreeslaf- wirtschaft an e puer Wierder erklären?

Dat ass eng Wirtschaft bei där
grousse Wäert op d'Aspuere vu
Ressource geluecht gëtt: d'Saache
ginn esou laang wéi méiglech genotzt,
mat anere Leit gedeelt, gefléckt a wa se net
méi ze flécke sinn, ginn d'Eenzelstécker recuperéiert, fir
se ze recycléieren oder enzwousch soss anzesetzen. Dat
verhënnert Verschwendung a verlaangt eng Zesummen-
aarbecht tëscht de verschiddenen Acteuren, fir pragma-
tesch Léisungen ze fannen.



ZAer Riesenhaff



ZAer Solupla

Wat si wichtig Piste vun Denger Strategie?

D'Erweiterung vun den zwou Zone begleeten an dobäi Ëmwelt- a Sozialaspekter respektieren: eng duerchduechten Implantatioun, eng gemeinsam Notzung vun Infrastrukturen, Reflexiounen ronderëm d'Mobilitéit an eng progressiv Entwécklung hin zu enger kreeslaforientierter Wirtschaft am Handwerk an an der Industrie.

Wéi eng Erausforderunge gesäis Du elo schonn?

Déi grouss Erausforderung besteet doran, eng positiv Kommunikatioun tëscht de Betriber opzebauen, déi zwar geographesch no beieene leien, mee dacks ënnerschiddlech Interessen a Wäerter hunn. Si vun de Virdeeler vun der Kreeslafwirtschaft z'iwwerzeegen, ass essenziell, fir Succès ze hunn.

Wat ass Deng wirtschaftlech Visioun fir de Kanton Réiden?

Eng harmonesch Entwécklung, déi finanziell, sozial an ëmweltrelevant Aspekter vereenegt, fir nohaltig Aarbechtsplazen ze schafen an d'Zesummenaarbecht tëscht de lokalen Acteuren ze fërderen, esou dass déi wirtschaftlech Resilienz vum Kanton gestärkt gëtt.

Wat méchs Du an Denger Fräizäit?

Ech engagéiere mech vill am Veräinsliewen zu Arel a schätze besonnesch d'Konscht, d'Kultur an d'Aktivitéiten dobaussen.

Wat ass Deng perséinlech Devise?

„Dat Onméiglecht geet ëmmer méi wäit ewech, wann een em méi nokënn.“ (Antoine de Saint-Exupéry)

LE FACILITATEUR DE NOS ZONES D'ACTIVITÉS SE PRÉSENTE

Depuis mars 2025, Bruno Domange a rejoint le Syndicat Kanton Réiden avec une mission ambitieuse : accompagner le développement économique tout en intégrant les principes de l'économie circulaire. Fort d'un parcours riche et diversifié, il apporte son expertise et sa vision pour favoriser des synergies concrètes entre les entreprises locales.

Bruno, peux-tu te présenter en quelques mots ?

J'ai 55 ans, je suis marié et père de deux enfants. Je vis dans la région d'Arlon. Ingénieur agronome de formation, je me suis spécialisé dans les problématiques environnementales.

Quel est ton parcours professionnel ?

J'ai un parcours professionnel très diversifié. Depuis près de 30 ans au Luxembourg, j'ai occupé divers postes : ingénieur d'affaires, chef d'entreprise, responsable santé-sécurité-environnement et ingénieur spécialisé en économie circulaire dans la construction. Ces expériences variées me permettent d'aborder les projets d'une manière aussi large et englobante que possible.

Quelle est ta mission au sein du Syndicat ?

En tant que facilitateur, je suis chargé de développer des solutions, synergies et services mutualisés (infrastructures, mobilité, animation)

entre les entreprises des ZAER Solupla et Riesenhauff pour limiter l'impact environnemental. Je les accompagne dans des actions concrètes leur permettant d'intégrer l'économie circulaire. Je suis finalement leur interlocuteur privilégié pour les questions techniques.

Peux-tu expliquer l'économie circulaire en quelques mots ?

C'est une économie qui préserve les ressources : on utilise les équipements le plus longtemps possible, on les partage, les répare, les cède, puis on récupère les composants pour les recycler ou intégrer ailleurs. Cela limite le gaspillage et nécessite une collaboration entre les acteurs afin de trouver des solutions pragmatiques.

Quelles sont les principales pistes de la stratégie ?

Accompagner l'extension des zones tout en respectant l'environnement et le social : implantation raisonnée, mutualisation des infrastructures, réflexion sur la mobilité et développement progressif d'une économie plus circulaire dans l'artisanat et l'industrie.



Quels défis identifies-tu déjà ?

Les défis majeurs sont de créer une communication positive entre des entreprises proches géographiquement, mais dont les intérêts et valeurs sont parfois divergents.

Les convaincre des bénéfices de l'économie circulaire sera essentiel pour réussir.

Quelle est ta vision économique pour le canton de Redange ?

Un développement harmonieux conciliant aspects financiers, sociaux et environnementaux, pour proposer des emplois durables, dynamiser les échanges entre acteurs locaux en vue de renforcer la résilience économique du canton.

Que fais-tu pendant ton temps libre ?

Je suis investi dans le domaine associatif de la région d'Arlon et j'apprécie tout particulièrement les arts, la culture et les activités de plein air.

Quelle est ta devise personnelle ?

« L'impossible recule toujours quand on marche vers lui. »

(Antoine de Saint-Exupéry)



**KANTON
RÉIDEN**

ECONOMIE

Kanton Réiden Service Economie
Kümmerer / Facilitateur ZAEr
43, Grand-Rue
L-8510 Redange / Attert

(+352) 28334-620
bruno.domange@kanton-reiden.lu

Organisation funéraire
Démarches Administratives
Transport International

POMPES FUNÈBRES
ETERNUM

1, Viichtenerstrooss | L-8620 Schandel
Tel. 288 055 00 | contact@eternum.lu



VERANKERUNG VUM ÄERDSCHÉFF AN DER REGIOUN WËLLE WESTEN



D'Äerdschéff ass eng eenzegaarteg Plaz zu Réiden nieft dem Atert-Lycée. Inspiréiert vun den amerikaneschen Earthships gouf d'Äerdschéff aus recycléierte Materialie wéi lokalem Buedem a gebrauchte Pneue gebaut. Zënter 2022 steet d'Gebai a funktionéiert bal komplett autonom mat Solarenergie, sammelt Reewaasser a profitéiert vun enger natierlecher Isolatioun.

Gedroe vun der Associatioun Äerdschéff a.s.b.l., déngt de Site als liewege Kompetenzzentrum a bitt Formatiounen, Atelier a partizipativ Projeten un, déi fir jiddereen op sinn. D'Zil ass et, d'Leit fir Theme vun der Nohaltegkeet ze sensibiliséieren – wéi Permakultur, low-tech-Léisungen oder ëmweltfrëndlech Technologien. Dësen inklusiven Treffpunkt férdert Léieren, Experimentéieren an den Austausch, an all interesséiert Persoun ka gratis matmaachen.

En éischten Deel vum Projet ziilt dorop of, d'Bierger*innen aus der Regioun mat Aktivitéiten z'erreechen a méi mat anzubannen. Dozou gehéieren Aktivitéite wéi en Theater Forum mat Atelier, inspiréiert vum Stéck *L'éveil des forces du M.A.L.*, dat vum Tarik Bouriachi a Brice Montagne matgeschriwwen gouf. Hei ginn Themen ewéi Öko-Angscht, Solidaritéit oder sozial Ongläichheet behandelt.

En anere Schwéierpunkt si Biergerforen, wou invitéiert Expert*innen hiert Wëssen iwwer erneierbar Energien, nohalteg Mobilitéit oder Permakultur deelen. Dës Rencontre baséieren op der Pädagogik vum Paulo Freire a motivéieren d'Leit dozou, lokal Léisunge gemeinsam ze entwéckelen.

An de kommende Méint si weider Aktivitéite geplangt:

- Am Oktober 2025 fënnt den éischten Expert-Bierger-Forum mam Thema „Smart City“ am Multifunktiounssall vum Äerdschéff statt. Hei sollen technesch Léisunge gedeelt a Pilotprojete lancéiert ginn.
- Am November 2025 geet et weider mat engem Cycle vum Theater Forum, och am Multifunktiounssall. Dëst Format soll Bierger*innen duerch artistesch Ausdrucksforme mobiliséieren a fir eng sozial an ekologesch Transformatioun sensibiliséieren.

Méi Informatiounen fannt Dir op der Websäit www.aerdscheff.lu. Fir Froen oder Umeldunge fir d'Formatiounen an Eventer kënn Dir lech direkt un d'Verantwortlech vun der Äerdschéff a.s.b.l. wenden.



ANCRAGE DE L'ÄERDSCHËFF DANS LA RÉGION WËLLE WESTEN

L'Äerdschëff est un lieu unique, situé à Redange près de l'Attert-Lycée. Inspiré des Earthships américains, il a été construit à partir de matériaux recyclés comme de terre locale et des pneus. Depuis 2022, ce bâtiment quasi-autonome fonctionne grâce à l'énergie solaire, récupère l'eau de pluie et bénéficie d'une isolation naturelle.

Porté par l'association Äerdschëff a.s.b.l., le site sert de centre d'apprentissage vivant et propose des formations, ateliers et projets participatifs ouverts à toutes et à tous. L'objectif est de sensibiliser à des approches durables comme la permaculture, la démarche low-tech ou les technologies soutenables. Ce lieu inclusif favorise l'apprentissage, l'expérimentation et l'échange et les formations sont accessibles à toute personne intéressée.

Un projet régional, cofinancé par le programme LEADER Wëlle Westen, renforce actuellement l'implication des citoyen(ne)s. Il inclut des ateliers de théâtre-forum, inspirés de la pièce L'éveil des forces du M.A.L.

coécrite par Tarik Bourachi et Brice Montagne. Ces rencontres abordent des thèmes comme l'écoanxiété, la solidarité et les inégalités sociales. Un autre volet organise des espaces citoyens avec des expert(e)s invité(e)s. Ces rencontres autour de sujets comme l'énergie renouvelable, la mobilité durable ou la permaculture s'inspirent de la pédagogie de Paulo Freire et encouragent la co-construction de solutions locales.

Dans les mois à venir, plusieurs activités sont prévues :

- En octobre 2025, un premier forum expert-citoyen sur le thème de la « Smart City » se tiendra dans la salle polyvalente de l'Äerdschëff. Il visera à partager des solutions techniques et à initier des projets pilotes.
- En novembre 2025, un cycle d'ateliers de théâtre-forum débutera, également dans la salle polyvalente. Ces ateliers mobiliseront les citoyen(ne)s à travers l'expression artistique, en utilisant le théâtre comme outil de participation à la bifurcation écologique et sociale.

Vous trouverez plus d'informations sur l'Äerdschëff, ses activités et les prochains événements sur le site : www.aerdscheff.lu. Pour vous renseigner ou vous inscrire aux formations et événements proposés, n'hésitez pas à contacter les responsables de l'Äerdschëff a.s.b.l.



äerdschëff





1, Rue du Lycée
L-8508 Redange / Attert

Tarik Bourachi
(+352) 671 593 755
Monica Fernandes
(+352) 671 161 663
team@aerdscheff.lu

OPRUFF ZUR BICHERSPEND

DU HUES BICHER, DÉI EEN NEIT DOHEEM SICHEN? BRÉNG SE BEI EIS!

Wosst Du schon, datt an 9 vun 10 Gemengen am Wëlle Westen (Kanton Réiden a Gemeng Mäerzeg) eng Bicherbox steet? Dës Bicherboxe si kleng Schatzkëschten, wou jiddere Bicher mathuelen oder bréngen dierf. Se lueden zum Stöberer an Entdecken an, a virun allem dozou, engem gutt erhalene Buch eng zweet Chance ze ginn.

D'Gemenge vum Kanton Réiden hu gemeinsam decidéiert d'Bicherboxe fir hier Bierger*innen ze valoriséieren. Dofir si mir op der Sich no gutt erhalene Bicher.


Du hues gutt erhale Bicher doheem, déi's Du net méi lies? Deel se mat anere Bicherfrënn a géff hinnen en neit Doheem an eng vun de Bicherboxen.

Du kanns d'Bicher bis den 31.12.2025 zu Useldeng an der TouristInfo ofginn (mat Umeldung): TouristInfo Wëlle Westen, 1 Am Millenhaff, L-8706 Useldange, T: 28 33 45

Mir sortéieren a verdeelen se an déi verschidde Bicherboxen am Wëlle Westen!

Oder hues Du Erfarungen, Iddien, Wënsch oder Kritik un de Bicherboxen, déi's de mat eis deele wëlls? Da schreif eis gär op: vivre-ensemble@kanton-reiden.lu

Merci fir däin Engagement an däi Bäitrag!



APPEL AU DON DE LIVRES

TU AS DES LIVRES QUI CHERCHENT UN NOUVEAU PROPRIÉTAIRE ?

APPORTE-LES CHEZ NOUS !



Savais-tu que dans 9 communes sur 10 du « Wëlle Westen » (canton de Redange et commune de Mertzig), il existe une boîte à livres ? Ces boîtes à livres sont de petits coffres aux trésors où chacun peut prendre ou déposer des livres. Elles invitent à la découverte et à l'exploration, et surtout à offrir une seconde vie à un livre en bon état.

Les communes du canton de Redange ont décidé ensemble de valoriser les boîtes à livres pour leurs citoyen-ne-s. C'est pourquoi nous sommes à la recherche de livres en bon état.

Tu as des livres en bon état chez toi que tu ne lis plus ? Partage-les avec d'autres ami-e-s de la lecture et offre-

leur une deuxième vie dans l'une des boîtes à livres.

Tu peux déposer tes livres jusqu'au 31.12.2025 à Useldange, à la TouristInfo (sur rendez-vous) : Tourist-Info Wëlle Westen, 1 Am Millenhaff, L-8706 Useldange, tél. : 28 33 45

Nous les trierons et les répartirons dans les différentes boîtes à livres de la région !

Tu as de l'expérience, des idées, des souhaits ou des critiques concernant les boîtes à livres que tu aimerais partager avec nous ? Alors écris-nous à : vivre-ensemble@kanton-reiden.lu

Merci pour ton engagement et ta contribution !



KANTON REIDEN

VIVRE ENSEMBLE



TouristInfo Wëlle Westen
1, Am Millenhaff
L-8706 Useldange

(+352) 28 33 45
vivre-ensemble@kanton-reiden.lu

Sauna-Event

OKTOBERFEST

Vendredi, le 17/10/2025 de 19h00 – 24h00

Aufguss & Apéritifs & Buffet & 1 bon pour une boisson gratuite au choix

Prix par personne: 60€

« Ambiance festive non silencieuse »

Paielement en avance, à la réception ou par virement bancaire
BILLULL IBAN LU50 0023 1697 3266 7000
Jusqu'au 10 octobre 2025

En cas d'annulation à court terme nous retenons 40€ afin de couvrir nos frais

Inscription par tél.: 00352/23620032-1 ou par email: info@reidener-schwamm.lu



Umbrella
Miniprojet

Kultur

Nohaltegkeet

Circular economy

Hutt Dir eng Iddi fir e Miniprojet ronderëm
Kultur, Nohaltegkeet oder Circular Economy?



LEADER Wëlle Westen
ënnerstëtzt innovativ
Miniprojeten mat engem Subside
vu bis zu 4.000 €.
Projete mat Jugendpartizipatioun
kréie Prioritéit.

Weider Informatiounen,
d'Konditiounen & **version FR**
leader.lu/wellewesten





Mir bauen äert gesond Doheem aus Holz

Kompromësslos ökologesch a
sécher näischt vun der Staang.

Schlëselfäerdeg vun A bis Z.
Op Wonsch och vun A op B.

LETZBURGERMEESCHTER BETRIEB - ZËNTER 1999



Inter Toiture est une société luxembourgeoise, située à Redange-sur-Attert, que j'ai fondée en 1999. En près d'un quart de siècle, elle est devenue une adresse incontournable dans le domaine de la construction en bois et de la rénovation de toiture au Luxembourg.

Même si, à l'origine, l'activité d'Inter Toiture était principalement orientée vers la construction de charpentes et la pose de toiture, j'ai su faire évoluer mon offre et je me suis progressivement tourné vers la construction de maisons, d'annexes, l'isolation thermique ou encore la pose de fenêtres de toit.

Depuis 2013, mon fils Dominique Gérard a rejoint l'entreprise familiale afin de me seconder sur les chantiers. Selin, s'occupe de la comptabilité et s'occupe de toute la partie administrative de l'entreprise.

Nous accordons une grande importance à la formation continue de notre personnel car nos hommes sont la clé de vôûte de notre réussite et ils sont les garants de notre savoir-faire.

Avec nous, la construction en bois prend tout son sens !

INTER TOITURE

BAUEN MAT HOLZ . RÉIDEN

Z.A. Solupla . Redange/Attert . Tél.: +352 26 88 00 90 . info@intertoiture.lu



CUISINES EQUIPEES & MOBILIER SUR MESURE



Porte Ouverte: le 20 & 21/09 de 10h à 16h.

Conditions spéciales & Devis gratuit



www.redange-interieur.lu
info@redange-interieur.lu

ZAE SOLUPLA ☎ +352 691 222 016 ☎ +352 28 79 72 99
Rue de Niederpallen 32^E L-8506 Redange-sur-Attert

KANTON RÉIDEN SPORTS

WAASSERSPORT-KOLONIE ZU ELBURG: ENG WOCH VOLLER TEAMGEEESCHT AN ABENTEUER



© Kanton Réiden

Moies, den 19. Juli, war et esou wäit: d'Waassersport-Kolonie vum Service Sports stoung un. Iwwer 380 km ass et fir eis op Elburg (NL) beim Veluwemeer – e kënschtlech ugeluechte Mier – gaangen.

36 sportbegeeschtert Kanner a Jugendlecher haten d'Méiglechkeet, Wandsurfen oder Catamaran-Seegelen ze léieren, bezéiungsweis hir Technik ze verfeinere. D'Méiglechkeet, de Seegel- oder Wandsurfschäin ze maachen, gouf och ugebueden an och genotzt.

Um Waasser si mir awer och Kayak a Stand-Up-Paddle fuere gaangen. De Rescht vun der Zäit hu mir eis mat Aktivitéiten ewéi Wikingerschach, Beachvolleyball, Trampolinsprangen oder Basketball ausgetoobt.

D'Zesummenhalt, sportlech an opreegend - dat war d'Kolonie fir mech an 3 Wierder.

Wat d'Owesiesse betrëfft, huet jiddereen eng Hand mat ugepak: an deenen eenzelen Haiser, op déi de Grupp um Ufank vun der Vakanz opgedeelt gi war, gouf gekacht – an, wann d'Wieder et erlaabt huet, hu mir all zesumme bausse giess.

De leschten Dag gouf mat enger Ronn Waasser-Rugby gestart. Am Uschloss gouf eng kleng Reflexiounsrönn gemaach, ier mir en Ausfluch an d'Stad Elburg gemaach hunn. De leschten Owend hu mir du mat Gegrilltem an enger Beachparty ausklénge gelooss, bevir et den nächste Moien erëm zrëck op Lëtzebuerg gaangen ass.



COLONIE DE SPORTS NAUTIQUES À ELBURG : UNE SEMAINE PLACÉE SOUS LE SIGNE DE L'ESPRIT D'ÉQUIPE ET DE L'AVENTURE

Une semaine sportive pleine d'énergie et d'évasion a débuté le lundi 19 juillet avec le lancement tant attendu de la colonie de sports nautiques organisée par le Service Sports.

Nous avons parcouru plus de 380 km pour rejoindre Elburg, au bord du Veluwemeer – une mer artificielle.

36 enfants et adolescents passionnés de sport ont eu la chance d'apprendre la planche à voile ou la voile en catamaran, ou de perfectionner leur technique. Il était aussi possible de passer le brevet de voile ou de planche à voile – ce que certains ont d'ailleurs fait.

Sur l'eau, nous avons aussi fait du kayak et du stand-up paddle. Le reste du temps, nous nous sommes défoulés avec des activités

comme le jeu d'échecs viking, le beach-volley, le trampoline ou encore le basket-ball.

« Esprit d'équipe, sportif et excitant » – c'est ainsi que je résume la colonie en trois mots.

En ce qui concerne les repas du soir, tout le monde a mis la main à la pâte : dans chaque maison (le groupe avait été réparti au début des vacances), on cuisinait – et lorsque le temps le permettait, nous mangions tous ensemble dehors.

Le dernier jour a commencé par une partie de rugby aquatique. Ensuite, nous avons pris un moment pour réfléchir ensemble, avant de partir en excursion dans la ville d'Elburg. Nous avons terminé notre dernière soirée avec un barbecue et une

beach party, avant de reprendre la route vers le Luxembourg le lendemain matin.

Léonie Mangen, 17 ans



Kanton Réiden
Service Sports
33, Grand-Rue
L-8510 Redange / Attert

(+352) 26 621 705
sports@kanton-reiden.lu
sportkreesatert.lu

ELTEREPARTNERSCHAFT AM FOYER DE JOUR A BUTZEN: ENG PARTNERSCHAFT, DÉI GELIEFT GËTT!



„Géigesäitegt Vertrauen ass méi wichteg wéi géigesäitegt Verstoen“ – dëst Zitat vun der Marie von Ebner-Eschenbach bréngt genau op de Punkt, wat eis Zesummenaarbecht mat den Elteren ausmécht: Vertrauen, Oppenheet a géigesäitege Respekt.

D'Elteren hu bei A Butzen eng ganz wichteg Roll. Hir Erfarungen, hiert Vertrauen an hiert Matwierkung hunn eng grouss Bedeitung an eisem Alldag. Eng gelongen Elterepartnerschaft baséiert op géigesäitegem Respekt an dem gemeinsame Wonsch, all Kand beschtméiglechst ze begleeden an ze fërderen.

Bei A Butzen setze mir bewusst op eng partnerschaftlech Bezéiung zu de Familljen. Mir begéinen alle Familljen onni Virurteeler an op Aenhéicht – onofhängeg vun hirer Kultur, hirer Sprooch oder spezifesche Besoinen. Mir huelen eis Zäit fir nozelauschteren, Froen ze beäntweren, huelen hir Suergen a Problemer eescht a probéieren all Famill mat Rot an Dot zur Säit ze stoen.

Besounesch wichteg ass eis en empatheschen a rouege Start an d'Crèchen-Zäit. An der Adaptatiounsphas begleede mir net nëmmen d'Kanner, mee och d'Elteren intensiv a ginn domat all Famill d'Chance douce a sécher bei eis unzekommen.

D'Eltere sinn och am weidere Verlaf vum Crèchen-Alldag ëmmer wëllkomm: beim Spill um Airtramp, op Ausflich oder bei villen aneren Aktivitéiten an der Crèche. E puer besounesch Momenter am Joer sinn eis gemeinsam Evenementer, wéi d'Mammendags- a Pappendagsfeieren, eist Summerfest, d'Chrëschtfeier an d'Kannerwoch, déi säit e puer Joer am ganze Land organiséiert gëtt.

Well eis d'Meenung vun eisen Eltere wichteg ass hu mir hinnen d'Wuert ginn. Si erziele vun hire perséinlechen Andréck, Erfarungen an deene schéine Momenter, déi si zesumme mat hire Kanner an eise Strukturen erlieft hunn.

PARTENARIAT AVEC LES PARENTS AU FOYER DE JOUR A BUTZEN : UN PARTENARIAT VÉCU AU QUOTIDIEN !

« La confiance réciproque est plus importante que la compréhension mutuelle » – cette citation de Marie von Ebner-Eschenbach résume parfaitement ce qui caractérise notre collaboration avec les parents : confiance, ouverture et respect mutuel.

Les parents jouent un rôle essentiel chez A Butzen. Leurs expériences, leur confiance et leur implication sont d'une grande importance dans notre quotidien. Un partenariat réussi avec les parents repose sur le respect mutuel et sur le souhait commun d'accompagner et de soutenir chaque enfant de la meilleure manière possible.

Chez A Butzen, nous misons consciemment sur une relation de

partenariat avec les familles. Nous rencontrons toutes les familles sans préjugés et sur un pied d'égalité – indépendamment de leur culture, de leur langue ou de besoins spécifiques. Nous prenons le temps d'écouter, de répondre aux questions, de prendre au sérieux leurs soucis et difficultés et nous essayons de soutenir chaque famille avec conseils et aide concrète.

Un départ empathique et serein dans le temps de crèche nous tient particulièrement à cœur. Pendant la phase d'adaptation, nous accompagnons non seulement les enfants, mais aussi les parents de manière intensive, afin d'offrir à chaque famille la possibilité d'arriver chez nous en douceur et en toute sécurité.

Les parents sont également toujours les bienvenus dans le quotidien de la crèche : pour jouer sur l'Airtramp, lors de sorties ou à l'occasion de nombreuses autres activités. Certains moments partagés au cours de l'année nous tiennent particulièrement à cœur : la fête des mères et la fête des pères, notre fête d'été, la célébration de Noël ainsi que la Semaine de l'enfant, organisée depuis plusieurs années dans tout le pays.

Parce que l'avis de nos parents est important pour nous, nous leur avons donné la parole. Ils racontent leurs impressions personnelles, leurs expériences et les beaux moments qu'ils ont vécus avec leurs enfants dans nos structures.

„D'Crèche A Butzen bitt vill Aktivitéiten un, wou d'Eltere kënnen matmaachen. Ech huele gären dorun Deel, et ass eng familiär Atmosphär an et ass flott ze erliewe wéi d'Kanner an d'Educatrice mat Freed derbäi sinn“.

– Michèle

« La crèche propose de nombreuses activités où les parents peuvent participer. J'aime y prendre part, l'ambiance est familiale et c'est un plaisir de voir les enfants et les éducatrices s'investir avec autant de joie. »

– Michèle



© Kantton Réiden



© Kantton Réiden

„Et ass schéin d'Méiglechkeet ze hunn d'Kand an engem aneren Ëmfeld wéi Doheim ze erliewen. Et gesäit ee, wéi vill mat de Kanner geschafft gëtt a bei all Aktivitéit ass ëmmer eng ganz familiär Atmosphär, wat immens schéin ass. Och fir d'Kanner ass et e ganz wichtige Moment, fir hiren Elteren ze weisen, wat si alles an der Crèche schaffen.“

– Sandra

« C'est une belle occasion de découvrir son enfant dans un autre cadre que la maison. On voit combien il est travaillé avec les enfants, toujours dans une atmosphère très familiale. Pour eux aussi, c'est un moment important pour montrer à leurs parents ce qu'ils apprennent à la crèche. »

– Sandra

„Ech fannen et flott, dass mir als Elteren esou dacks d'Méiglechkeet hunn, um Alldag vun eise Kanner deelzehuelen an dëst un ëmmer neien a flotten Aktivitéiten. Dat baut Vertrauen op an et fillt ee sech wuel“.

– Samantha

« Je trouve très chouette que, nous les parents, ayons si souvent l'occasion de participer au quotidien de nos enfants à travers des activités variées et ludiques. Cela crée de la confiance et on s'y sent bien. »

– Samantha



© Kantton Réiden



© Kantton Réiden

„Mir fannen et ëmmer schéin en Abléck an den Alldag vun de Kanner ze kréien. Et si Momenter un déi ee gären zeréckdenkt. Egal op am Bësch, bei Spiller dobaussen oder fir zesumme Musik ze maachen. Einfach flott!“

– Laura a Michel

« Nous aimons toujours avoir un aperçu de la journée de nos enfants. Ce sont des moments dont on se souvient avec tendresse – que ce soit en forêt, lors de jeux en plein air ou en faisant de la musique ensemble. Juste merveilleux ! »

– Laura et Michel



„Et erméiglecht eis déi flott Momenter, déi mir soss ëmmer nëmmen aus dem Erziele kennen, kënnen matzeerliewen. D'Elterepartnerschaft hunn ech hei bei A Butzen kenne geléiert an ech schätzen dës immens, fir eis als Elteren an awer och fir d'Kanner, déi mat Houfert alles weise kënnen. Eng Crèche soll nik just eng Plaz sinn, wou een d'Kanner ofgëtt, well ee muss schaffe goen. Ech fannen et wichteg wat bei A Butzen am Alldag geleescht gëtt a wëll probéieren daat ze ënnerstëtzen.“

– Julie

« Chez A Butzen, j'ai découvert le partenariat avec les parents et je l'apprécie beaucoup – pour nous, mais aussi pour les enfants, fiers de montrer ce qu'ils font. Une crèche ne doit pas seulement être un lieu où l'on dépose son enfant ; je trouve formidable tout ce qui est fait ici et j'essaie de le soutenir »

– Julie

„Ech war bei enger Aktivitéit vum Sportkrees zu Ell derbäi – eng schéin Erënnerung. Et si Frëndschafte tëscht den Elteren an eise Kanner entstan, an ech hoffen, datt se nach laang halen.“

– Véronique

« J'ai participé à une activité du cercle sportif à Ell – un beau souvenir. Des amitiés se sont créées entre les parents et nos enfants, et j'espère qu'elles dureront encore longtemps. »

– Véronique



**KANTON
REIDEN**

ENFANCE



Kanton Réiden Service Enfance

A Butzen Ell
2, Op der Tonn
L-8531 Ell

(+352) 26 02 45-75

A Butzen Reichlange
1A, Rue MGR Jean Bernard
L-8558 Reichlange

(+352) 26 02 45-30

abutzen@kanton-reiden.lu
abutzen.lu

ATERT LYCÉE RÉIDEN

DIPLOMFEIER AM ALR

CÉRÉMONIE DE REMISE DES DIPLÔMES À L'ALR



D'Klass (1CE) mat de beschte Resultater.
La classe (1CE) avec les meilleurs résultats.

Freides, de 4. Juli, war déi grousse Diplomfeier am ALR. 104 Primaner hunn hire Premièresdiplom vun der Madame Martine Molitor, Première Conseillère am Éducationnsministère, ënnert dem Applaus vun Elteren, Enseignanten an de lokale Politiker aus dem Kanton Réiden iwwerrecht kritt.

De Festsall vum Atert-Lycée war mat 400 Leit bis op de leschte Stull gefëllt, d'ALR-Chorale an d'ALR-Brassband hu fir eng feierlech Stëmmung gesuergt. Den Direkter Jeff Kohnen huet a senger Usprooch déi exzellente Resultater ervirgehuewen: Am Enseignement classique hu 94 % den Examen gepackt – 11 % méi wéi déi nationale Moyenne. Vu 56 Schüler*innen hu just zwee en Noexamen an een en Echec gehat.

Och am Enseignement général louch den Taux de réussite 8 % iwwer der nationaler Moyenne. Bei der Techniker-Formation hunn déi 14 Schüler*innen aus de Sektione Commerce a Gebäudetechnik all hiren Ofschloss gepackt.

Véier vun eise Lauréate hu mat enger Moyenne vun op d'mannst 52 Punkten eng Mention „Excellent“ erreecht a goufen mat engem spezielle Cadeau géiert.

No der offizieller Zeremonie goufen d'Gäscht op eng Rezeption invitéiert, an d'Feier ass bis spéit an den Owend eragaangen.

Le vendredi 4 juillet, l'ALR a célébré la remise des diplômes de 104 élèves de terminale. Madame Martine Molitor, Première Conseillère au ministère de l'Éducation, leur a remis leur diplôme sous les applaudissements des familles, enseignants et élus du canton de Redange.

La salle des fêtes était comble, animée par la chorale et le brass band du lycée. Le directeur Jeff Kohnen a salué les excellents résultats : en enseignement classique, 94 % de réussite, soit 11 % de plus que la moyenne nationale. Sur 56 élèves, deux ont passé un rattrapage, un seul a échoué.

En enseignement général, le taux dépassait aussi la moyenne nationale de 8 %. Les 14 élèves des sections commerce et techniques du bâtiment ont tous réussi leur examen final.

Quatre lauréats ont obtenu une mention « Excellent » et reçu un cadeau du lycée.

La soirée s'est clôturée par une réception conviviale et festive.

ALR U READY 2025 – EAT. MOVE. REPEAT.: ENG GELONGEN 2. EDITIOUN AM ATERT LYCÉE RÉIDEN

ALR U READY 2025 – EAT. MOVE. REPEAT. : UNE 2^e ÉDITION RÉUSSIE À L'ATERT LYCÉE RÉIDEN



Vum 1. bis de 4. Abrëll 2025 huet den Atert Lycée Réiden déi zweet Editioun vu sengem Projet „ALR U Ready“ fir d'Klassen aus der Voie de préparation organiséiert. Ënnert dem Motto „Eat. Move. Repeat.“ hunn 150 Schüler geléiert, e gesonden an aktive Liewensstil z'entwéckelen a gläichzäiteg sozial Kompetenzen an den Teamgeescht ze stäerken.

D'Woch huet kulinarisch Atelierer, sportlech Aktivitéiten an Interventioune vun Experten ëmfaasst. Een Highlight waren d'„Westlandgames“: all Klass huet eng kreativ Devise mat Choreografie presentéiert an u sportlechen a gemeinschaftleche Challenges deelgeholl. Déi bescht goufe mat enger Kinosortie belount.

D'Woch gouf vu Schüler a Proffen als beräicherend erlieft. De Lycée seet allen, déi zum Erfolleg bäigedroen hunn, e grouse Merci – besonnesch dem Team vun den Enseignanten, dem Gesondheitsministère an dem Programm „Gesond iessen. Méi beweegen.“. D'Schoulgemeinschaft freet sech schonn op déi drëtt Editioun.

Du 1er au 4 avril 2025, l'Atert Lycée de Redange a organisé la deuxième édition de son projet « ALR U Ready » à l'intention des classes de la Voie de préparation. Sous le slogan « Eat. Move. Repeat. », 150 élèves ont appris à adopter un mode de vie sain et actif, tout en renforçant leurs compétences sociales et leur esprit d'équipe.

La semaine a été rythmée par des ateliers culinaires, des activités sportives et des interventions d'experts. L'un des moments forts fut les « Westlandgames » : chaque classe a présenté une devise créative accompagnée d'une chorégraphie, avant de participer à des défis sportifs et collectifs. Les meilleures prestations ont été récompensées par une sortie au cinéma.

La semaine a été vécue comme une expérience enrichissante tant par les élèves que par les enseignants. Le lycée adresse un grand merci à toutes les personnes ayant contribué au succès du projet – en particulier à l'équipe des enseignants, au ministère de la Santé et au programme « Mieux manger. Bouger plus. ». La communauté scolaire se réjouit déjà de la troisième édition.

CAMPAGNE „MAM VËLO AN DEN ALR“ 2025



D'Gewënner vun dëser Editioun. / Les vainqueurs de cette édition.

Vum 24. Juni bis den 1. Juli hu vill Schüler an ALR-Mataarbechter un eiser Aktioun „Mam Vëlo an den ALR“ deelgeholl a si mam Vëlo an de Lycée gefuer.

75 Schüler an 19 Persoune vum Personal si während de sechs Deeg aktiv gewiescht. Als Belounung kruten si moies e Croissant, e Jus, e Stéck Uebst an e puer Gadgets. Am Ganze goufen esou 5128 km vu Schüler an 1280 km vum Personal zréckgeluecht.

De Luc Micket (5CL1) huet mat 284 km nees déi 1. Plaz beluecht, virum Pit Richartz (6G3) an de Bridder Samuel (5C5) a Benjamin Roels (7C2). Bei de Klassen hunn d'7C2, 7C3 an 7C1 déi bescht Leeschtunge bruecht. Besonnesch ausgezeechent goufen och déi, déi all Dag matgefuer sinn – trotz Reen a Summerhëtzt.

Beim Personal koumen de Steve Mondaini, d'Sabrina Bravaccini an den Alexis Schloesser op de Podium. D'Sportsdepartement krut e Präis fir déi meescht Kilometer (310 km).

D'Präisser konnten dank eise ville lokale Sponsoren iwwerrecht ginn. E grouse Merci u si alleguer!

D'Editioun 2025 war en Erfolleg – Merci un all déi, déi mat oder ouni Vëlo dozou bäigedroen hunn!



D'Organisatiounsgrupp / L'équipe d'organisatioun

Du 24 juin au 1^{er} juillet, de nombreux élèves et membres du personnel de l'ALR ont participé à l'action Mam Vëlo an den ALR.

Pendant six jours, 75 élèves et 19 adultes sont venus à vélo au lycée. En guise de récompense, un petit déjeuner leur a été offert : un croissant, un jus, un fruit et quelques gadgets. Au total, 5.128 km ont été parcourus par les élèves et 1280 km par le personnel.

Luc Micket (5CL1) a remporté la première place avec 284 km, suivi de Pit Richartz (6G3), et des frères Samuel (5C5) et Benjamin Roels (7C2). Les classes 7C2, 7C3 et 7C1 ont été les plus actives.

Des prix ont aussi été remis aux participants les plus assidus malgré la pluie et la chaleur. Chez le personnel, Steve Mondaini, Sabrina Bravaccini et Alexis Schloesser sont montés sur le podium. Le département de sport a reçu un prix spécial avec 310 km parcourus.

Les prix ont pu être remis grâce à nos nombreux sponsors locaux – un grand merci à toutes et à tous !

L'édition 2025 a été un vrai succès – merci à tous ceux qui y ont contribué, avec ou sans vélo !

NEIE BTS RESSOURCES HUMAINES AM ALR



Version FR



© ChatGPT

Zënter der Rentrée 2023/24 bitt den ALR en neie BTS (Brevet de Techniciens Supérieur) am Beräich vun de Ressources humaines un – eng Première zu Lëtzebuerg. Am Juli huet déi éischt Promotioun dës zweejäreg Formatioun (BAC+2) ofgeschloss. D'Simone Meyer an den John Klemmer koordinéieren dës BTS an äntweren op eis Froen.

Firwat e BTS an de Ressources humaines (RH) am ALR?
D'Iddi ass entstanen, well et mat engem Premières-Diplom ëmmer méi schwéier gëtt, eng interessant Aarbecht ze fannen. Gläichzäiteg gëtt et um lëtzebuergesche Marché en héije Besoin u qualifiziertem RH-Personal. Dës BTS soll eng Äntwert op dës konkret Nofro ginn.



© ALR

D'Coordinateure vum neie BTS – d'Simone Meyer an den John Klemmer
Les coordinateurs de ce nouveau BTS: Simone Meyer et John Klemmer

Wat léiert een an dëser Formatioun?

Nieft technesche Kompetenzen, wéi Recrutement, Personalentwécklung, intern Kommunikatioun, Bien-être op der Aarbechtsplaz, gëtt och e grouse Wäert op ménschlech a sozial Kompetenze geluecht – wéi Kommunikatiounsfäegkeet, Empathie, Teamfäegkeet oder Konfliktmanagement. D'Formatioun ass op eis lëtzebuergesch Realitéit ugepasst an a Kooperatioun mat der HR Community entstan.

Wat fir Perspektiven hunn Är Absolventen?

BTS-Diploméierter si staark um Aarbechtsmarché gefrot. Si kënnen direkt an de Beruff eraklappen oder weiderstudéieren. Den Avantage vun eisen RH-Diploméierten: si kennen d'lëtzebuergesch Aarbechtsrecht a kënnen direkt agesat ginn.

Wat si bis elo d'Erfaarungen?

Déi éischt Resultater si ganz positiv: All d'Studenten aus der éischter Promotioun hu scho wärend hirem Stage eng Aarbechtsoffer kritt. Dat ass fir eis eng kloer Bestätegung vun der Qualitéit vun eiser Formatioun, an och en Zeechen derfir, dass d'Roll vun de Ressources humaines an de Betriber ëmmer méi unerkannt gëtt an, dass qualifizéiert Leit an dësem Domaine gesicht ginn.



Atert Lycée Réiden
1, Rue du Lycée
L-8508 Redange / Atert

(+352) 26 62 32 200
secretariat@alr.lu
alr.lu

RÉIDENER JUGENDTREFF E SUMMER AM ZEECHE VU KREATIVITÉIT, WUELBEFANNEN A WELTOPPENHEET

De Réidener Jugendtreff kuckt op een intensiven, kreativen an aktive Summer zréck. Verschidde vun eise Projeten hunn de Jonken d'Méiglechkeet ginn, sech auszadrécken, sech selwer besser kennen ze léieren a Verbindungen zu anere Mënschen opzebauen.



E Projet iwver déi mental Gesondheet

Mat der Ënnerstëtzung vun der Fondation André Losch hält dës Projet déi mental Gesondheet an de Mëttelpunkt. Déi Jonk kënnen hir Emotiounen a kënntlereschen Atelierien zum Ausdrock bréngen – duerch Fotoen, Molerei, Bitzen oder Schreiwen. Reflexiounsweekender bidden zousätzlech Raum fir sech selwer besser kennenzelieren.

Op Wonsch vun de Jonken hi gouf och eng Déieremediatioun iwver d'Reiden agefouert – de rouege Kontakt mat Päerd stäerkt dat emotionaalt Gläichgewicht an d'Selbstvertrauen.

All dës Resultater ginn am Kader vun enger Ausstellung an engem Moudendefilé gewisen – eng staark a kreativ Méiglechkeet de Jonken eng Stëmm ze ginn.

Danz a kierperlech Ausdrocksform ronderëm d'Fro vum Geschlecht

Mat der Ënnerstëtzung vun der Œuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte gëtt an dësem Projet d'Fro vun de Geschlechter duerch Danz an Ausdrockskonscht erfuerscht. E kreative Spektakel, eng Konschtausstellung an eng Fotoportraitserie schléissen dës fräien an inklusive Projet of.

A nach villes méi...

De Réidener Jugendtreff bleift eng lieweg Plaz, wou ëmmer nei Projeten entstinn. Reegelméisseg gi Konschtatelierien organiséiert, déi et de Jonken erlaben, verschidde Forme vun der Kreativitéit kennenzelieren. Eng Sportsrees an d'Ausland huet an de Summerméint stattfonnt, grad ewéi eng kulturell Rees an Thailand – dozou méi an der nächster Editioun.

De Jugendtreff zu Réiden bitt de Jonken e Raum, an deem si fräi kënnen schwätzen, zesumme schaffe, sech fir anerer opmaachen an u Selbstvertraue wuessen. E breede Programm, deem d'Wichtigkeet vun engem engagéierten, empatheschen a kreativen Encadrement ënnersträicht.

Fir méi Infoen, kontaktéiert eis gären um 23 62 06 57 oder iwver eis Social Media Kanäl.

D'Ekipp vum Réidener Jugendtreff

UN ÉTÉ PLACÉ SOUS LE SIGNE DE LA CRÉATIVITÉ, DU BIEN-ÊTRE ET DE L'OUVERTURE

Au Réidener Jugendtreff, l'été 2025 était intense, créatif et engagé. Plusieurs projets y ont été menés pour permettre aux jeunes de s'exprimer, de se découvrir et de se connecter aux autres.



Un projet sur la santé mentale

Soutenu par la Fondation André Losch, un projet centré sur la santé mentale permet aux jeunes d'exprimer leurs émotions à travers des ateliers artistiques (photographie, couture, peinture, écriture) et des week-ends de réflexion.

À leur demande, une médiation animale par l'équitation a été ajoutée, le contact apaisant avec les chevaux, favorisant le bien-être émotionnel et la confiance en soi.

Le tout débouche sur une exposition et un défilé mettant en valeur leurs créations. Il s'agit d'une manière originale et puissante de faire entendre la voix des jeunes autour de cette thématique essentielle.

Danse et expression corporelle autour des questions de genre

Avec le soutien de l'Œuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte, un autre projet explore

les questions de genre à travers la danse. Un spectacle final, une expo artistique et une série de portraits photographiques viendront clôturer cette démarche d'expression libre et inclusive.

Et bien plus encore...

Le Réidener Jugendtreff reste un lieu dynamique, avec de nombreux autres projets en cours. Des ateliers artistiques réguliers permettent aux jeunes d'explorer diverses formes de création. Un voyage sportif à l'étranger est également prévu, tout comme un voyage culturel en Thaïlande, sur lequel nous reviendrons plus en détail dans notre prochain article.

Le Réidener Jugendtreff continue d'offrir un espace où les jeunes peuvent s'exprimer librement, créer ensemble, s'ouvrir aux autres et grandir en confiance. Un programme riche qui témoigne de l'importance de l'accompagnement attentif, bienveillant et innovant.

Vous pouvez nous contacter pour plus d'informations sur ce que nous avons à offrir aux jeunes de la région au 23620657 ou sur nos réseaux sociaux.

L'équipe du Réidener Jugendtreff



Jugendtreff a.s.b.l.
13, Grand-Rue
L-8510 Redange / Attert

(+352) 23 62 06 57
martine@mjredange.lu





25, rue Principale

L-8818 GREVELS

☎ 621 688 661 ✉ info@nova-fid.lu
☎ 621 650 880
☎ 621 720 776 🌐 www.nova-fid.lu

- Privat Steiererklärungen
- Grënnung vu Betriber
- Comptabilitéit
- TVA Deklaratioune
- Joresofschlëss
- Erstellung vu Zwëschesituatioune
- Kontakt mat den Administratioune
- Ufroe vu Subsiden
- Salairen
- Perséinlech Berodung



JANS

jans.lu/redange

Appartementer Réiden

Verkauf vun 2 héichwäertege
Wunnengen an der Residence
PRETTY GREEN
107m² an 110m²

ab
1.097.490€

Adress:
1, Un der Atert
L-8512 Réiden



JANS | 4, rue Tom L-9651 Eschweiler | +352 621 199 851 | info@jans.lu

INTERVIEW MAM DANY OESTREICHER, DIREKTER VUM HPPA RÉIDEN

Zu Réiden befënnt sech déi eenzeg Wunnstruktur fir eeler Leit aus eisem Kanton. Dës gehéiert der asbl Homes pour Personnes Âgées (HPPA), déi hiren Ursprung an der Congrégatioun vun de Franziskanerinnen der Barmherzigkeit aus Lëtzebuerg huet. HPPA bedreift 6, geschwënn 7, Wunnstrukturen am ganze Land. Den Dany Oestreicher huet 2021 d'Leedung vum HPPA Réiden iwwerholl.



© HPPA

Här Oestreicher, kënn Dir lech kuerz virstellen?

Ech hu 35 Joer, sinn zu Bettenduerf opgewuess a wunnen haut mat menger Fra a menger 3-järeger Duechter am Zentrum vum Land. Während der Hotelsschoul zu Dikrech hunn ech e Stage am HPPA Réiden an der Kiche gemaach an de Kontakt zur Ekipp ëmmer bäibehalen. No Dikrech sinn ech op Bréssel Hospitality and Tourism Management studéiere gaangen.

Zënter wéini sidd Dir hei Direkter?

2019 hunn ech hei als Responsabel vun der Hotellerie ugefaang. 2021 hunn ech d'Direktioun vum Haus iwwerholl, nodeems de Christian Ensich an d'Generaldirektioun vun HPPA gewiesselt huet.

Wat huet lech bei dëser Missioun ugesprach?

Fir mech ass et eng flott Erausforderung, d'Haus mat senger staarker Ekipp, déi mir déi néideg Sécherheet gëtt, an déi nächst Joren ze féieren.

PRIORITÉITEN & WAARDELËSCHT

Fir ween ass den HPPA Réiden geduecht?

D'Gemengen aus dem Kanton hu sech un den Investitiounskäschte bedeelegt an iwwert eng Konventioun hunn d'Awunner aus dem Réidener Kanton Vürrang. Zweet Prioritéit hunn déi Leit, déi e Kand am Réidener Kanton wunnen hunn. Als drëtt kommen all aner Persounen. De Mindestalter ass 65 Joer. Fir eligibel ze sinn, muss Dir op der Waardelëscht ageschriwwen sinn.

Firwat ass et wichtig, dass ee sech méiglechst fréi op der Waardelëscht aschreift?

D'Prioritéit gëtt nom Aschreiwungsdatum verginn, wat e méi laang drop ass, wat ee méi eng héich Prioritéit huet. Eng Aschreiwung obligéiert awer net, tatsächlech an d'Haus ran ze kommen, wann een deen nächsten op der Lëscht ass. Eng Aschreiwung bei eis am Haus zu Réiden bezitt sech nëmmen op eist Haus, mir hu bei HPPA keng zentral Waardelëscht. Schreift lech also gäre preventiv an, de Formulaire fannt Dir op hpa.lu oder mellt lech bei eis an der Rezeptioun fir de Formular ze kréien. Eis Waardelëscht an d'Admissiounen sou wéi d'Gestioun vun der Zëmmerverdeelung gëtt vun enger Commission de surveillance kontrolléiert, hir Membere gi vum Syndikat Kanton Réiden nominéiert.



Den HPPA vu Réiden huet momentan 136 Kummeren, dorënner och 3 Duebelkummeren.

Säit Januar sinn 20 nei Admissiounen gemaach ginn (Stand Juli 2025)

De Kanton Réiden huet mat insgesamt 6.75 mio € bei den zwou Bauphase bedeelegt.

Le HPPA de Redange dispose actuellement de 136 chambres, dont 3 chambres doubles.

Depuis janvier, 20 nouvelles admissions ont été effectuées (situation en juillet 2025).

Le canton de Redange a participé aux deux phases de construction pour un montant total de 6,75 millions d'euros.

Wéi grouss ass d'Waardelëscht?

Dat hänkt vun der Gemeng of, well all Gemeng eng bestëmmten Unzuel u Kummeren zousteet.

WÄERTER & ALLDAG

Wat zeechent Äert Haus aus?

De Mënsch steet bei eis am Mëttelpunkt. Mir schafen een Doheem, wou de Bewunner sech gebuerge fillt a mir passen eis senger Routine un, net ëmgedréit. Wann zum Doheem och en Hausdéier gehéiert, dierf dat mat anzéien. Besuchszäiten hu mir keng – Gäscht sinn ëmmer wëllkomm. Eis Wäerter baséieren um Leitbild vun de Franziskanerinnen a mir schaffen nom psychobiografesche Fleegemodell vum Prof. Böhm.

Wéi gesäit den Alldag an Ärem Haus aus?

Mir hunn e puer fix Punkten am Dag: de Kaffisdësch mueres tëscht 8 an 10 Auer, d'Mëttegiessen um 12 an d'Nuechtiesse vun 18 Auer un.

All Dag ginn op d'mannst zwou Aktivitéiten ugebueden, fir méi a manner fit Bewunner. Reegelméisseg gi mir op Ausfluch, an eemol d'Joer geet et an d'Vakanz mat eise Bewunner an och mat Rollstullfuierer.

Dënschdes Oves ass eise familiäre Bistro „Kropemann“ vun 19 bis 21 Auer op, wou och Gäscht vu baussen häerzlech wëllkomm sinn. Mir hunn och en HPPA Chouer, deen all Joer e Concert gëtt. Mir kréie reegelméisseg Besuch u Crèchen, Schoulen a Veräiner.

STRUKTUR & PERSONAL

Wéi setzt sech Är Ekipp zesummen?

De Moment hu mir 126 Mataarbechter, vun deenen iwwer d'Hallschecht am Réidener Kanton wunnt. Mir beschäftegen eist eegent Personal fir d'Kichen, d'Botzen an handwierklech Aarbechten. De gréissten Deel schafft an der Fleeg an an der Betreiwung vun eise Bewunner (ongeféier d'Hallschent vun de Mataarbechter), d'Hotellerie beschäftegt ronn 40 Persounen, déi aner deele sech op Administratioun an Handwierk op.

Wat sinn Är Erausfuierungen?

Wéi am ganze Land an iwwerall am Fleegesector, hu mir mam Fachkräftemangel ze kämpfen. Fir deem entgéintzewierken, bilde mir och selwer aus an ënnerstëtze Weiderbildung genaug sou wéi Quereinsteiger a Leit déi eng Formatioun en cours d'emploi bei eis maachen. Mir siche permanent Mataarbechter an all Beräich.

D'Fleegerberuffer hunn also Zukunft?

Wann Dir e Beruff sicht, wou Dir sécher eng Plaz fannt, mat Mënsche schafft an dat ënnerstëtze gudder Conditionen (Kollektivvertrag), da bitt de Fleegesector fir all Qualifikatioun interessant Méiglechkeeten.

KÄSCHTEN & ENNERSTËTZUNG

Wéi vill kascht eng Kummer pro Mount?

Fir eng Standardkummer läit de Loyer pro Mount bei 3.002,37 €. An deem Präis si Vollpensioun, Soins, Botzen, 24/7 Infirmier-Garde, Gemengentaxen a Versécherung abegraff. D'Fleegerversécherung iwwerhëlt zousätzlech Fleegeprestatiounen. Käschte wéi z.B. Coiffeur, extra Gedränk, Pedikür... kommen derbäi. Wéinst Präissteigerungen op verschidden Niveau'en an deene leschte Méint wäerte mir de Loyer 2026 mussen no uewen upassen.



A wa sech een dat net leeschte kann?

De Fonds National de Solidarité (FNS) hëlleft deene Leit déi net genuch Pensioun hunn an och weider keen Akommes oder aner finanziell Mëttel hunn. An dëse Fäll hëllef mir de Leit och bei de Paperassen. Jiddereen deen eng Krankeversicherung huet ka sech am Prinzip eng Plaz leeschten.

ENTWÉCKLUNG & PROJETEN

Wat sinn aktuell Projeten?

Dat 7. Haus vum HPPA si mer amgaangen zu Äischen ze bauen, d'Aschreiwunge lafen.

Zu Kietscht an der Gemeng Rammerech hu mer een Terrain kaaft fir eng weider Struktur.

Mir sinn am gaangen eis Kommunikatioun ze moderniséieren (neie Logo an neien Internet-Site zënter Juli 2025). Vill Energie fléisst am Moment och an d'Digitalisatioun (Fleegedokumentatioun, administrativ asw.).

MESSAGE U POLITIK A BIERGER

Wat fir e Message hutt Dir un d'Politik?

E grouse Merci un d'Gemengen aus dem Réidener Kanton fir déi gutt Zesummenaarbecht an den onkomplizéierte Kontakt.

Un déi national Politik: Vergiesst de Fleegesector net! Nieft dem elo scho ganz akute Personalmangel wäerten an deenen nächste Joren nach vill Infirmieren an Aidesoignant an d'Pensioun goen, an et récke bei wäitem net genuch Jonker no. Et muss elo gehandelt ginn, fir ze vermeiden, dass mir riicht an d'Mauer rennen.

Wat fir e Message hutt Dir un d'Lieser?

Kommt bei eis schaffen – maacht eng Demande op hppa.lu/jobs. Kommt eist Haus besichen an zéckt net mat eis Kontakt opzehuelen.

Schreift lech gäre preventiv an – mir hëllef lech dobäi.



INTERVIEW AVEC DANY OESTREICHER, DIRECTEUR DU HPPA REDANGE

À Redange se trouve la seule structure résidentielle pour personnes âgées de notre canton. Elle fait partie de l'asbl Homes pour Personnes Âgées (HPPA), issue de la Congrégation des Sœurs franciscaines de la Miséricorde du Luxembourg. HPPA gère actuellement six maisons de soins à travers le pays – bientôt sept. Dany Oestreicher a repris la direction du site de Redange en 2021.

Monsieur Oestreicher, pouvez-vous vous présenter brièvement ?

J'ai 35 ans, j'ai grandi à Bettendorf et je vis aujourd'hui avec ma femme et notre fille de 3 ans au centre du pays. Pendant mes études à l'école hôtelière de Diekirch, j'ai effectué un stage en cuisine au HPPA Redange et j'ai toujours gardé le contact avec l'équipe. Après cela, j'ai étudié la gestion hôtelière et touristique à Bruxelles.

Depuis quand êtes-vous directeur ici ?

J'ai commencé en 2019 comme responsable de l'hôtellerie. En 2021, j'ai repris la direction de la maison, après que Christian Ensich a été nommé directeur général de HPPA.

Qu'est-ce qui vous a motivé dans cette mission ?

C'est une belle mission de faire avancer cette maison dans les prochaines années, avec une équipe solide qui me donne la sécurité nécessaire.

PRIORITÉS ET LISTE D'ATTENTE À qui s'adresse le HPPA Redange ?

Les communes du canton ont participé aux frais d'investissement, et via une convention, les habitants du canton de Redange sont prioritaires. En deuxième priorité viennent les personnes ayant un enfant domicilié dans le canton. En troisième, toutes les autres personnes. L'âge minimum est de 65 ans, et il faut être inscrit sur la liste d'attente.

Pourquoi est-il important de s'inscrire le plus tôt possible ?

La priorité dépend de la date d'inscription : plus vous êtes inscrit depuis longtemps, plus vous montez sur la liste. Mais l'inscription ne vous oblige pas à emménager quand vient votre tour. Attention : chaque maison HPPA a sa propre liste d'attente, il n'y a pas de liste centrale.

Vous pouvez vous inscrire de manière préventive via le formulaire sur hppa.lu ou à la réception.

Les inscriptions, les admissions et l'attribution des chambres sont contrôlées par une commission de surveillance désignée par le Syndicat Kanton Réiden.

Quelle est la longueur de la liste d'attente ?

Cela dépend de la commune, car chacune dispose d'un certain nombre de chambres réservées.

VALEURS ET VIE QUOTIDIENNE Qu'est-ce qui distingue votre maison ?

La personne est au centre de nos préoccupations. Nous créons un véritable chez-soi où les résidents se sentent en sécurité, et nous nous adaptons à leur routine – pas l'inverse. Si un animal de compagnie fait partie de leur quotidien, il peut venir

avec eux. Il n'y a pas d'horaires de visite – les invités sont toujours les bienvenus.

Nos valeurs sont inspirées par la philosophie des Sœurs franciscaines et nous travaillons selon le modèle de soins psychobiographique du professeur Böhm.

Comment se déroule une journée type ?

Le petit déjeuner est servi entre 8h et 10h, le déjeuner à 12h et le dîner à partir de 18h.

Chaque jour, au moins deux activités sont proposées, qui s'adressent aussi bien aux résidents autonomes qu'aux moins autonomes.

Nous organisons régulièrement des sorties et une fois par an, des vacances – même avec des personnes en fauteuil roulant.

Le mardi soir, notre bistrot Kropemann est ouvert de 19h à 21h, et les visiteurs extérieurs y sont les bienvenus. Nous avons également une chorale HPPA qui donne un concert annuel. Crèches, écoles et associations viennent régulièrement nous rendre visite.





STRUCTURE ET PERSONNEL

Comment est composée votre équipe ?

Nous comptons actuellement 126 collaborateurs, dont plus de la moitié résident dans le canton.

Nous employons notre propre personnel pour la cuisine, le nettoyage et les travaux techniques. Environ la moitié des employés travaillent dans les soins et l'accompagnement des résidents. Le service hôtellerie compte environ 40 personnes, le reste est réparti entre l'administration et les services techniques.

Quels sont les défis ?

Comme partout dans le pays et dans le secteur du soin, nous faisons face à une pénurie de personnel qualifié. Pour y remédier, nous formons en interne, soutenons la formation continue, et intégrons aussi des personnes en reconversion ou en formation en cours d'emploi. Nous recrutons en permanence dans tous les domaines.

Les métiers du soin ont-ils de l'avenir ?

Si vous cherchez un emploi sûr, en contact avec les gens, avec de bonnes conditions (convention collective), le secteur du soin offre de belles opportunités pour tous les niveaux de qualification.

COÛTS ET AIDES

Quel est le coût d'une chambre par mois ?

Une chambre standard coûte 3.002,37 € par mois, incluant pension complète, soins, ménage, infirmerie 24h/24,

taxes communales et assurance. Les prestations de soins supplémentaires sont prises en charge par l'assurance dépendance. Des frais supplémentaires peuvent s'ajouter pour le coiffeur, les boissons spéciales, la pédicure, etc. En raison de la hausse des prix, une adaptation du loyer est prévue pour 2026.

Et si quelqu'un ne peut pas payer ?

Le Fonds National de Solidarité (FNS) aide les personnes ayant une pension trop faible et aucun autre revenu ou capital. Nous les accompagnons dans leurs démarches administratives. Toute personne affiliée à une caisse de maladie peut en principe financer une place.

DÉVELOPPEMENT ET PROJETS

Quels sont les projets en cours ?

Notre 7e structure est en construction à Eischen – les inscriptions sont ouvertes.

Nous avons également acquis un terrain à Kehlen, dans la commune de Rambrouch, pour un futur projet.

Nous modernisons actuellement notre communication (nouveau logo, nouveau site internet en ligne depuis juillet 2025).

Une grande partie de notre énergie est aussi consacrée à la digitalisation (documentation des soins, administration, etc.).

MESSAGES À LA POLITIQUE ET AUX CITOYENS

Quel message adressez-vous aux responsables politiques ?

Un grand merci aux communes du canton de Redange pour leur bonne coopération et leur accessibilité.

À l'échelle nationale : n'oubliez pas le secteur du soin ! En plus du manque de personnel déjà critique, de nombreux infirmiers et aides-soignants partiront bientôt à la retraite. Le renouvellement n'est pas suffisant. Il faut agir maintenant pour éviter de foncer droit dans le mur.

Et à nos lecteurs ?

Venez travailler chez nous – postulez sur hppa.lu/jobs. Venez visiter notre maison et n'hésitez pas à prendre contact avec nous.

Inscrivez-vous de manière préventive – nous sommes là pour vous accompagner.



HPPA Redange / Attert
2, Rue de l'Hôpital
L-8509 Redange / Attert

(+352) 27 13 40 00
hppa.lu

ERËNNERUNGEN AUS DEM LIEWEN

D'MARGOT COLJON ERËNNERT SECH



D'Margot bei der Abschiedsfeier am Café d'èst Joer.
Margot lors de la fête d'adieu au café cette année.

An dëser Editioun hu mir eis mam Margot Coljon, nei Awunnerin am Réidener Altersheem (HPPA) ausgetosch. D'Margot war 50 Joer laang Wiertsfra zu Ell am Café des Sports, wou och vill Veräiner an an ausgaange sinn. Mir kucke mat hir zréck op hiert laangt Liewen.

Wéini a wou sidd Dir gebuer?

Ech sinn den 2. September 1935 zu Ell gebuer. Mäi Gebuertsdag um Pabeier ass awer den 1. September, well et deemools falsch opgeschriwwen gouf an ni méi verbessert ginn ass.

Erzielt eis e bëssi iwwer Är Kandheet!

Ech war Einzelkand. Meng Mamm war vu Grendel, mäi Papp vun Ell. Heen hat seng Schränerei bei eis am Haus an der Nojenerstrooss zu Ell. Ech war bis an d'7. Schouljoer zu Ell; et gouf nëmmen ee Schoulmeeschter fir déi 8 Klassen. Duerno sinn ech op Atert (B) an d'Pensionat gaang, fir Franséisch ze léieren.

Gëtt et eng Erënerung aus Ärer Kandheet, déi lech besonnesch hänke bliwwen ass?

Am Wanter si mir d'Nojenerstrooss mam Schlitt erfrogejauft. Eng Kéier souze mir zu 4 drop, an op eemol sinn déi 2 viischt ofgesprongen. Du réischt hunn ech gesinn, dass dem Téid säi Mëllechcamion matzen um Wee stoung. Meng Frëndin an ech hunn eis séier gebéckt a si mam Schlitt ënnert dem Camion erduerch geflitzt. Dat war Chance! Eng Fra, déi eis gesinn huet, war duerno 8 Deeg krank!

Wat si schéi Momenter aus Ärer Jugendzäit?

Mat 17 Joer sinn ech op Bréissel an den Dénsgscht gaang an hu bei verschiddene Familljen de Stot gemaacht. Et huet mir gutt do gefall, déi Zäit goufen et vill Lëtzebuurger zu Bréissel a mir sinn donneschdes a sonndes ëmmer danze gaangen. D'Arbecht gouf gutt bezuelt, besser wéi zu Lëtzebuerg, ech hunn 3000 Frang de Mount verdéngt.

Wou hutt Dir Äre Mann kenne geléiert?

Mir hunn eis op engem Bal zu Bréissel kenne geléiert an hunn eis 1957 ouni vill Gedeessem do bestuet. Wéi mäi Mann, den Henri (Garlemant), 1958 eng Arbecht bei der ARBED fonnt huet, si mir zréck op Ell bei meng Eltere geplënnert. Déi Joren duerno krut ech meng 2 Bouwen.

Wéi ass et dozou komm, dass Dir viru 50 Joer de Café iwwerholl hutt ?

Well mäi Papp a mäi Mann net gutt eens gi sinn, hu mir zougesot wéi de Café des Sports mam Wunnhaus uewendriwwer fräi gouf. Deemools hat dat Gebai nach der Mousel-Brauerei gehéiert. Mäi Mann ass weider op Déifferdeng schaffe gaangen an ech hunn 1975 de Café iwwerholl.

Wat huet lech um Beruff vum Wiert gefall?

Ech hunn alt bei meng Grousselteren am Café zu Grendel ausgehollef, esou hunn ech kee Wierts-Examen méi bréichten ze maachen. Ech sinn e Mënsch, dee ganz gär ënner Leit ass. Meng Jongen hu vill mat mir gestriden, fir dass ech am Alter vun 90 Joer mam Café soll ophalen!



D'Margot iwwer d'Joren.
Margot au fil des années

Wat war dee schéinste Moment bis elo an Ärem Liewen?

Wéi de Fussballveräin SC Ell 2012 an der Coupe de Luxembourg géint Rouspert gewonnen hat an iwwer 200 Leit am Café waren, do gouf et keen Hannerzeg a kee Vijenzeg méi!

Wat war deen trauregste Moment bis elo an Ärem Liewen?

Viru ronn 25 Joer, krut ech eng gréisser Somm Sue geklaut. Deemools sinn d'Depositaire léiwer mat Boergeld bezuelt ginn, dowéinst hat ech esou vill Suen am Haus. Weeder eisen Hond, nach ee vun den 20 Clienten huet d'Abriecher bemierkt.

Wat ass Ärer Meenung no d'Geheimnis fir e laangt Liewen?

Einfach ëmmer zefridde si mat deem, wat een huet a sech net ze vill opreegen! Wann ee mol streit, ass dat Bescht et séier ze vergiessen.

Wat bedeit Zefriddenheet fir Iech?

Ech si frou, wann ech Leit ronderëm mech hunn, hei am Altersheem maachen ech d'Spiller och ëmmer all mat.

Wat fir e Rot hutt Dir fir déi jonk Generatioun vun haut?

Sicht Iech e Beruff, deen Iech gefält a schafftt gär!

Gesitt Dir Är Clienten nach heiansdo?

Jo, si komme mech bal all nach reegelméisseg an de Kropemannscafé hei am Altersheem besichen. Da ginn ech all Neiegkeete vun Ell gewuer a mir spille Rummikub oder Belote.

Mir soen dem Margot e ganz grouse Merci, dass si hier Erënnerunge mat eis gedeelt huet a wënschen hir eng flott Zäit am HPPA vu Réiden.



Beim Margot am Café an den Ufanksjoren.
Chez Margot au café, au début de sa carrière.



D'Margot ass am frouste wa vill lass war.
Margot est la plus heureuse quand il y a beaucoup de monde.



D'Margot huet d'Kazen an d'Hënn ganz gär.
Margot aime beaucoup les chats et les chiens.



D'Margot op engem Motorradausflug mat sengem Mann.
Margot lors d'une excursion à moto avec son mari.

MARGOT COLJON SE SOUVIENT...



Am Café ass vill gegecks, gedanzt, gesongen a gspillt ginn. D'Margot huet ëmmer gär bei allem matgemaacht. Au café, on riait beaucoup, on dansait, on chantait et on jouait. Margot aimait toujours participer à tout.

Margot Coljon est née le 2 septembre 1935 à Ell, même si son acte de naissance mentionne par erreur le 1^{er} septembre. Fille unique, elle a grandi dans la menuiserie familiale et a fréquenté l'école d'Ell jusqu'à la 7^e année avant de partir en pensionnat à Attert en Belgique pour apprendre le français. Parmi ses souvenirs marquants d'enfance, elle évoque une descente en luge qui aurait pu très mal finir : elle est passée sous un camion de lait avec une amie, sans se blesser.

À 17 ans, elle est partie travailler comme domestique à Bruxelles, où elle a apprécié l'ambiance conviviale et la bonne rémunération. C'est là qu'elle a rencontré son mari Henri, qu'elle a épousé en 1957. Après un retour à Ell et la naissance de leurs deux fils, elle a repris en 1975 le Café des Sports, un établissement appartenant alors à la brasserie Mousel. Son mari continuait à travailler à Differdange, tandis qu'elle gérait seule le café. Elle aimait ce métier,

étant sociable de nature, et n'a arrêté qu'à l'âge de 90 ans, malgré les insinuations de ses enfants.

Parmi ses plus beaux souvenirs figure la victoire contre Rosport de l'équipe de football locale, le SC Ell, lors de la Coupe de Luxembourg en 2012, célébrée par plus de 200 personnes dans son café. Elle se souvient aussi d'un événement plus douloureux : un vol chez elle d'une somme importante, il y a environ 25 ans.

Pour elle, le secret d'une longue vie est simple : être toujours satisfait avec ce qu'on a et ne pas se laisser miner par les soucis. Aujourd'hui, elle se plaît dans la maison de retraite de Redange, où elle participe volontiers aux activités. Son conseil aux jeunes : choisir un métier qui leur plaît et y mettre tout leur cœur.



Wéi am Eller Schlass Theater gspillt gouf, war d'Margot mat derbäi. Quand on jouait du théâtre au château d'Ell, Margot était de la partie.



De Café „Beim Margot“ – eng Institution zu Ell. Le café « Chez Margot » – une institution à Ell.

**Wëllt och Dir Är Liewenserënnerunge mat eis deelen?
Mellt lech gäre bei eis:**



Syndikat Kanton Réiden
(+352) 28 33 4 – 040
magazine@kanton-reiden.lu

**Dësen Artikel gouf zesumme
mam HPPA entwéckelt.**



RÉCKBLÉCK WËLLE WESTEN

WEEKEND VUM WËLLE WESTEN 2025



Den 29. Juni war et erëm esou wäit! De Service Tourisme an de Service Vivre Ensemble vum Kanton Réiden hunn op hiert touristescht Fest fir Grouss a Kleng invitéiert.

Dëst Joer huet de Weekend vum Wëlle Westen op der Biekerecher Kulturmillen stattfonnt. Begleet vun der Musiksschoul Kanton Réiden, ënnert der Moderatioun vum Christian Schmit, a mat Ënnerstëtzung vun der Kulturmillen gouf de Weekend vu sëllege Politiker*innen an Éieregäscht ageleet.

Fir Animatioun, Iessen & Gedrénks a Spill & Spaass war iwwert de ganze Sonndeg gesuergt. D'Visiteuren haten d'Méiglechkeet fir d'Stänn aus der Regioun ze bewonneren a bei gratis Aktivitéite matzemaachen. Vun Inteféschen,

Facepainting, Karussell, Potty Lotty, Kraider erëmfannen bis hin zum Schiferatelier oder Sprangseeler selwer dréinen; eng gutt Zäit fir déi ganz Famill war garantéiert! Niewebäi war natierlech och fir musekalesch Begleitung gesuergt mat Hëllef vun Djembé, Gans' Anders an Hunneg-Strépp.

De Service Tourisme an de Service Vivre Ensemble vum Kanton Réiden soen all den touristesche Partner a Veräiner e grouse Merci, déi zum Succès vun dësem Event bäigedroen hunn! Vu datt de Weekend vum Wëlle Westen all Joer op engem aneren touristesche Site stattfënnt, rode mir lech un: stay tuned!





© Caroline Roemen

Le 29 juin, le Service Tourisme et le Service Vivre Ensemble du Kanton Réiden avaient invité petits et grands à leur fête touristique. Cette année, le Weekend vum Wëlle Westen s'est déroulé à la Kulturmillen à Beckerich.

L'événement a été officiellement inauguré avec la participation de la « Musiksschoul Kanton Réiden », sous la modération de Christian Schmit, et avec le soutien de la Kulturmillen. De nombreux responsables politiques et invités d'honneur étaient présents pour marquer cette occasion spéciale.

Les visiteurs ont eu le plaisir de profiter d'une multitude de divertissements, de délicieuses spécialités culinaires multiculturelles, de boissons rafraîchissantes, de jeux et d'activités

tout au long de la journée. Du jeu de pêche aux canards au face-painting, en passant par le carrousel, Potty Lotty, l'atelier d'ardoise ou encore la fabrication de cordes à sauter : tout était réuni pour passer un bon moment !

Les performances musicales du djembé, de Gans'Anders et de Hunneg-Strèpp ont offert une ambiance festive tout au long de la journée. Le Service Tourisme et le Service Vivre Ensemble du Kanton Réiden tiennent à exprimer leur profonde gratitude envers tous les partenaires touristiques et tous ceux qui ont contribué à la réussite de cet événement. Comme le « Weekend vum Wëlle Westen » se déroule chaque année à un nouvel endroit touristique, nous vous invitons à rester informés pour découvrir la destination de l'année prochaine !



**KANTON
RÉIDEN**

VIVRE ENSEMBLE



**KANTON
RÉIDEN**

TOURISME

Kanton Réiden
Service Tourisme
1, Am Millenhaff
L-8706 Useldange

(+352) 28 33 45 10
tourisme@kanton-reiden.lu
visitwellewesten.lu

REEWAASSER-ANLAG – ALLES WAT DIR WËSSE MUSST!


Wat bréngt eng Reewaasser-Anlag? Wat kascht et? Ass et méiglech an engem bestehenden Haus eng no-dréiglech ze bauen? All dës Froe gëtt eisen Energieberoder ëmmer rëm gestallt, besonnesch wann de Waasser-präis erop geet. Mir versichen hei op déi heefegst vun de Froen anzegoen.



© ChatGPT




© GRAF



© GRAF

Wat ass genau eng Reewaasser-Anlag?

Et ass ee – meeschtens ënnerirdesche – Behälter, deen d'Reewaasser sammelt fir et ze späicheren. D'Reewaasser gëtt vum Daach an dëse Behälter geleet a kann da fir verschidden Zwecker benotzt ginn: fir d'Bewässerung vum Gaart, d'Toilettespülung oder d'Wäschmaschinn. Et kann awer net als Dréinkwaasser genotzt ginn, wëll et ongefiltert net propper genuch ass.



Wat sinn d'Virdeeler vun enger Reewaasser-Anlag?

- **Waasser spueren:** Am Duerchschnëtt kënnt Dir bis zu 50% vun ärem deeglechen Dréinkwaasserverbrauch mat Reewaasser decken.
- **Käschte verréngeren:** Manner Dréinkwaasser bedeit eng manner héich Waasser- a Kanalrechnung.
- **Ëmweltschutz:** Duerch d'Notze vu Reewaasser schount Dir déi natierlech Ressourcen.
- **Héichwasserschutz:** Reewaasserbehälterten entlaaschte bei Staarkreen d'Kanalisation, wëll se d'Waasser zréckhalen.

Muss ech wéinst enger Reewaasser-Anlag méi Ofwaasser-Taxe bezuelen?

Neen, zu Lëtzebuerg bezuelt Dir näischt fir d'Aleedung vu Reewaasser an déi öffentlech Kanalisatioun. D'Ofwaasser-Käschte baséieren nämlech nëmmen op dem gemoesenen Drénkwaasserverbrauch. Mat enger Reewaasser-Anlag spuert Dir zousätzlech Ofwaasser-Käschten, well Dir jo manner Drénkwaasser verbraucht.

Ass et och méiglech an engem bestoenden Haus eng Anlag anzubauen?

Jo, et wier am Prinzip méiglech, mee natierlech méi opwänneg wéi am Neibau. Loosst d'Machbarkeet vun engem Fachbetrib préiwen. Et brauch nämlech zwee verschidde Leitungssystemer (Drénkwaasser & Reewaasser), déi z. B. un Är Toilette oder Wäschmaschinn ugeschloss ginn. Dir brauch och Plaz am Haus fir déi néideg technesch Installatiounen.

Kann een eng finanziell Ënnerstëtzung vum Staat fir eng Reewaasser-Anlag kréien?

Jo, wann Dir d'Conditione vum Staat erfëllt, kënn Dir eng finanziell Hëllef vu 25% vun de Käschte kréien, mat engem Plaffong vun 1.000€.

Méi Informatiounen an déi genau Conditione fannt Dir um Site vum guichet.lu:



Ginn eis Gemengen och nach zousätzlech Subsidien?


Jo, all d'Gemengen aus eisem Kanton ginn nach kommunal Subsidien, déi jee no Gemeng tëscht 100 % an 150 % vun der Staat-Subventioun leien.

Wat spueren ech konkret mat enger Reewaasser-Anlag?

D'Aspuerunge goufen unhand vun Duerchschnittswärter pro Persoun a Joer berechent: 6-7 l/Toilettegang (5x am Dag) an 2-3 Wäsche pro Woch à 50 l. De Präis fir Drénk-an Ofwaasser zu Lëtzebuerg läit bei 5 €/m³.

Notzung	Agespuerte Liter/ Kapp/Dag	Aspuerte m ³ / Kapp/Joer	Erspuernis/ Kapp/Joer (€)
Toilette-spülung	30 -35 l	11 -12,8 m ³	55 -64 €
Wäsch-maschinn	14 – 21 l	5,1 – 7,7 m ³	25,5 – 38,5 €
Gaarde-bewässerung	Saisonofhänngeg	3,7 – 15 m ³	18,5 – 75 €

Wasserverbrauch pro Dag a Persoun /
Consommation journalière par personne



- Kierperwäsch/Lavage du corps - 44 l (33%)
 - WC - 33 l (25%)
 - Wäschmaschinn/Lessive - 17 l (13%)
 - Gaart / Jardin - 10 l (8%)
 - Spullen/Vaisselle - 7 l (5%)
 - Hausbotz/Nettoyage maison - 5 l (4%)
 - lessen & drénken/Manger & boire - 5 l (4%)
 - Soss/Autres - 11 l (8%)
- Heifir ka Reewaasser genotzt ginn./
De l'eau de pluie peut être utilisée.

Wéi opwänneg ass den Entretien vun enger Reewaasser-Anlag?

Zum einfachen Entretien, dee vun de Besëtzer selwer ka gemaach ginn, zielen:

- Zoulaf-Filter kontrolléieren a botzen, ca. all 6 Méint
- Préiwen, ob sech Oflagerungen, Geroch oder Alge gebilt hunn

Aner méi komplex Aarbechte sinn:

- De Behälter all 5-10 Joer botzen (de Buedem vu Sedimenter befreien)
- Pompel, Steierung an Iwwerlaf kontrolléieren

Wat kascht eng Anlag zu Lëtzebuerg?

D'Gesamtkäschte fir eng Reewaasser-Anlag leien zu Lëtzebuerg beim Neibau ënner 10.000 €, bei engem besteënden Haus ënner 20.000 €, ofhängeg vum Ëmfang an Opwand.

Wéi kann ech soss Waasser spueren?

Och e Reewaassertank, deen net un d'Haus ugeschloss ass, bréngt scho vill. Dat gesammelt Waasser eegent sech ideal fir de Gaart ze nätzen, den Auto ze wäschen oder fir den Hochdruckreiniger. Schonn ee 500-1000 Liter-Tank mécht eppes aus a spuert wäertvollt Drénkwaasser – ouni groussen Opwand.



INSTALLATION DE RÉCUPÉRATION D'EAU DE PLUIE – TOUT CE QUE VOUS DEVEZ SAVOIR !



© ChatGPT

Quels sont les avantages d'un système de récupération d'eau de pluie ? Combien cela coûte-t-il ? Est-il possible d'en installer un dans une maison existante ? Ce sont des questions que notre conseiller en énergie reçoit régulièrement, surtout lorsque le prix de l'eau augmente. Nous tentons ici de répondre aux questions les plus fréquentes.

Qu'est-ce qu'un système de récupération d'eau de pluie ?

Il s'agit d'un réservoir – généralement enterré – qui recueille l'eau de pluie afin de la stocker. L'eau de pluie est dirigée depuis le toit vers ce réservoir. Elle peut ensuite être utilisée à diverses fins : arrosage du jardin, chasse d'eau des toilettes ou machine à laver. Elle ne peut toutefois pas être utilisée comme eau potable, car elle n'est pas suffisamment propre sans filtration.

Quels sont les avantages d'un tel système ?

- Économie d'eau : En moyenne, vous pouvez couvrir jusqu'à 50 % de votre consommation quotidienne d'eau potable avec de l'eau de pluie.

- Réduction des coûts : Moins d'eau potable signifie une facture d'eau et d'assainissement moins élevée.
- Protection de l'environnement : L'utilisation d'eau de pluie préserve les ressources naturelles.
- Protection contre les inondations : Les réservoirs d'eau de pluie soulagent les réseaux d'égouts lors de fortes pluies, car ils retiennent l'eau.

Dois-je payer plus de taxes d'assainissement à cause de l'eau de pluie ?

Non, au Luxembourg, l'évacuation de l'eau de pluie vers le réseau public n'est pas facturée. Les frais d'assainissement sont uniquement basés sur la consommation d'eau potable mesurée.

Avec une installation de récupération d'eau de pluie, vous économisez donc également sur les frais d'assainissement, puisque vous utilisez moins d'eau potable.

Est-il possible d'installer un tel système dans une maison existante ?

Oui, c'est en principe possible, mais évidemment plus complexe

que dans une construction neuve. Faites évaluer la faisabilité par un professionnel. Il faut deux réseaux séparés (eau potable et eau de pluie), reliés par exemple aux toilettes ou à la machine à laver. Il faut aussi de la place dans la maison pour les installations techniques nécessaires.

Peut-on bénéficier d'une aide financière de l'État ?

Oui, si vous remplissez les conditions fixées par l'État, vous pouvez obtenir une aide financière correspondant à 25 % des coûts, avec un plafond de 1.000 €.

Pour plus d'informations et les conditions exactes :



Les communes du canton proposent-elles aussi des subventions supplémentaires ?

Oui, toutes les communes de notre canton offrent des subventions communales complémentaires, allant de 100 % à 150 % de la subvention de l'État, selon la commune.

Combien puis-je économiser concrètement avec une installation de récupération d'eau de pluie ?

Les économies ont été calculées sur la base de valeurs moyennes par personne et par an :

- 6-7 litres par chasse d'eau (5 fois par jour) et 2-3 machines à laver par semaine à 50 l chacune.
- Le prix de l'eau potable et de l'assainissement au Luxembourg est de 5 €/m³ TTC.

L'entretien d'un tel système est-il contraignant ?

L'entretien de base peut être effectué par les propriétaires eux-mêmes :

- Vérification et nettoyage du filtre d'entrée (env. tous les 6 mois)
- Vérification de la présence de dépôts, d'odeurs ou d'algues

Des travaux plus complexes incluent :

- Nettoyage du réservoir tous les 5 à 10 ans (retrait des sédiments au fond)
- Vérification de la pompe, du système de commande et du trop-plein

Combien coûte une installation au Luxembourg ?

Pour une construction neuve, le coût total est inférieur à 10.000 €.

Dans une maison existante, les coûts peuvent aller jusqu'à 20.000 €, selon l'ampleur des travaux et la complexité de l'installation.

Comment puis-je économiser de l'eau autrement ?

Même un simple récupérateur d'eau de pluie non connecté à la maison est déjà très utile. L'eau collectée convient parfaitement pour l'arrosage du jardin, le lavage de la voiture ou l'usage d'un nettoyeur haute pression. Un réservoir de 500 à 1.000 litres permet déjà d'économiser de précieuses ressources sans gros effort.

Utilisation	Litres économisés/ personne/jour	m ³ économisés/ personne/an	Économie/personne/ an (€)
Chasse d'eau WC	30 -35 l	11 -12,8 m ³	55 -64 €
Lave-linge	14 - 21 l	5,1 - 7,7 m ³	25,5 - 38,5 €
Arrosage jardin	Dépend de la saison	3,7 - 15 m ³	18,5 - 75 €



KANTON REIDEN
ENVIRONNEMENT

Kanton Reiden
Service Environnement -
Conseil en Energie
43, Grand-Rue
L-8510 Redange / Attert

(+352) 28 33 44
environnement@kanton-reiden.lu



Gogovelo  

NATIONAL CYCLING MISSION
Join the Journey - Cycle the world!
08.09 - 19.10

MULTIPLE CHALLENGES & MANY PRIZES!

BIKE & WIN


 **RADBONUS II APP**
ACCESS CODE:
GOGOVELO



Download on the App Store | GET IT ON Google Play

KANTON RÉIDEN ENVIRONNEMENT

INTERVIEW MAM KLIMASCHÄFFEN



Fir dës Editioun hu mir eis mam **Luc Recken, Buergermeeschter a Klimaschäfte vum der Gemeng Viichten, ënnerhalen.**



Luc, firwat bass Du Klimaschäfte ginn?

Ech si Klimaschäfte ginn, well ech scho virun dëser Legislaturperiod enk mat mengem Virgänger zesumme geschafft hunn an déi wichtegst Dossiere vum Klimapakt gutt kannen hunn.

Esou konnt ech eng gewësse Kontinuitéit garantéieren. Perséinlech hunn ech och eng grouss Freed, e kleng Bausteen zum Wuel vun eisem Klima bäizetroen a mat konkrete Moosnamen eppes Positives an eiser Gemeng ze bewierken.

Wat sinn déi gréisste Projeten, déi d'Gemeng Viichten am Klimaschutz ëmgesat huet?


Am alen Deel vun eisem Schoulgebai hu mir d'Energieeffizienz verbessert, andeems de kompletten Daach isoléiert gouf. Dëst Joer hu mir praktesch eist Zil erreicht, d'Gemengstrossenbelichtung do, wou et méiglech war, op dimmbar LED ëmzerëschten.

Zousätzlech hu mir d'Elektromobilitéit mam Kaf vun enger neier E-Camionnette gefërdert, vill Blummewisen, Hecken a Beem geplazt. Mäi Naturschäfte huet dobäi enk mat mir zesumme geschafft, fir dës Ziler ëmzesetzen. Mir hunn och Subventiounen agefouert fir Photovoltaikanlagen, Reewaasserbehälter, energieetesche Renovatiounen an erneierbar Energien.

Wat sinn Är Pläng fir de Klimaschutz an dëser Legislaturperiod?

Am neie Bautereglement ass virgesinn, versigelt Flächen a Steegäert ze limitéieren. Bei all Neibau gëtt et d'Verpflichtung, eng Reewaasseranlag fir d'Toiletten z'installéieren. Mir wëllen och de Schoulhaff begréngen a vill Plazen an der Gemeng esou gestalten, dass se méi Liewensqualitéit fir Kanner a Bierger bidden. Zousätzlech hu mir eng Starkreenetude um Lafen, fir punktuell Verbesserungen ze plangen an ëmzesetzen.

Mir plangen och, eis Schoul ze erweideren. Do soll de volle Programm kommen: Wärmepompe, Photovoltaik, Reewaasseranlag...



Op dat neit Différence Gebai ass eng Photovoltaik-Anlag installéiert ginn.
Une installation photovoltaïque a été installée sur le nouveau bâtiment Différence.



Eng vun de Blummewissen, déi nei ass.
L'une des nouvelles prairies fleuries.



D'Gemeng Viichten ass am gaang hier Bus-Arrête an Zebrasträifen fir PMR (Personnes à Mobilité Réduite) gerecht ze maachen.
La commune de Viichten est en train de rendre ses arrêts de bus et passages pour piétons accessibles aux personnes à mobilité réduite (PMR).



En neien ofgetrennte Fousswee nieft der Rue de Schandel zu Viichten ass ugeluecht ginn.
Un nouveau chemin piéton séparé a été aménagé le long de la Rue de Schandel à Viichten.

Wéi steet et mat den erneierbaren Energie bei Iech an der Gemeng?

Do si mir ganz gutt ënnerwee. Mir hu massiv a Photovoltaikanlagen op eise Gebaier investéiert: um neien Difference-Gebai, op eiser Hal an op der Morgue. Am Schäferot hu mir decidéiert, all eis Masuttsheizungen an den nächste Joren duerch nohalteg Technologien ze ersetzen. Aktuell leeft eng Etude fir eng nei Pelletheizung, un déi d'Kierch, d'Gemeng an de Pompjeesbau sollen ugeschloss ginn. Am Difference-Gebai an am Mischhaus funktionéiert schon e klengt Pellet-Wärmenetz.

Ginn et interessant Projete punkto Mobilitéit?

Mir hunn nei Trëppelweeër ugeluecht an ugefaangen, all eis Zebrastreifen an d'Bushaltestellen PMR (personnes à mobilité réduite) konform ze gestalten.

Wéi gitt Dir vir fir Är Bierger ze motivéiere bei dësen Efforte matzemaachen?

Mir hu Primmen agefouert, fir d'Leit z'encouragéieren an erneierbar Energien z'investéieren. Viru puer Méint hate mir eng Biergerversammlung zu dësem Thema. Mir wäerten och weider informéieren, wéi jidderee mat einfache Moosname Waasser a Stroum an domadder och Sue spuere kann.

Wat méchs Du privat fir d'Klima ze schützen?

Ech hu mir, wéi vill aner Bierger, eng Photovoltaikanlag installéiert a plangen, mäi Boiler duerch eng Brauchwaasser-Wärmepompel ze ersetzen.

Verréits Du eis nach zum Schluss, wéi Deng Gemeng 2050 ausgesäit?

Dat ass schwéier virauszesoen, well d'Welt an d'Technologie sech rasant entwéckelen. Mä ech mengen, dass meng Gemeng an Zukunft mat enger oder méi Nopeschgemenge fusionéiert wäert sinn a vill méi Servicer am Klimaschutz ubidde kann. Vlächent kënnen mir bis dohinner praktesch stroumutark funktionéieren.



Eng weider méi direkt Foussverbindung ass vum Schoulkomplex bis an d'Strooss Krechelsberg gebaut ginn.
Un chemin piéton plus direct a été aménagé entre le complexe scolaire et la rue Krechelsberg.

ENTRETIEN AVEC L'ÉCHEVIN « CLIMAT »

Pour cette édition, nous nous sommes entretenus avec Luc Recken, bourgmestre et échevin du climat de la commune de Vichten.

Luc, pourquoi êtes-vous devenu échevin du climat ?

Je suis devenu échevin du climat parce que, déjà avant cette législature, j'avais travaillé en étroite collaboration avec mon prédécesseur et connaissais bien les principaux dossiers du Pacte climat. Cela m'a permis de garantir une certaine continuité. Personnellement, j'ai aussi éprouvé une grande satisfaction à pouvoir apporter ma petite contribution au bien-être de notre climat et à réaliser, avec des mesures concrètes, des avancées positives dans notre commune.

Quels ont été les plus grands projets réalisés ces dernières années par la commune de Vichten en matière de protection du climat ?

Dans l'ancien bâtiment scolaire, nous avons amélioré l'efficacité énergétique en isolant complètement la toiture. Cette année, nous avons pratiquement atteint l'objectif que nous nous étions fixé il y a quelques années : convertir l'éclairage public communal, là où c'était possible, en LED dimmables.

Nous avons également encouragé l'électromobilité par l'achat d'une nouvelle camionnette électrique, planté de nombreuses prairies fleuries, des haies et des arbres. Mon échevin à la nature a collaboré étroitement avec moi pour mettre en œuvre ces objectifs.

Quels sont vos projets pour cette législature ?

Le nouveau règlement communal prévoit de limiter les surfaces imperméabilisées et les jardins de gravier. Pour chaque nouvelle construction, il est obligatoire d'installer un système de récupération d'eau de pluie alimentant les toilettes.

Nous souhaitons aussi végétaliser la cour d'école et aménager de nombreux endroits dans la commune afin d'offrir une meilleure qualité de vie aux enfants et aux habitants. En parallèle, une étude sur les pluies intenses est en cours pour planifier et réaliser des améliorations ciblées. Nous prévoyons également d'agrandir notre école, où l'on mettra en place l'ensemble du programme : pompe à chaleur, installation photovoltaïque, récupération d'eau de pluie...

Où en êtes-vous avec les énergies renouvelables dans la commune ?

Nous sommes très avancés dans ce domaine. Nous avons fortement investi dans des installations photovoltaïques sur nos bâtiments : sur le nouveau bâtiment « Difference », sur la halle et sur la morgue.

Le collège échevinal a décidé de remplacer, dans les prochaines années, toutes nos chaudières au mazout par des technologies durables. Actuellement, une étude est en cours pour installer une nouvelle chaufferie à pellets qui desservirait l'église, la mairie et le bâtiment des pompiers. Le bâtiment Difference et le Mischhaus fonctionnent déjà avec un petit réseau de chaleur à pellets.

Y a-t-il des projets intéressants en matière de mobilité ?

Nous avons créé de nouveaux chemins piétons et commencé à rendre tous nos passages pour piétons et arrêts de bus accessibles aux personnes à mobilité réduite.

Comment faites-vous pour motiver les citoyens à participer à ces efforts ?

Nous avons introduit des primes afin d'encourager les habitants à investir dans les énergies renouvelables,

la rénovation et la récupération des eaux de pluie. Il y a quelques mois, nous avons organisé une réunion d'information citoyenne sur ce sujet. Nous continuerons aussi à informer la population sur la manière de réaliser des économies d'eau et d'électricité – et donc aussi d'argent – grâce à des gestes simples.

Que faites-vous personnellement pour protéger le climat ?

Comme beaucoup d'autres citoyens, j'ai fait installer une installation photovoltaïque et je prévois de remplacer mon chauffe-eau par une pompe à chaleur pour l'eau sanitaire.

Pour finir, pouvez-vous nous dire à quoi ressemblera votre commune en 2050 ?

C'est difficile à dire, car le monde et les technologies évoluent très rapidement. Mais je pense que, dans le futur, ma commune sera fusionnée avec une ou plusieurs communes voisines et pourra proposer encore plus de services en matière de protection du climat. Peut-être que d'ici là, nous fonctionnerons presque en autonomie énergétique.



PacteClimat EUROPEAN ENERGY PACT
Ma commune s'engage pour le climat

Kanton Réiden
Service Environnement
Pacte Climat
43, Grand-Rue
L-8510 Redange / Attert

(+352) 28 334-420
environnement@kanton-reiden.lu

REPAIR CAFÉ KANTON RÉIDEN

MIR STELLEN EIS REZEPTIONISTIN VIR!



An dëser Editioun stelle mir d'Marie-Claude Koders (74 Joer), vun Nojem vir. Si ass vun Ufank u mat vollem Asaz dobäi a begréisst d'Visiteure mat engem häerzleche Laachen an der Entrée vum Repair Café.

Marie-Claude, firwat engagéiers Du Dech am Repair Café?

Ech fannen d'Iddi genial. Un all Saach hu vill Leit geschafft, dat verdéngt Respekt an net alles ass fir direkt op den Tipp. Net zulescht wéinst menger Mamm, déi hiert Streckeise selwer gefléckt huet, Si huet och tapezéiert, ugestrach, Gezei fir Noperen ugepasst, et gouf kaum eppes, wat si net konnt. Leider sinn ech net esou talentéiert.

Wat sinn Deng Aufgaben an der Rezeption?

An der Rezeption begéinen ech eis „Patienten“ an hir Proprietairen a maachen si mat de Reegele vertraut. Mir féllen eng Fiche fir d'Statistik aus. Et ka sinn, dass net direkt e Repairer fräi ass an d'Proprietäre kënnen derweil Kaffi a Kuch genéissen. Jiddereen dierf beim Flécken no-kucken a gären och eng Hand mat upaken. Heiansdo wéilt een doheem eppes selwer flécken, mee weess net wou ufänken – dat léiert een hei.

De Repair Café ass net déi eenzeg Plaz, wou's Du Dech éierenamtlech engagéiers?

Aktiv sinn ech, ënner anerem, als Verriederin an der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, Présidente vum FGFC-Grupp pensionéierte Gemengepersonal, Tresorière an engem korporative Fussballclub, Vizeprésidente an enger Stierfkees, Secrétaire vum Kulturveräin BIZ a Member am CA vun Terre des Hommes. Heiansdo bleift nach Plaz fir Famill a Frënn, ze turnen a spadséieren, am Gaart ze schaffen, un enger Familljchronik ze schreiwen, a ganz rar Kurztrips.

Mir si ganz dankbar, dass d'Marie-Claude d'Rezeption mat vill Freed leet a mir soen hir villmools Merci fir hiren onermiddlechen Asaz an hir positiv Energie. Kommt gär laanscht op eisen nächste Repair Café a léiert d'Marie-Claude perséinlech kennen – mir freeën eis op äre Besuch!



NOUS PRÉSENTONS NOTRE RÉCEPTIONNISTE !

Dans cette édition, nous vous présentons Marie-Claude Koders (74 ans), originaire de Nagem. Depuis le début, elle s'investit avec enthousiasme et accueille les visiteurs avec un grand sourire à l'entrée du Repair Café.

Marie-Claude, pourquoi t'engages-tu au Repair Café ?

Je trouve l'idée formidable. Sur chaque objet, beaucoup de personnes ont travaillé, cela mérite du respect, et tout n'est pas fait pour finir directement à la décharge. C'est aussi en pensant à ma mère qui réparait elle-même son fer à repasser, retapisait, peignait, ajustait des vêtements pour les voisins... Il n'y avait presque rien qu'elle ne sache faire. Moi, je n'ai pas autant de talent !

Quelles sont vos principales tâches à l'accueil ?

J'accueille les visiteurs, je leur explique les règles et je remplis avec

eux une fiche pour les statistiques. Parfois, il faut attendre qu'un réparateur soit disponible, et ils peuvent en attendant profiter d'un café et d'un morceau de gâteau. Tout le monde peut observer les réparations ou donner un coup de main. Beaucoup découvrent ici comment réparer eux-mêmes chez eux.

Vous êtes aussi active ailleurs. Pouvez-vous nous dire où ?

Je suis, entre autres, représentante à la Chambre des Fonctionnaires, présidente du groupe des retraités des communes, trésorière d'un club de football, vice-présidente d'une caisse de décès, secrétaire de l'association culturelle BIZ et membre du CA de Terre des Hommes. Et je trouve encore un peu de temps pour ma famille et mes amis, le jardin, la gymnastique, des balades, écrire une chronique familiale et, plus rarement, quelques courts voyages.

Nous remercions chaleureusement Marie-Claude pour son engagement et son énergie positive. Venez la rencontrer lors de notre prochain Repair Café – nous nous réjouissons de votre visite !



Repair Café Kanton Réiden
11, Grand-Rue
L-8510 Redange / Attert

(+352) 28 334-040
repaircafe@kanton-reiden.lu

REPAIR CAFE 2025

Nächste REPAIR CAFE am KANTON RÉIDEN

Prochain RDV du REPAIR CAFE du CANTON DE REDANGE

Samschdes / Samedi 22.11.2025

zu / à Eil

14h00-17h00 - Centre Culturel Camille Ney
40, Haaptstrooss 8530 Eil

Organisateurs: repaircafe.lu & kanton-reiden.lu

Ugebueden Atelieren:

Elektresch, Elektronesch, Vëloen,
kleng Bitzaarbechten, Informatik &
Schläife vu Gaarden- & Ateliërgeschier

Ateliers proposés :

Électrique, électronique, vélos, petits
travaux de couture simple, informatique &
affûtage des outils de jardin et d'atelier.

Jiddereen asswëllkomm!

D'Bedeelegung ass gratis,
ouni Umeldung!

Tout le monde est le bienvenu !

La participation est gratuite,
sans inscription !





MENUISERIE SUR MESURE

+352 691 944 849

info@wooddesign.lu



Z.A.E SOLUPLA
32 E rue de Niederpallen
L-8506 Rédange-sur-Attert

+352 691 944 848




www.wooddesign.lu



Nos services de prélèvements dans le Canton de Redange

Venez sans rendez-vous
Notre équipe vous prend en charge rapidement, avec un accueil attentionné.



LABORATOIRE REDANGE L'INOÛÏ



67, Grand-Rue, L-8510 Redange



HORAIRES D'OUVERTURE

Lundi - Vendredi 6:00 - 12:00
Samedi 7:00 - 12:00



LABOMOBILE, le laboratoire d'analyses médicales, **qui vient à vous**

Confort équivalent à celui de nos centres de prélèvements : **pratique, complet, performant et autonome**



Pour en savoir plus



BIONEXT


(+352) 27 321

info@bionext.lu

www.bionext.lu



WAT LEEFT OP DER KOULBICH?



D’Koulbich, eng Baach, déi am äusserste Weste vun eisem wëlle Westen, d’Éislek mat dem Guttland verbënt, bestécht duerch hir bemierkenswäert ekologesch Qualitéit. Sou ass si op op engem Groussdeel vun hirem Trajet zu enger nationaler Referenz ginn.

D’Koulbich entspréngt bei Flatzbur a fléisst bei Nidderkolpech an d’Atert. Iwwer ca. 12 km fléisst si duerch Bëscher, Wisen an Dierfer a bitt villen Déieren- a Planzenarten ee wäertvolle Liewensraum.

Den ieweschten a mëttelsten Deel vun der Koulbich huet eng bemierkenswäert ekologesch Qualitéit, mat enger quasi intakter Gewässerstruktur a ganz gutt erhalene aquateschen Habitater. Dësen Deel, deen zu 100 % an engem gudden oder ganz gudden Zoustand ass, gouf als national Referenzstreck klasséiert. Den ënneschten Deel ass och nach an engem gudden Zoustand, mee et maachen sech schonn Zeeche vun Degradatiounen bemierkbar, opgrond vun dem Feele vun Ufervegetatioun, enger méi intensiver landwirtschaftlecher Bewirtschaftung oder nach en etlech Hindernisser am Bachlaaf.

Fir déi ekologesch Kontinuitéit ze verbesseren an déi diffus Verschmutzung op dem ënneschten Deel vun der Baach ze reduzéieren, huet d’Waasserverwaltung verschidde Restauratiounsmossname geplangt, vun deenen e puer viru kuerzem ëmgesat goufen. Déi follgend Säite weisen e puer Fotoe vun den Aarbechten, déi iwwert dës Summer gelaf sinn.


Zousätzlech gëtt de Moment e Renaturéierungsprojet geplangt, deen net nëmme dorop zielt, fir Hindernisser aus der Bach ze huelen, mä och fir hydromorphologesch Moosnamen ëmzesetzen, wéi zum Beispill d’Schafung vun Ufersträifen. Dës Studie, déi vun der Waasserverwaltung initiiert gouf, ëmfaasst eng Streck vun 850 m.

Och gouf dës Fréijoer vun der Equipe Natura 2000 Atert/Warkdall an dem Waasserhaus Réiden een Inventaire vun den Zouflëss vun der Koulbich realiséiert, fir ze analyséieren, wat fir eng Hindernisser am gesamten Anzugsgebidd vun der Koulbich bestinn.




Ofbau vun engem 15 cm héijen Ofsaz, dee sech tëscht dem Bréckefundament an dem natierleche Bett vun der Koulbich gebilt huet. Schafung vun enger rauer Ramp fir d’ekologesch Kontinuitéit um Waasserlaf ze verbesseren.

Enlèvement d’un seuil de 15 cm qui s’est créé entre le radier du pont et le lit naturel de la Koulbich. Création d’une rampe rugueuse afin d’améliorer la continuité écologique du cours d’eau.



© Maison de l'Eau



© Maison de l'Eau

Ofbau vun engem 30 cm héijen Ofsaz, fir d'Duerchgängegkeet vun de Waasserorganismen ze verbessern. Schafung vun enger 15 m laanger Ramp fir de Niveausënnerscheed auszegläichen.

Enlèvement d'un seuil de 30 cm qui s'est créé entre le radier du pont et le lit naturel de la Koulbich afin d'améliorer la libre circulation des espèces aquatiques. Création d'une rampe rugueuse sur 15 m afin d'égaliser la différence de niveau.

QUOI DE NEUF SUR LA KOULBICH ?

La Koulbich, un petit cours d'eau qui relie l'Ösling au Gutland à l'extrême ouest de notre canton, présente une qualité écologique remarquable, ce qui en fait une référence nationale sur une bonne partie du tronçon.

La Koulbich prend sa source près de Flatzbur et se jette dans l'Attert à Colpach-Bas. Sur environ 12 km, elle traverse des forêts, des prairies et des villages, offrant un habitat précieux pour de nombreuses espèces animales et végétales.

Le haut et moyen cours de la Koulbich présentent une qualité écologique remarquable, avec une structure quasi intacte et des habitats aquatiques très bien conservés. Cette portion est classée à 100 % en bon ou très bon état, ce qui en fait une référence nationale. La partie basse du cours d'eau, bien que globalement en bon état, montre

toutefois des signes de dégradation liés à l'agriculture, à l'absence de végétation rivulaire et à la présence d'obstacles entravant la libre circulation des espèces aquatiques.

Afin d'améliorer la continuité écologique et réduire les pollutions diffuses de la partie aval, plusieurs mesures de restauration ont été prévues par l'Administration de la Gestion de l'Eau, dont certaines ont été réalisées récemment. Ces pages montrent quelques photos des obstacles éliminés au cours de cet été.

En outre, un projet de renaturation est en cours de planification. Il vise non seulement l'élimination d'obstacles mais aussi des mesures hydromorphologiques telle que la création de bandes rivulaires. Cette étude initiée par l'Administration de la Gestion de l'Eau couvre un tronçon de 850 m.

Et, afin de répertorier l'ensemble du bassin versant de la Koulbich, un inventaire des points noirs sur ses affluents a été réalisé ce printemps par l'équipe du Natura 2000 Atert/Warkdall et la Maison de l'Eau de l'Attert asbl.



Maison de l'Eau de l'Attert a.s.b.l.
43, Grand-Rue
L-8510 Redange / Attert

(+352) 26 62 08 08
maison.eau@attert.com
attert.com

LES COMMERCE DU WËLLE WESTEN

AGRIPIÈCES



Wéi ass d'Geschicht vun AgriPièces?

Mir, d'Marianne an de Romain Weis, hunn AgriPièces 2018 gegrënnt, nodeems en änlecht Geschäft zu Kolpech zougemaach huet. Mir hunn de Stock iwweholl an eis eege Struktur mat Geschäft, Atelier a Reparaturservice fir grouss Maschinnen opgebaut. D'Offer huet sech séier entwéckelt – haut beschäftege mir 8 Mataarbechter a bidden och villes fir privat Clienten un.

Wat waren d'Grënn fir d'Geschäft z'iwwehuelen?

Well mir selwer aus der Landwirtschaft kommen, wësse mir wéi wichteg et ass, séier un dat richtegt Ersatzstéck ze kommen. Eist Zil war et, e bewäerte Service an der Regioun ze erhalen an nohalteg weiderzeféieren.

Wat sinn Är Hauptartikelen am Geschäft?

Mir si spezialiséiert op d'Landwirtschaft a verkafe kleng Ersatzdeeler, Material fir Grouss- a Klengdéieren a vill verschidde Motorueleg-Zorten. Dir fannt awer och Gaardemaschinnen (Secateur, Motorsee, Méimaschinn asw) an Aarbechtskleedung bei eis.

Wien zielt zu Är typescher Clientèle?

Eis Hauptclientèle kënn aus der Landwirtschaft. Awer d'Offer fir Privatleit a kleng Betriber ass mat der Zäit och gewuess.

Bitt Dir och e Reparaturservice?

Jo, mir hunn e groussen Atelier, wou mir Reparaturen u sämtleche Maschinnen ausféieren – Trakteren, Motorseeën, Gaardemaschinnen an aner

landwirtschaftlech Ausrëschtung. Mir bidden och e Pannendéngscht (um Feld an doheem), e Klimaanlagen-Check an e Pneueservice inklusiv Montéiere vun de Pneuen op d'Felgen.

Wat ënnerscheet lech vun aner Geschäfte an der Regioun?

- Mir si 6 Deeg an der Woch op, Méindes-Freides 7-18h a Samschdes 7-17h.
- Eng grouss Produktvielfalt – net nëmme fir d'Landwirtschaft, mee och fir Gaart, Hobbyschrauber a kleng Betriber.
- Séier Online-Bestellunge mat kuerzen Delaien.
- Eng grouss Flexibilitéit a Verbindlechkeet – och spontan oder no Feierowend. Wann eppes net do ass, ass et meeschtens den Dag drop disponibel.

Wat huet sech an der Landwirtschaftstechnologie geännert?

D'Digitaliséierung huet och an eiser Branche vill verännert. Präzisiounslandwirtschaft mat GPS an Dronen ass Standard ginn. Mir profitéieren dovun, andeems mir Ersatzdeeler geziilt online fanne kënnen.

Wat sinn déi Ersatzdeeler, déi ëmmer gefrot sinn?

Hydraulikleitungen, Zapwellereparaturen, Schrauben, Schlësselen, Standarddeeler. D'Clientë wëssen et ze schätzen, dass mir déi meescht Saachen direkt am Stock hunn.



Quand et pourquoi avez-vous fondé AgriPièces ?

Nous avons créé AgriPièces en 2018, après la fermeture d'un magasin similaire à Colpach. En reprenant son stock, nous avons monté notre propre structure avec magasin, atelier et service de réparation pour machines agricoles.

Quel était votre objectif ?

Étant nous-mêmes issus du monde agricole, nous savons à quel point il est essentiel d'avoir rapidement la bonne pièce. Notre but : maintenir un service fiable dans la région et le développer durablement

Quels produits proposez-vous ?

Principalement des pièces détachées agricoles, du matériel pour animaux, des huiles moteur. Mais aussi des outils de jardinage (sécateurs, tronçonneuses,, tondeuses...) et des vêtements de travail.

À qui s'adresse votre offre ?

Nos clients sont surtout des agriculteurs, mais de plus en plus de particuliers et petites entreprises nous font confiance.

Offrez-vous un service de réparation ?

Oui, nous réparons tout type de matériel agricole et de jardin. Nous assurons aussi un service de dépannage sur place, la vérification de la climatisation des véhicules et le montage de pneus.

Qu'est-ce qui vous distingue des autres ?

Notre large gamme, notre flexibilité, nos délais rapides et notre disponibilité – 6 jours sur 7, de 7h à 18h (17h le samedi). Si un article manque, nous le recevons souvent dès le lendemain.

Quel impact a eu la technologie sur votre métier ?

Le numérique a tout changé. Grâce à Internet, nous trouvons rapidement les bonnes pièces. L'agriculture de précision – GPS, drones – fait désormais partie du quotidien.

Quelles pièces sont toujours très demandées ?

Tuyaux hydrauliques, arbres de transmission, vis, clés... des pièces standards, toujours en stock, que nos clients apprécient d'avoir sans délai.

AgriPièces

AgriPièces
10, Ellerstroos
L-8526 Colpach-Bas

(+352) 23 62 08 68

 AgriPièces

DE RÉIDENER GESCHÄFTSVERBAND

De Réidener Geschäftsverband gouf 1931 gegrënnt. Zënter 2009 steet d'Lotty Welfring u senger Spëtzt. Fir wat sech de Verband asetzt a wat seng gréissten Erausforderunge sinn, erzielt d'Presidentin am Interview.



De Comité vum Réidener Geschäftsverband
Le comité de l'Union Commerciale et Artisanale de Redange
(vlnr/dgà: Joy Linden, Lotty Welfring, Pit Mangan, Doris Kwiatkowski)

Wat ass de Réidener Geschäftsverband?

Mir sinn eng „Union commerciale et artisanale“, an där all Betriber aus dem Kanton Réiden, och d'Handwierskbetriber, Member kënnen ginn. Mir verschécke reegelméisseg Informatiounen un eis Memberen, organiséieren Austauschversammlungen a Fester a maache gemeinsam Reklam – zum Beispill an der Zeitung oder um Radio.

Wéi vill Memberen hutt Dir aktuell?

Wéi bei deene meeschte Geschäftsverbänn am Land geet d'Zuel vun de Memberen zréck. De Moment hu mir nach 45 Memberen.

Wat sinn Är Haaptziler a Missiounen?

Zesummen si mir méi staark – dowéinst triede mir gemeinsam no bausen op. Mir wëllen déi lokal Geschäftswelt bekannt maachen, net nëmmen am Kanton, mee am ganze Land. Vill vun eise Cliente kommen aus allen Ecker vu Lëtzebuerg. Dat weist, dass eis Qualitéit an eise Service sech en Numm gemaach hunn. Mir probéieren och zesumme Léisungen ze fannen, wann et Problemer ginn, déi eis alleguer betreffen.

Organiséiert Dir Evenementer fir Är Präsenz ze weisen?

Jo, mir organiséiere reegelméisseg Fester, wéi zum Beispill de Fréijoersmaart oder d'Summerfest.

Wéi ass äre Fonctionnement ?

Am Moment si mir zu véier aktive Memberen am Comité: Lotty Welfring (Presidentin), Pit Mangan (Keessjee), Joy Linden (Sekretärin) an Doris Kwiatkowski. Mir géifen eis freeën, wann nach aner Betriber géinge mathëllefen, well nëmmen zu méi kënnen mir méi bewierken.

Wéi gesitt Dir d'Roll vum lokale Commerce an enger ländlecher Regioun wéi Réiden?

Eise Slogan ass „Easy Shopping zu Réiden“ – also ouni Stress a mat kompetentem Service akafen. Mir leeë vill Wäert op perséinlech Berodung. Oft steet de Patron nach selwer hannert der Théik, dat schätzen d'Leit.

Wat sinn déi gréisste Suergen an Erausforderunge fir d'Betriber?

E groussen Abroch war, wéi vill Réidener Banken hir Guicheten zougemaach hunn. Vill Cliente kombinéieren hir Bankgeschäfte mam Akaf. D'Leit mussen elo op Miersch

oder Ettelbréck fuere fir nach bei en oppene Guichet ze kommen. Domat ginn d'Leit um Land nach méi ofhängeg vum Auto.

Wéi gesäit et mam E-Commerce aus ?

Den Online-Handel ass eise gréisste Konkurrent. Mir géingen et gerecht fannen, wann den E-Commerce méi héich géing besteiert gi fir déi lokal Betriber, déi Aarbechtsplaze mat korrekte Paien, Steieren an direkte Clientëservice garantéieren, net ze benodelegen. A sinn all déi Liwwercamionnette wierklech nohalteg?

Firwat ass et wichteg, lokal anzekafen am plaz op Amazon?

Wëllt Dir Dierfer a Stied, wou all d'Butteker zou sinn? Oder wëllt Dir attraktiv a lieweg Geschäftsstroossen? Wënscht Dir Iech, dass Är Kanner Stagen a Léierplazen an der Region fannen? Wee bezilt méi Steieren an d'Staatskeesen?

Gëtt et eppes, wat Dir Iech vun der Politik géift wënschen?

Mir si keen „normale“ Veräin - mir schafen Aarbechtsplazen, bezuele Steieren a beliewen d'Dierfer. Fir géint déi staark Konkurrenz am Online-Handel an déi modern Kommunikationswelt eng kleng Chance ze hunn, géinge mir eis iwwer méi finanziell Ënnerstëtzung freeën. Och e reegelméisseg Austausch iwwer déi aktuell Erausforderunge wier wichteg.

Wéi eng Pläng hutt Dir fir d'Zukunft vum Verband?

Mir wëllen eis Fester an eis Publicitéit nach méi zäitgeméis gestalten a probéieren nei Memberen ze gewannen. Et wier och schéin, wann d'Geschäftsstrooss nach méi Geschäfte hätt.

Wat géif Dir engem jonke Betrib mat op de Wee ginn, dee sech hei néierléisst?

Sidd selwer präsent am Geschäft a bereet, vill Stonnen z'investéieren. Gitt Äert Bescht fir e gudde Service ze bidden an Är Clienten esou laangfristeg ze fideliséieren.

Wat motivéiert Iech als Comitésmembere fir Iech perséinlech am Geschäftsverband z'engagéieren?

Mir fannen et wichteg, dass et nach Geschäfte am ländleche Raum ginn, déi zum Duerfliewe bäidroen. Ausserdeem si mir iwwerzeugt, dass et nëmme Sënn mécht, zesummen iwwer eis Problemer a Léisungen ze schwätzen. Dofir setze mir eis mat vill Engagement an.

**Redinger
BRADERIE - Zeitung.**
Zweiter Jahrgang.
REDINGEN, den 21. Mai 1931.
Druck und Verlag: Buchdruckerei Leo FELD, Redingen.

Boucherie - Charcuterie
Tel. 25 **B. KREMER.** Tel. 25

**Nie dagewesene Gelegenheit!
Prima Dauerwurst, Speck, Fett
und Schmalz.**

Hôtel - Restaurant
JULES CARELS
Tel. 3 **Gerichtsvertreter** Tel. 3

**Wer einen guten grossen
Humpen trinken will, der gehe
zu Monni Jules.**

Achtung!! Die Parole wird lauten:
**Auf zur Braderie
im Schuhhaus SCHLËSSER**
das grösste und leistungsfähigste Spezial-Geschäft des
Kantons; bekannt durch seine guten Qualitäten.
Das ERBEIGNIS werden unsere BRADERIE-Preise
in allen Abteilungen sein!
Filiale in USELDINGEN im Hause Majerus-Schnack.

Privatkollektiou/Collection privée: Anny Wirth



L'UNION COMMERCIALE ET ARTISANALE DE REDANGE

L'Union commerciale et artisanale de Redange a été fondée en 1931. Depuis 2009, Lotty Welfring en est la présidente. Elle nous explique pourquoi l'union s'engage et quels sont ses plus grands défis.

Qu'est-ce que l'Union commerciale et artisanale de Redange ?

Nous sommes une union commerciale et artisanale, ouverte à toutes les entreprises du canton de Redange, y compris les artisans. Nous informons régulièrement nos membres, organisons des rencontres et des fêtes, et faisons de la publicité commune, par exemple dans les journaux ou à la radio.

Combien de membres avez-vous actuellement ?

Comme dans beaucoup d'unions au Luxembourg, le nombre de membres est en baisse. Actuellement, nous en comptons 45.

Quels sont vos objectifs principaux ?

Ensemble, nous sommes plus forts. Nous voulons faire connaître les commerces locaux dans tout le pays. Beaucoup de clients viennent de loin, preuve que notre qualité et notre service sont reconnus. Nous cherchons aussi des solutions communes aux problèmes que nous partageons.

Organisez-vous des événements ?

Oui, comme le marché de printemps ou le Summerfest (« fête d'été »).

Comment fonctionne votre comité ?

Nous sommes actuellement quatre membres actifs : Lotty Welfring (présidente), Pit Mangen (trésorier), Joy Linden (secrétaire) et Doris Kwiatkowski. Nous aimerions accueillir de nouveaux membres pour renforcer notre action.

Quel est le rôle du commerce local en zone rurale ?

Notre slogan est « Easy Shopping zu Réiden » – faire ses achats sans stress avec un service compétent.

Le conseil personnalisé est une priorité, et souvent, c'est encore le patron qui sert les clients. Les gens apprécient cela.

Quels sont les plus grands défis aujourd'hui ?

La fermeture des guichets permanents des agences bancaires à Redange a été un coup dur. Beaucoup de clients faisaient leurs courses en même temps que leurs démarches bancaires. Aujourd'hui, ils doivent aller à Mersch ou Ettelbruck, ce qui renforce la dépendance à la voiture.

Et le commerce en ligne ?

Le commerce en ligne est notre plus grand concurrent. Il devrait être davantage taxé pour ne pas désavantager les commerces locaux qui créent de l'emploi, paient des impôts et assurent un service de proximité. Et toutes ces camionnettes de livraison – est-ce vraiment durable ?

Pourquoi acheter local plutôt que sur Amazon ?

Souhaitez-vous des villages et villes sans commerces et sans activité ? Souhaitez-vous que vos enfants trouvent des stages et des apprentissages dans la région ? Qui paie les impôts dans les caisses de l'État ?

Que souhaiteriez-vous de la part du monde politique ?

Nous ne sommes pas une association « classique » – nous créons de l'emploi, animons les villages et payons des impôts. Pour rester compétitifs face au commerce en ligne, un soutien financier et un échange régulier seraient utiles.

Quels sont vos projets pour l'avenir ?

Moderniser nos événements et notre communication, attirer de nouveaux membres et espérer que la rue commerçante s'étoffe à nouveau.

Quel conseil donneriez-vous à un jeune entrepreneur ?

Soyez présent dans votre commerce, travaillez dur, offrez un bon service et fidélisez votre clientèle à long terme.

Qu'est-ce qui vous motive à vous engager dans le comité ?

Nous voulons préserver la vie commerciale à Redange. Et nous sommes convaincus que seul un échange et un engagement collectif permettent de faire avancer les choses.



Union commerciale et
artisanale de Redange
Joy Linden, Secrétaire
78, Grand-Rue
L-8510 Redange / Attert

(+352) 23 62 11 30
joy.linden@hotmail.com

LES COMMERCES DU KANTON RÉIDEN

ANNY WIRTH BY JOY


Madame Linden, wéi huet et sech ugefillt, als nei Gerante d'Geschäft de 14. Februar offiziell ze iwwerhuelen?

Ech war immens houfreg – an et huet sech richteg ugefillt. Dat ass awer nëmme méiglech mat der richteger Ekipp a gudde Mënschen un der Säit. Merci dem Anny Wirth an der Simone Schmartz fir hiert Vertraue vun Ufank un.

Wéi koum et dozou, dass Dir d'Geschäft „Anny Wirth“ iwwerhollt hutt?

Virun 9 Joer huet d'Simone eng Verkeeferin gesicht, déi sech och kéint virstellen, de Butték z'iwwerhuelen. Während de leschten 9 Joer, sinn ech vum Simone intensiv ugeléiert ginn an hunn eis trei Clientë kennegeléiert. Wéi d'Simone an d'Pensioun gaangen ass, hunn ech hir Plaz mat grousser Begeescherung iwwerhollt.

Wat war Är Motivatioun?

Ech hunn eppes fonnt, wat meng Passioun ass, wou ech gutt dra sinn a wat ech zu mengem Beruff ka maachen. Wat wëll ee méi?

Gëtt et gewëss Ännerungen, déi Dir an d'Konzept abruucht hutt?

D'Grondkonzept bleift bestoen – e familiäre Betrib, wou mir eis Iddie fräi deelen an d'Decisionen zesummen ëmsetzen. Ech hunn e puer nei Marken integréiert an an den Accessoires d'Offer u Poschen an Ouerréng ausgebaut. Vun Zäit zu Zäit bléist e frësche Wand duerch de Butték.

U wee riicht sech „Anny Wirth by Joy“?

De Butték ass een Traditionshaus (säit 1884) a steet fir moudebewusst Damme mat der Gréisst 34 - 54. Eng héichwärtig Qualitéit zu engem faire Präis mat engem kompetente Service – dofir sti mir nach ëmmer. Et gëtt fir all Geleeënheet eppes, sief et fir d'Aarbecht, Fräizäit oder Festlechkeeten. D'Haus offrëiert eng Retouche pro Kleedungsstéck.

Wat ass lech am Kontakt mat Äre Clienten am wichtegsten?

Eis ass et wichteg d'Clienten ze kennen, wéi z. B. hier Gréisst, hire Liblingsschnatt an hier Liblingsmarque. Mir wënschen eis och, dass d'Damme sech bei eis wuel fillen a sech mat Freed vun eiser Berodung verwinne loosse.

De Butték gouf rezent renovéiert – wat gouf geännert?

Renovatiouns.lu huet exzellente Aarbecht gelescht: nei Faarf, neien Tapis, neit Elektresch gezunn, opgefreschten Théik – e kleng modern Touch ouni, dass den Traditionsgeschicht verluer geet. Déi original Tuten a Referenzen un d'Geschicht vum Haus bleiwe bewosst erhalen.

Wéi ass Är Passioun fir d'Moud entstanden?

Mir huet et nach ëmmer Freed gemaach mech schéin ze kleeden. Ech fannen d'Moud faszinant, well alles an de Joren erëm kënnt, just d'Kombinatiounen änneren. A virun allem d'Kombiniéiere mécht eis am Butték immens Spaass. Och wann e Butték ni e bewosste Wonsch war, kann ech elo soen, dass ech näischt léiwer haut géing maachen!



ANNY WIRTH BY JOY

Madame Linden, comment vous êtes-vous sentie en reprenant officiellement la boutique le 14 février ?

J'étais très fière – et cela m'a semblé tout de suite naturel. Mais ce n'est possible qu'avec une bonne équipe et des personnes de confiance à ses côtés. Merci à Anny Wirth et Simone Schmartz pour leur confiance dès le début.

Comment en êtes-vous venue à reprendre « Anny Wirth » ?

Il y a 9 ans, Simone cherchait une vendeuse qui pourrait aussi reprendre la boutique. J'ai été formée de près et j'ai appris à connaître notre fidèle clientèle. Quand Simone est partie à la retraite, j'ai repris sa place avec beaucoup d'enthousiasme.

Quelle a été votre motivation ?

J'ai trouvé ma passion – quelque chose qui me plaît, dans laquelle je suis compétente, et que j'ai pu transformer en métier. Que demander de plus ?

Avez-vous apporté des changements au concept ?

Le concept reste : une entreprise familiale où l'on échange librement et prend les décisions ensemble. J'ai ajouté quelques marques et élargi le choix de sacs à mains et boucles d'oreilles. Un vent de fraîcheur souffle régulièrement sur la boutique.

À qui s'adresse « Anny Wirth by Joy » ?

C'est une maison de tradition (depuis 1884), dédiée aux femmes sou-

cieuses de leur style, du 34 au 54. Qualité, prix juste, service personnalisé – pour le travail, les loisirs ou les occasions spéciales. La maison offre une retouche par vêtement.

Qu'est-ce qui compte le plus dans la relation client ?


Nous voulons bien connaître nos clientes : leur taille, leurs coupes préférées, leurs marques favorites. Mais surtout, qu'elles se sentent bien et chouchoutées chez nous.

La boutique a été rénovée récemment – qu'est-ce qui a changé ?

L'entreprise Renovatiouns.lu a fait un excellent travail : peinture, moquette, électricité, comptoir rénové – un petit coup de modernité, sans perdre l'âme du lieu. Les sacs et références historiques ont été volontairement conservés.

D'où vous vient votre passion pour la mode ?

J'ai toujours aimé bien m'habiller. La mode me fascine : tout revient avec de nouvelles combinaisons. Et créer ces associations, c'est ce que j'aime le plus. Même si ce n'était pas prévu, aujourd'hui je ne voudrais rien faire d'autre.



Anny Wirth by Joy
78, Grand-Rue
L-8510 Redange / Attert

(+352) 23 62 11 30
annywirth.lu

 Anny Wirth by Joy

WAT LEEFT ALLES AM SCHIEFERMUSÉE ZU UEWERMAARTEL?

Am Schiefermusée vun Uewermaartel gëtt mat vill Passioun, Fachwëssen a Fräiwëllegenaarbecht d'Erënnerung un d'Industrievergangenheet an un déi haart a geféierlech Aarbecht an de Stolle erhalen – a gläichzäiteg dem Visiteur op eng lieweg a verständlech Manéier vermëttelt.

Am Gespréich mat de Verrieder vum Musée kucke mir op déi rezent Entwécklungen a werfen e Bléck op zukünfteg Projeten.



Kënnst Dir eis Äre Musée kuerz virstellen?

De Schiefermusée Uewermaartel ass ee vun de bedeutendste Beispiller vum Lëtzebuerger Industriepatrimoine. Bei eis kënnst Dir an d'Welt vun de fréiere Schifergrouwen andauchen an d'Liewe vun de Leekëpperten hautno erliewen. D'Häerzstück vun eisem Musée ass dat ënnerirdesch Besucherbergwerk, wou Dir op minus 42 m an déi fréier Ofbaukummere klammt. Awer de Schiefermusée ass och iwwerirdesch: op 8 ha, kënnst Dir 22 historesch Gebaier entdecken- dorënner fréier Wunnhaiser, Industrie- a Verwaltungsgebäier an d'Patronsvilla. D'Surface mam Bopébistro ass während den Öffnungszäite fräi zougänglech. Säit kuerzem hu mir och en „Outdoor Escape Room“.

Wéi gesäit d'Ekipp hannert dem Musée aus?

Mir sinn eng Ekipp vun 11 haaptberuffleche Mataarbechter, déi de reiwungslose Fonctionnement vum Musée assureieren – dorënner Technik, Fleeg & Propretéit vum Site,

souwéi Tourismus (Schoulen, touristesch Offeren, Eventer a Vermaartung). D'Koordinatioun an d'Leedung iwwerhëlt eis Administratrice déléguée, déi d'Ofleeft steiert, vernetzt an d'Richtlinne vum Verwaltungsrat mat 8 Memberen ëmsetzt. Zousätzlech ënnerstëtzen eis ronn 45 Benevole vun de Frënn vun der Lee bei Guidagen, Animatiounen, Zuchfaarten a Virféierunge vum Leekëppert a Schmadd.

Vu wou kommen Är Visiteuren ?

Déi meescht vun eise Visiteuren kommen aus Lëtzebuerg an der Belsch – dat gëllt souwuel fir eenzel Visiteuren wéi och fir Gruppen, wéi zum Beispill Schouklasse. Op drëtter Plaz stinn hollännesch Touristen. Och Gäscht aus Däitschland a Frankräich ziele reegelméisseg zu eise Visiteuren. Am Mee hu mir schonn de 25.000ste Visiteur zënter der Erëffnung vum ënnerirdesche Parcours am Oktober 2022 begrësst. Dës Zuele weisen, dass Interessé bei de Leit besteet an eis Aarbecht sech lount.

Wéi huet sech de Musée entwéckelt?

Ugefaang als reng benevole Initiative, huet de Musée sech zu enger gemëschter Struktur entwéckelt, wou déi fräiwëlleg Frënn vun der Lee mam Staat (Tourismus- & Kulturministère, INPA), an der Gemeng Rammerich zesummen de Verwaltungsrot forméieren an de Site verwalten. Eise Musée ass säit Februar 2025 dat ganz Joer all Dag, ausser Méindes, vun 10:00 bis 18:00, souwuel fir eenzel Visiteuren, wéi och fir Gruppen op. E wichtige Schratt war d'Aweigung vum ënnerierdesche Parcours bis op 42 m Déift – dee mat Guide oder autonom besicht ka ginn. Dat mécht de Besuch och fir international Gäscht spontan an ouni Sproochbarrièren méiglech.

Kënnst Dir eis eppes iwwert Äre Renovationsprojet vun der Villa erzielen?

D'Villa vum fréiere Patron, dem August Rother, wäert ab 2026 als „Espace Nic. Molitor“ fir de Public opgoen. D'Ausstellung weist net nëmme Glasplackefotoe vum Bungerefer Photograph Nic. Molitor, mee léisst och d'Liewen an der Villa duerch Fotoe vun der Famill Rother, Objeten aus där Zäit a Geschichte vun Zäitzeien opliwien.

Wat mécht d'Fotoe vum Nic. Molitor esou wäertvoll?

D'Fotoarchiv vum Nic. Molitor ass sou wäertvoll, well se ganz verschidden Aspekter vum Duerfliewen tëscht 1900 an 1950 weist an de sozialen Alldag op eng authentesch Aart erëmispigelt. Seng Glasplackefotoe sinn ausserge-

wéinlech gutt erhalen a stellen e wichtige kulturhistoresche Patrimoine duer. Zënter 2024 gehéiert d'Sammlung dem Schiefermusée a gëtt am CNA konservéiert. Den Nic. Molitor war e gudd Kollege vum August Rother an huet ënner anerem vill Fotoe vu senger Famill, de Schiefergruppen an de Leekëpperte gemaach.

Wéi gesäit d'Zukunft vum Musée aus?

De Musée bleift a Beweegung: 2026 geet d'Villa op, am Spalthaus ass eng permanent Ausstellung vun eise Sammlungen a Planung, an och e Restaurant an der aler Kantin ass virgesinn. Mir wëllen eng Plaz schafen, wou Geschicht mat alle Sënner erlieft ka ginn – fir Touristen an Awunner gläichermoossen. Eise Musée soll eng Plaz sinn, déi Vergaangenheet a Géigewaart matenee verbënnt – oppen, aluedend an inspiréierend.

Wat ass Är Liblingsplaz am Musée?

Meng Liblingsplaz ass de fréiere Rother Büro – nëmme bei ausgewielte Visitten zougänglech. Wann een d'Dier opmécht an erakënnt, schéngt d'Zäit stoe bliwwen ze sinn. De Raum ass erfëllt vun engem eenzegaartegen, nostalgischen Doft, d'Kraache vun den alen Holzdielen ënner de Féiss an déi gutt erhale Schreifdëscher vermëttelen d'Gefill, datt d'Zäit hei stoe bliwwen ass. Déi liicht stëbseg Loft dréit Spuere vun enger Ära, wou d'Schiferindustrie zu Lëtzebuerg nach floréiert huet.



QUE SE PASSE-T-IL AU MUSÉE DE L'ARDOISE ?

Au Musée de l'Ardoise de Haut-Martelange, on entretient avec passion, expertise et un grand engagement bénévole la mémoire du passé industriel et du travail dur et dangereux dans les mines – tout en la transmettant de manière vivante et compréhensible aux visiteurs.

Dans cet entretien avec les responsables du musée, nous faisons le point sur les développements récents et sur les projets à venir.



Pouvez-vous nous présenter brièvement votre musée ?

Le Musée de l'Ardoise de Haut-Martelange est l'un des plus importants témoignages du patrimoine industriel luxembourgeois. Chez nous, vous pouvez plonger dans l'univers des anciennes ardoisières et découvrir de près le quotidien des mineurs d'ardoise.

Le cœur du musée est la mine souterraine ouverte au public : on y descend à 42 mètres de profondeur pour pénétrer dans les anciennes chambres d'extraction.

Mais le musée se visite aussi en surface : sur 8 hectares, on peut découvrir 22 bâtiments historiques – anciennes habitations, bâtiments industriels et administratifs, ainsi que la villa du patron. Le site, avec son Bopebistro, est librement accessible pendant les heures d'ouverture. Depuis peu, nous proposons également un escape game en plein air.

Comment se compose l'équipe du musée ?

Nous sommes une équipe de 11 salariés qui assurent le bon fonctionnement du musée – technique, entretien et propreté du site, mais aussi activités touristiques (offres pour les écoles, visites guidées, événements, promotion). La coordination et la direction sont assurées par notre administratrice déléguée, qui supervise le quotidien, entretient les réseaux et met en œuvre les orientations fixées par le conseil d'administration composé de 8 membres.

De plus, environ 45 bénévoles de l'association Amis de l'Ardoise nous soutiennent : visites guidées, animations, balades en train touristique et démonstrations de mineur ou de forgeron.

D'où viennent vos visiteurs ?

La majorité de nos visiteurs vient du Luxembourg et de Belgique – aussi bien des visiteurs individuels que

des groupes, comme par exemple les classes scolaires. En troisième position figurent les touristes néerlandais. Nous accueillons également régulièrement des hôtes d'Allemagne et de France.

En mai, nous avons déjà reçu notre 25 000^e visiteur depuis l'ouverture du parcours souterrain en octobre 2022. Ces chiffres montrent l'intérêt du public et confirment la valeur de notre travail.

Comment le musée a-t-il évolué ?

Né comme une initiative purement bénévole, le musée est devenu une structure mixte, où l'association Amis de l'Ardoise collabore avec l'État (ministères du Tourisme et de la Culture, INPA) et la commune de Rambrouch. Ensemble, ils forment le conseil d'administration et gèrent le site.

Depuis février 2025, notre musée est ouvert toute l'année, tous les jours sauf le lundi, de 10h à 18h, aussi bien aux visiteurs individuels qu'aux

groupes. Un pas important a été l'ouverture du parcours souterrain à 42 mètres de profondeur – visitable avec guide ou de manière autonome. Cela rend la visite également accessible aux touristes étrangers, sans barrière de langue.

Pouvez-vous nous parler du projet de rénovation de la villa ?

La villa de l'ancien patron August Rother ouvrira au public en 2026 sous le nom « Espace Nic. Molitor ». L'exposition ne présentera pas seulement des plaques photographiques en verre du photographe Nic. Molitor de Bigonville, mais fera aussi revivre la vie dans la villa à travers des photos de la famille Rother, des objets d'époque et des témoignages.

Qu'est-ce qui rend les photos de Nic. Molitor si précieuses ?

Les archives photographiques de Nic. Molitor sont uniques car elles documentent divers aspects de la vie villageoise entre 1900 et 1950 et reflètent le quotidien social de manière authentique. Ses plaques de verre sont exceptionnellement bien conservées et constituent un patrimoine culturel majeur.

Depuis 2024, la collection appartient au Musée de l'Ardoise et est conservée au CNA. Nic. Molitor était un ami proche d'August Rother et a réalisé de

nombreuses photos de sa famille, des ardoisières et des mineurs.

Quel avenir pour le musée ?

Le musée reste en mouvement :

- 2026 : ouverture de la villa
- projet d'exposition permanente des collections dans l'ancienne salle de fendage (Spalthaus)
- aménagement d'un restaurant dans l'ancienne cantine

Nous voulons créer un lieu où l'histoire peut être vécue avec tous les sens – aussi bien par les touristes que par les locaux. Un musée qui relie passé et présent – ouvert, accueillant et inspirant.

Quel est votre endroit préféré dans le musée ?

Mon lieu favori est l'ancien bureau Rother – accessible uniquement lors de visites spéciales. Lorsqu'on ouvre la porte et qu'on y entre, on a l'impression que le temps s'est arrêté. La pièce est empreinte d'une atmosphère nostalgique :

l'odeur particulière, le craquement des vieux planchers sous les pas, les bureaux parfaitement conservés donnent le sentiment que l'on se retrouve dans une époque où l'industrie de l'ardoise au Luxembourg était encore florissante.




© Musée de l'Ardoise



Musée de l'Ardoise
L-8823 Haut-Martelange

(+352) 23 640 141
info@ardoise.lu
ardoise.lu



© Musée de l'Ardoise



© Musée de l'Ardoise



© Musée de l'Ardoise

DE JANG NEY, GRËNNER VUM MUSÉE THILLENVOGTEI



De Jang Ney vu Wal sammelt zënter Joerzénkten alles, wat mam ländleche Liewen a mam Handwierk a fréieren Zäiten ze dinn huet. Esou huet hien eng vun de gréisste Sammlungen an dësem Gebitt an Europa opgebaut. Am Ufank war säi Musée am Heemechtshaff zu Wal ënnerbruecht, 2015 ass de Musée op Randschelt geplënnert. Et gëtt kaum e Musée am Land, deen op privater Basis entstanen ass an ouni gréisser staatlech Ënnerstëtzung iwver 30 Joer erfollegräich funktionéiert huet. De Jang huet mam Musée a senger Sammlung e bedeutende Bäitrag fir d'Promotioun an d'Conservatioun vum ländleche Patrimoine geleescht.

Vill vu sengem Wëssen a senge Fotoe sinn och an eise Projet „Op Zäitrees duerch de Wëlle Westen“ agefloss. Mir soen dem Jang heifir e ganz grouse Merci.

Här Ney, kënt Dir lech kuerz virstellen?

Ech sinn 1949 gebuer a sinn hei zu Wal um Heemechtshaff opgewuess. No der Primärschoul sinn ech an d'Akerbauschoul gaangen. Wéi mäi Papp 1970 ze fréi gestuerwen ass, hunn ech mat 21 Joer d'Verantwortung vum Haff iwverholl. Meng Mamm a meng kleng Schwëstere hu mir dobäi gehollef. Ausser dem Sträiche vun de Kéi, huet mir d'Aarbecht um Haff gefall.

Hutt Dir schonn ëmmer gär gesammelt?

Als Kand sinn ech dacks mat Helmen a Gasmasken heemkomm, déi ech um Dreckstipp niewendru fonnt hunn. Mäi Papp huet du gemault: „Looss dee Schrott nëmme do leien a sief frou, dass dee schreckleche Krich eriwwer ass. Sammel léiwere dem Woner oder dem Schmadd säi Geschier. Du wäerts gesinn, wann's Du grouss bass, ginn et déi Beruffer hei am Duerf net méi.“

Wéi ass et zur Grënnung vum Musée Thillenvogtei komm?

D'Iddi vun engem Musée huet scho laang a mir gelangert, d'Ëmsetzung huet awer hir Zäit gebraucht. Wéi eis Nopesch gestuerwe war, hu mir hiert alt Haus kaf. Dat huet sech gutt geegent, well nach viles am Originalzoustand erhale war. Duerno ass nach an eisem Schwäistall eng al Schoul nogebaut ginn an en Holzatelier ass an de Koustall komm. De Musée ass de 15. September 1991 opgaangen. Vun do un, hunn ech mech op d'Aarbecht am Musée konzentréiert.

Wou hut Dir all déi Saachen opgedriwwen?

Wéi ech zu Béiwen bei enger Firma, déi Ställ gebaut huet, ausgehollef hunn, hat ech d'Gléck hannert d'Scheierpaarten ze gesinn. Ech hunn d'Leit gefrot, ob si hiert alt landwirtschaftlecht Geschier gäre géinge lassginn. Meeschtens huet et geklappt! Et huet sech dunn och séier ronderëm geschwat, dass den Neye Jang ale Buttik géing sammelen!

Wat hunn d'Schoukanner an Ärem Musée erlieft?

Si sinn an eiser „Schoul“ empfaange ginn a kruten erkläert wéi d'Schoul deemools war. Duerno ass wéi fréier an engem Holzuewe Brout gebak ginn. Während d'Brout am Uewe gebak gouf, si mir an d'Scheier dresche gaangen. Nom Picknick, ass meng Liblingsaktivitéit komm: d'Wäschen um Wäschbuer. Mat den Eemeren a Weenercher sinn d'Kanner erof bei eise Wäschbuer getréppelt an hunn d'Wäsch wéi virun 200 Joer gemaach. Am leschten Atelier hu mir eng hëlze Leeder gebaut. D'Kanner konnten hir fabrizéiert Saachen owes mat heem huelen.

Genau dat aktiivt Matmaachen ass dat, wat de Musée esou lieweg a besonnesch mécht. Firwat war lech dat ëmmer wichteg?

Et war mir ëmmer wichteg, dass d'Kanner alles dierften upaken an ausprobéieren. Als Kand krut ech dat ze dacks verbueden.



De Jang als Kand doheem um Haff.
Jean enfant, à la ferme familiale.

Wann Dir op all déi Jore vum Musée zréckkuckt, ginn et Momenter, déi sech besonnesch an Ärem Gediechnes agebrannt hunn?

Ech wëll déi 25 Joer net mëssen, wou ech de Musée geleet hunn. Et gëtt näischt méi Schéines, wéi a glécklech Kanneraen ze kucken. E ganz besonnesche Moment war och, wéi déi 10 Buergermeeschter aus dem Kanton Réiden am Ufank vum Projet an eis „Schoul“ komm sinn a gesot hunn, dass si de Projet géingen ënnerstëtzen.

Wéi vill Schoukanner sinn duerch Äre Musée (ënnert ärer Leedung) passéiert?

Ufanks hu mir mat 450 Kanner pro Joer gerechent, ganz séier waren et der 4.500 pro Joer. Insgesamt sinn iwwer 100.000 Kanner duerch de Musée passéiert, wéi ech do war.

Wat befénnt sech alles an Ärer Sammlung, déi jo wäit méi grouss ass, wéi dat wat een am Musée zu Randschelt gesäit?

D'Sammlung ëmfaasst praktesch alles wat an der Landwirtschaft an den Asaz komm ass. Donieft hu mir och déi komplett Ariichtung vun enger ganzer Rei Handwierker, wéi z. B.: Bäcker, Schouster, Woner, Schmadd, Schräiner, Saadler, Schneider, Photograph... Mir hunn och eng komplett Molkerei nogebaut.



De Jang viru kuerzem doheem a senger Stuff.
Jean récemment chez lui, dans son salon.

Verschidde Stécker aus Ärer Sammlung dauchen och ëmmer rëm a Filmen op?

Jo, 3-4 mol pro Joer komme Film-Produzente bei eis fir Saachen auszeléinen. „Déi zwee vum Bierg“ war den éischte Film, wou eis Sammlung benotzt gouf. Fir den Dréi vum Film „Emil“ ass de Realisateur, Pol Tusch, bei eis komm fir eng preisesch Uniform auszeléinen. Wéi en du gesinn huet, wat alles hei wier, huet e fonnt, dass et besser wier, de Film direkt hei ze dréinen.

Wat wënscht Dir lech fir d'Zukunft vum Musée?

2024 huet d'Gemeng de Musée Thillenvogtei zu Randschelt kaf. Ech hoffen, dass de Musée weider esou flott a lieweg funktionéiert an nach laang ville Kanner d'Liewe vu fréier méi no bréngt.

Mat vill Passioun an Engagement hutt Dir e Stéck Geschicht fir eis an déi nächst Generatiounen erhalen. Är Aarbecht am Musée Thillenvogtei a bei der Wëssensverméttlung iwuer d'ländlecht Liewe verdéngt grouse Respekt an e ganz häerzleche Merci.



De Jang mat sengem Papp 1968 um Heemechtshaff.
Jean avec son père, en 1968, à la ferme familiale.

JEAN NEY, FONDATEUR DU MUSÉE THILLENVOGTEI

Depuis des décennies, Jean Ney de Wahl collectionne tout ce qui touche à la vie rurale et aux anciens métiers, constituant ainsi l'une des plus grandes collections privées en Europe dans ce domaine. Le musée, d'abord installé à Wahl, a déménagé en 2015 à Rindschleiden. Il s'agit d'un des rares musées créés et gérés sans soutien public pendant plus de 30 ans.

Né en 1949, Jean Ney a grandi à Wahl sur la ferme familiale qu'il a reprise à 21 ans après le décès prématuré de son père. Déjà enfant, il collectionnait des objets, malgré les réticences de son père qui l'encourageait plutôt à conserver les outils des artisans locaux.

L'idée d'un musée l'a accompagné longtemps avant de devenir réalité. En 1991, le Musée Thillenvogtei a ouvert ses portes sur le site de la ferme familiale, avec un fournil, une école reconstruite, un atelier de menuisier... La collection s'est étoffée grâce à de nombreux dons et trouvailles : outils agricoles, métiers traditionnels (boulangier, cordonnier, forgeron, photographe, etc.).


Le musée se distingue par ses ateliers participatifs où les enfants peuvent cuire du pain, laver le linge comme autrefois, ramasser des pommes de terre ou fabriquer des objets en bois. Jean Ney tenait à ce qu'ils puissent toucher et expérimenter,

contrairement à ce qu'il avait connu enfant.


Pendant ses 25 ans de direction, il a accueilli plus de 100 000 enfants. Le musée a aussi servi de décor et sert encore aujourd'hui de fournisseur d'accessoires pour de nombreux films. Depuis 2024, la commune est propriétaire du site de Rindschleiden. Jean Ney espère que le musée continuera à transmettre la mémoire du passé de manière vivante et accessible à tous.

DE MUSÉE THILLENVOGTEI – DEM JANG NEY SÄI LIEWENSPROJET

LE MUSÉE THILLENVOGTEI – LE PROJET DE VIE DE JEAN NEY



DE GROUSSE BEIENDAG AM WËLLE WESTEN



De Beieveräin aus dem Kanton Réiden, deen et schonn zënter 1886 gött, organiséiert den 19. Oktober am Atert Lycée e grousser Beiendag. Wien hannert dem Veräi steet a wat um Beiendag gebuede gött, gitt Dir an dësem Interview mam Comité gewuer.



De Comité vum Beieveräin Kanton Réiden.
Le comité du Cercle apicole du Canton de Redange.
Et feelen op der Foto / Manque sur la photo:
Nico Schott & Jang Konsbruck

Wat sinn d'Ziler vum Beieveräin?

Eis Ziler si kloer: mir wëllen d'Beienzuucht férdere an d'Biodiversitéit erhalen. Dat geschitt duerch Ausstellungen, Referater, praktesch Schoulungen iwwer aartgerecht Beienhaltung a Beienmëtteger, wou Neiegkeeten a Wëssen ausgetosch ginn. Mir wëlle gläichzäiteg d'Ëffentlechkeet sensibiliséieren, wéi wichteg eng grouss Bléievillfalt fir e gesond Beievollek ass. Zu Biekerech hu mir säit 2014 e Beieléierpad.

Wéi vill Membere si bei lech aktiv?

2025 ziele mir 51 Memberen an 10 Éierememberen. Jidderee ka bäitrieden, och ouni Virkenntnesser. Schoulungen a Weiderbildungen organiséiert all Joer eise Landesverband FUAL, souwuel fir Ufänger wéi fir Fortgeschrittener.

Firwat sinn d'Beien esou wichteg fir eis Ëmwelt?

All Insekt huet seng Plaz a seng Roll an der Natur. D'Beie sinn essenziell fir d'Bestébsung vu Bléien a garantéieren, datt vill Planzen iwwerhaupt Friichten a Som droen. Wëllbeien ergänzen d'Hunnegbeien. Vill Aarte si wéinst hirem spezifesche Pollen op eng eenzeg Planz ugewisen. Verschwannen dës Beien, verschwannen och vill Planzen, a mat hinne vill Déieren, déi vun dëser Planze liewen. Kuerz: do, wou et vill Beie gött, geet et der Natur meeschens gutt. D'Präsenz vun Hunnegbeien a Solitärbeien sinn den Indikator fir eng gesond Ëmwelt.

Wat ka jidderee maachen, fir de Beien ze hëllefen?

D'Beie brauche fir gesond ze liewen eng Villfalt u Bléiepollen. Wichteg sinn och genuch Nistplaze fir d'Insekten a e méiglechst geréngen Asaz vu Pestiziden an der Natur. Kuerz: wat méi Bëscher, Blummewiesen, Kraider- an Naturgäert, wat besser – dat hëlleft och villen aner Déieren.

DE GROUSSE BEIENDAG: 19. OKTOBER AM ATERT-LYCÉE RÉIDEN

Nei Beien-Ausstellung am Atert Lycée Réiden D'Symbios téschent de Beien, dem Mënsch an der Natur

Op fir de Public: 16. – 23. Oktober 2025 vun 9h00 bis 17h00

Geféiert Visiten: Samschdes, 18. Oktober 2025 vun 9h00 – 12h00 (gratis, ouni Umeldung)

Wat erwaart d'Visiteuren um Beiendag?

Op eisem Beiendag, dee Sonndes, den 19. Oktober am Atert Lycée stattfënnt, ginn de ganzen Dag héichwäerteg Virträg vu renomméierte Riedner ugebueden, all op däitsch. D'Virträg si gratis an op fir jiddereen, an op Wonsch kann een och d'Mëttegiesse reservéieren. En Highlight ass och eis nei Ausstellung mat 20 Rollupen, déi unhand vu ville Fotoe vum Collette Michel d'Symbiose téschent de Beien, dem Mënsch an der Natur erkläert. D'Ausstellung bleibt eng Woch am Lycée a kann duerno vu Schoulen oder Organisatiounen ausgeléint ginn.

De Programm fannt Dir op news.kanton-reiden.lu.



U wee riicht sech d'Ausstellung?

U jiddereen. D'Kanner aus dem Cycle 4 an d'Schüler vum Atert Lycée ginn invitéiert, d'Ausstellung ze besichen, op Wonsch mat enger Féierung. Och de Grand Public ass wëllkomm, an de Besuch ass gratis.



Zwou Beien op enger Dëstel.
Deux abeilles sur un chardon.



Bëscher, Blummewisen, Kräider- an Natur-Gäert
sinn iwwerliewenswichtig fir d'Beien.
*Les forêts, les prairies fleuries, les jardins de plantes
aromatiques et les jardins naturels sont essentiels
à la survie des abeilles.*



Beiekinnigin mat hirem Hofstaat
Reine des abeilles avec sa cour.

Wat ass Ären Haaptmessage vun der Ausstellung?

Eis Natur steet ënner Drock. Mir wëlle weisen, wéi schéin eng intakt Biodiversitéit ka sinn an de Leit vermëttelen, dass all Insekt eng wichteg Roll spillt. Besonnesch bei Jonken ass et wichteg, e gesond Naturbewosstsinn z'entwëckelen.

Wat wënscht Dir lech fir d'Beien am Kanton Réiden?

Dass et de Beie gutt geet, dass si genuch Bléien a biologesch intakt Beieweede fannen. Mir géifen eis och freeën, wa méi jonk Leit sech fir d'Beienzucht interesséieren an aktiv am Veräinsliewe matschaffen.

Wat sinn déi dräi wichtegst Punkten iwwer d'Beien?

- D'Bei ass e formidabelt Wiesen, dat et scho viru 15–20 Milliounen Joer gouf an dat et ëmmer nees fäerdeg bruecht huet, sech un d'Ëmwelt unzepassen.
- Wann ee sech mat Beie beschäftegt, kritt een en déiwen Abléck an d'Zesummenhäng vun der Natur.
- Wann d'Beie verschwannen, da steet et schlecht ëm d'Zukunft vum Mënsch: 80 % vun de Bléie sinn op Insektenbestëbung ugewisen.

LA GRANDE JOURNÉE DES ABEILLES DANS LE CANTON DE REDANGE

Le cercle apicole Redange/Attert, qui existe depuis 1886, organise le 19 octobre une grande Journée des Abeilles au Atert Lycée Réiden. Dans cette interview, vous découvrirez qui se cache derrière le cercle et ce qui est proposé lors de cette journée.

Quels sont les objectifs de votre cercle apicole ?

Nos objectifs sont clairs : nous voulons promouvoir l'apiculture et préserver la biodiversité. Cela passe par des expositions, des conférences, des formations pratiques sur une apiculture respectueuse des espèces, et des après-midis apicoles où l'on échange des connaissances et des nouveautés. Nous souhaitons également sensibiliser le public à l'importance d'une grande diversité florale pour des colonies d'abeilles en bonne santé.

Depuis 2014, nous avons mis en place un sentier pédagogique sur les abeilles à Beckerich.

Combien de membres sont actifs chez vous ?

En 2025, nous comptons 51 membres et 10 membres d'honneur. Tout le monde peut adhérer, même sans connaissances préalables. Des formations et perfectionnements sont proposés chaque année par notre fédération nationale FUAL, tant pour les débutants que pour les apiculteurs avancés.

Pourquoi les abeilles sont-elles si importantes pour notre environnement ?

Chaque insecte a sa place et son rôle dans la nature. Les abeilles sont essentielles à la pollinisation des fleurs et garantissent que de nombreuses plantes puissent produire des fruits et des graines. Les abeilles sauvages complètent le travail des abeilles domestiques. Beaucoup d'espèces dépendent d'une seule plante pour leur pollen. Si ces abeilles disparaissent, les plantes associées disparaissent également, entraînant à leur tour

Quels sont les trois points les plus importants relatifs sur les abeilles ?

- L'abeille est un être extraordinaire, présente depuis 15 à 20 millions d'années, qui a su sans cesse s'adapter à son environnement.
- En s'intéressant aux abeilles, on acquiert une profonde compréhension des interconnexions de la nature.
- Si les abeilles disparaissent, l'avenir de l'humanité est compromis : 80 % des fleurs dépendent de la pollinisation par les insectes.

la disparition d'animaux qui en dépendent. En résumé : là où il y a beaucoup d'abeilles, la nature va généralement bien. La présence d'abeilles domestiques et solitaires est un indicateur d'un environnement sain.

Que peut faire chacun pour aider les abeilles ?

Les abeilles ont besoin d'une grande variété de fleurs pour vivre sainement. Il leur faut aussi suffisamment de lieux de nidification et un usage le plus réduit possible de pesticides dans la nature. En bref : plus il y a de forêts, de prairies fleuries, de jardins de plantes aromatiques ou naturels, mieux c'est – et cela aide aussi beaucoup d'autres espèces animales.



Béi mat Bléiepollen
Abeille avec du pollen floral

LA GRANDE JOURNÉE DES ABEILLES : LE 19 OCTOBRE AU ATERT LYCÉE RÉIDEN

Que peuvent attendre les visiteurs lors de la Journée des Abeilles ?

Lors de notre Journée des Abeilles, qui aura lieu le dimanche 19 octobre au ALR, des conférences de qualité, animées par des intervenants renommés, seront proposées toute la journée, toutes en langue allemande. Les conférences sont gratuites et ouvertes à tous. Il est également possible de réserver le repas de midi. Un des temps forts est notre nouvelle exposition composée de 20 roll-ups. À l'aide de nombreuses photos de Collette Michel, elle illustre la symbiose entre les abeilles, l'homme et la nature.

L'exposition restera visible une semaine au lycée, puis pourra être empruntée par des écoles ou des organisations.

Le programme est disponible sur news.kanton-reiden.lu.



À qui s'adresse l'exposition ?

À tout le monde. Les enfants du cycle 4 ainsi que les élèves du ALR sont invités à visiter l'exposition, avec une visite guidée sur demande. Le grand public est également le bienvenu, et l'entrée est gratuite.

Quel est le message principal de l'exposition ?

Notre nature est sous pression. Nous voulons montrer à quel point une biodiversité intacte peut être belle, et transmettre aux gens que chaque insecte joue un rôle important. C'est particulièrement important de développer une conscience écologique chez les jeunes.

Que souhaitez-vous pour les abeilles dans le canton de Redange ?

Que les abeilles s'y sentent bien, qu'elles y trouvent suffisamment de fleurs et des prés en fleurs intactes sur le plan biologique. Nous serions également ravis de voir davantage de jeunes s'intéresser à l'apiculture et s'engager activement dans la vie associative.



Naturwaben – een Naturwoner
Alvéoles naturelles – une merveille de la nature.

Exposition sur les abeilles au Atert Lycée à Redange La symbiose entre les abeilles, l'homme et la nature

Ouverture au public : du 16 au 23 octobre 2025, de 9h00 à 17h00

Visites guidées : samedi 18 octobre 2025, de 9h00 à 12h00
(gratuit, sans inscription)



Beieveräin aus dem Kanton Réiden
President Michel Collette
(+352) 621 190 017
beiemich@pt.lu
apisredange.lu

Kropemanns Fest

den 28. September 2025
zu Réiden / Atert
10:00 - 18:00

Entrée & Navette
GRATIS

Hobby- & Konschtmaart,
Informatiouns- & aner Maartstänn

Musek op 4 Bünen
& Kanneranimatioun

Ouverture um 10:00
hannert dem Worréshaus
mat Politiker-Theater an Ëmfang
vum Kropemann



Org.: Kropemannsfest asbl



www.reidener-kropemannsfest.lu



D'MARYSE KINTZLÉ: ALLDAGSHELDIN AUS DEM WËLLE WESTEN

Nieft hirer Aarbecht am CHL, engagéiert sech d'Maryse vu Wolwen mat enger onendlecher Energie an ustiechender Begeeschterung als Benevole bei verschiddenen Organisatiounen. Wou sech d'Maryse iwwerall fir de gudden Zweck asetzt, a wat hir dobäi gefält, gitt Dir hei am Interview gewuer.



Maryse, wou bass Du als Benevole engagéiert?

Ech sinn aktiv beim CGDIS (Corps grand-ducal d'incendie et de secours), bei der LRO (Luxembourg Rescue Organisation) am RUD-Team (Realistische Unfalldarstellung) a bei der Wonschkutsch.

Zënter wéini bass Du schonn éierenamtlech aktiv?

Vun doheem aus si mäi Brudder an ech getrimmt gi fir ze schaffen an ze hëllefen. Um Duerf war zesummenhalt wichteg, an ech wollt wéi déi Grouss an engem Veräi matschaffen. Viru méi wéi 30 Joer, hu mir dunn endlech dierften an d'Pompjeeën. Et war en aktive Veräi bei eis, wou Generatioune matenee fir een Zil geschafft hunn.

Wat genau sinn Deng Aufgabe bei de Pompjeeën?

Ech sinn als Pompjee am technesche Beräich (Accidenter, Stuerm, Reen, Déieren an Nout...) an am Feierberäich aktiv. Des Weidere fueren ech och Ambulanz. Am CSL (Centre de soutien logistique) sinn ech an der Ekip vum Ravitaillement, dat heescht mir versuergen d'Pompjeeë bei laangen Asätz oder enger Canicule mat lessen a Gedrénks. Ech engagéiere mech och an der Ekip fir den Encadrement vun de Jugendpompjeeën an hëllefen iwwerall, wou eng Hand gebraucht gëtt. Zousätzlech motivéieren ech meng Kolleegen, sportlech aktiv ze bleiwen an als Ekip bei Sports-Evenementer matzemaachen.

Wat léiert ee bei de Pompjeeën?

Als jonke Kadett léiert ee vill Neies – Fachlechtes a Prakteschtes. Mee et léiert ee genau esou vill mënschlech Kompetenzen: Empathie, Teamgeescht, Vertrauen an a Stresssituatiounen ze reagieren. An et léiert ee leider och, dass vun engem Moment op deen aner alles anescht ka sinn. Bei all deem Engagement, ginn awer och Fester zesumme gefeiert.

Wat fir Fäegkeete si wichteg fir Pompjee ze ginn?

Wichtig ass et, sech stänneg weiderzebilden, bei prakteschen Trainingen deelzehuelen a kierperlech a mental fit ze bleiwen, fir an Noutfäll effizient ze hëllefen.

Wat bereet Dir Freed un Dengem Engagement?

D'Freed um Pompjees-Engagement ass villsäiteg. Et zielt den Ekippegeescht – zesummenhalen, seng an deem aner seng Grenzen erkennen, oppe sinn a séier asprangen. Esou wisst een zu enger grousser Famill zesummen, an där och d'Gesellegkeet wichteg ass, well net alles wat een als Pompjee erlieft, stécht ee liicht ewech. Mee am meeschten

zielt deen einfache Merci vun engem Mënsch, deem mir gehollef hunn dat ass et wat am Gedächtnes hänke bleift.

Gëtt et e speziell Erleefnis, dat's de gäre mat eis deele géifs?

All Asaz ass een Erleefnis an op seng Manéier speziell. Awer et sinn dacks déi kleng Gesten, déi déi gréisste Wirkung hunn: e Bléck deen alles seet, en Handrock, eng Hand op der Schëller oder fonkelnd Kannaeren. Dat ass déi dreiwend Kraaft, déi mech motivéiert weiderzemaachen, ëmmer mäi Bescht ze ginn an anerer motivéiere sech och z'engagéieren. Ze wëssen, dass een engem an enger schwieriger Situatioun Hoffnung a Stärkt ginn huet, ass fir mech dee gréisste Merci a gläichzäiteg d'Bestätegung, dass mäin Engagement Sënn mécht.

Grousse Merci Maryse fir Däin onermiddlechen Asaz – a Respekt fir all déi Stonnen, déi's Du am Déngscht fir d'Allgemengheet verbréngs. D'Welt brauch méi Mënsche wéi Dech!



© Maryse Kintzle



© Maryse Kintzle

MARYSE KINTZLÉ : HÉROÏNE DU QUOTIDIEN

En plus de son travail au CHL, Maryse, originaire de Wolwelange, s'engage avec une énergie inépuisable et un enthousiasme contagieux en tant que bénévole dans plusieurs organisations. Découvrez dans cette interview où elle s'engage pour la bonne cause – et ce qui la motive à continuer.



© Maryse Kintzle

Maryse, dans quelles structures fais-tu du bénévolat ?

Je suis active au sein du CGDIS (Corps grand-ducal d'incendie et de secours), de la LRO (Luxembourg Rescue Organisation) dans l'équipe RUD (Représentation réaliste d'accidents) ainsi qu'à la Wonschkutsch.

Depuis quand es-tu engagée bénévolement ?

Chez nous, mon frère et moi avons grandi dans un esprit de travail et d'entraide. Dans notre village, la solidarité comptait beaucoup, et je voulais, comme les grands, faire partie d'une association. Il y a plus de 30 ans, nous avons enfin eu le droit d'entrer chez les pompiers. C'était une association très active dans notre village, où plusieurs générations s'engageaient ensemble pour une cause commune.

Quelles sont tes missions chez les pompiers ?

Je suis pompier dans le secteur technique (accidents, tempêtes, inondations, animaux en détresse, etc.) ainsi que dans la lutte contre les incendies. Je conduis également l'ambulance. Au sein du Centre de soutien logistique (CSL), je fais partie de l'équipe

chargée du ravitaillement, c'est-à-dire que nous approvisionnons les pompiers sur de longues interventions ou en période de canicule. Je m'engage également dans l'équipe qui encadre les jeunes sapeurs-pompiers, et j'aide partout où l'on a besoin d'un coup de main. En plus, j'encourage mes collègues à rester actifs physiquement et à participer ensemble à des événements sportifs.

Que peut-on apprendre en tant que pompier ?

En tant que jeune cadet, on apprend énormément – sur le plan technique et pratique. Mais aussi sur le plan humain : empathie, esprit d'équipe, confiance, et comment réagir en situation de stress. On apprend aussi, malheureusement, que tout peut basculer d'un instant à l'autre. Mais malgré tout, on prend aussi le temps de faire la fête ensemble – c'est important.

Quelles qualités faut-il avoir pour devenir pompier ?

Il faut se former en continu, participer à des exercices pratiques et rester en forme, physiquement et mentalement, afin de pouvoir réagir efficacement en situation d'urgence.

Qu'est-ce qui te fait plaisir dans ton engagement ?

L'engagement chez les pompiers est très riche. Ce qui compte, c'est l'esprit d'équipe – se soutenir, connaître ses propres limites et celles des autres, savoir réagir rapidement. Cela crée une véritable famille, où la convivialité a toute sa place, car ce que l'on vit en tant que pompier ne s'oublie pas facilement. Mais ce qui compte le plus, c'est ce simple merci d'une personne à qui l'on a pu venir en aide. Ce sont ces instants qui restent gravés dans la mémoire.

Y a-t-il une expérience particulière que tu aimerais partager ?

Chaque intervention est une expérience unique. Mais souvent, ce sont les petits gestes qui ont le plus d'impact : un regard qui en dit long, une poignée de main, une main posée sur l'épaule, ou les yeux d'un enfant qui brillent. C'est cette force intérieure qui me pousse à continuer, à donner le meilleur de moi-même et à motiver les autres à s'engager à leur tour. Savoir que j'ai pu donner espoir et force à quelqu'un dans une situation difficile, c'est pour moi la plus belle des reconnaissances – et la preuve que mon engagement a du sens.

Un grand merci, Maryse, pour ton engagement infatigable – et tout notre respect pour les innombrables heures que tu consacres au service du bien commun. Le monde a besoin de plus de personnes comme toi !

DEN DAULER FIEDERBALL STELLT SECH VIR

1996 gegrënnt zielt den Dauler Fiederball haut iwver 50 aktiv Memberen. Et ass deen eenzege Fiederball-Veräin am Réidener Kanton.



D'Spiller vum Hierscht Tournoi 2024.
Les joueurs du Tournoi d'Automne 2024.

U wee riicht sech Äre Veräin?

Mir sinn op fir Jonker ab 10 Joer an Erwuessener. Déi meescht si jonk Erwuessener, mee mir hunn och nach Memberen iwver 60. Gruppen no Alter ginn et net – mir trainéieren alleguer zesummen.

Spillt Dir och Competitiounen?

Jo, dat ass ee wichtegen Deel. Verschidde Spiller hunn eng Competitiounslizenz a spille bei Masteren oder Landesmeeschterschafte mat. Fir Spiller mat Hobbylizenz ginn et ronn zéng Turnéieren d'Joer am Land. Selwer organiséiere mir véiermol d'Joer en Turnéier.

Wat zeechent d'Veräinsliewe bei lech besonnesch aus?

Nieft dem Training si vill vun eis och privat gutt Frënn, bal all Dag leeft eppes – eng Aktivitéit, ee Message oder e kollegiaalt Beieneesinn. Mir maachen Ausflich op Turnéier, ginn zesumme spadséieren oder Vëlo fueren a paken eng Hand u bei lokalen Evenementer wéi Ouschteren am Daul, Street Festival oder der Nuit du Sport.

Op wat fir besonnesch Momenter kann Äre Veräin zrëckkucken?

Een Highlight war 2017, wou mir mat enger akademescher Seance an enger Publikatioun eis 20 Joer gefeiert hunn. Sportlech gesinn hu mir all Joer Erfolleger – iergendeng vun eisen Equipe steet sécher bei engem Masters um Podium. 2 vun eise Männer haten an hirer Kategorie 2025 d'Landesmeeschterschaft gewonnen.



Wat sinn Är Erausforderungen de Moment?

Mir schaffen zesumme mat der Federatioun drun, eis Trainingen nei opzestellen. Déi zweet Erausforderung ass déi schlecht Sicht an der Sportshal: déi wäiss Bäll si virun der wäisser Rideau kaum ze gesinn. Hei hoffe mir op Ënnerstëtzung vun der Gemeng, fir eng méi däischer Rideau oder soss eng Léisung ze fannen.

Wéi kënnen Interessierter sech dem Veräin unschléissen?

Direkt Member gëtt een net. Fir d'éischt mellt een sech bei engem Comitésmember a kënnt 4–5 Mol schnupperen. Wann et engem gefällt, froe mir eng Lizenz un an da gëtt de Joresbäitrag fälleg.



© Marc Steichen

LE DAULER FIEDERBALL SE PRÉSENTE

Fondé en 1996, le Dauler Fiederball compte aujourd'hui plus de 50 membres actifs. Depuis 1998, le club s'entraîne dans la salle de sport communal. C'est le seul club de badminton du canton de Redange.

À qui s'adresse votre club ?

Nous sommes ouverts aux jeunes à partir de 10 ans et aux adultes. La plupart de nos membres sont des jeunes adultes, mais nous comptons aussi des membres dépassant les 60 ans. Il n'existe pas de groupes selon l'âge – nous nous entraînons tous ensemble.

Participez-vous aussi à des compétitions ?

Oui, cela fait partie majeure de nos activités. Certains joueurs possèdent une licence de compétiteur et participent à des Masters ou aux championnats nationaux. Pour les joueurs avec une licence loisir, il y a environ dix tournois par an dont 4 sont organisés par nous-mêmes.

Qu'est-ce qui caractérise particulièrement la vie du club ?

La collégialité entre nos membres dépasse de loin les rencontres sur le terrain. Presque chaque jour, il se passe quelque chose – une activité, un message, un moment convivial. Nous faisons des sorties pour voir des tournois, nous partons ensemble en randonnée ou à vélo et nous prêtons main-forte lors d'événements locaux.

Quels sont les moments forts ou succès sportifs dont votre club se souvient ?

Un des moments marquants a été en 2017, lorsque nous avons célébré les 20 ans du club avec une séance académique et une publication spéciale. Sur le plan sportif, nous enregistrons des succès chaque année – l'une de nos équipes est presque toujours sur le podium lors d'un Masters. Deux de nos joueurs ont pu remporter le titre de champion national dans leur catégorie.

Quels sont vos défis actuels ?

Nous travaillons actuellement à réorganiser nos entraînements et nous sommes en discussion avec la fédération. Le deuxième grand défi est la mauvaise visibilité dans la salle de sport : les volants blancs sont difficilement repérables devant le rideau blanc. Nous espérons recevoir le soutien de la commune pour installer un rideau plus sombre ou trouver une autre solution.

Comment les personnes intéressées peuvent-elles rejoindre le club ?

On n'adhère pas membre directement comme membre. Il faut d'abord

contacter un membre du comité et venir essayer 4 ou 5 fois. Si cela plaît, nous faisons la demande de licence et la cotisation annuelle sera alors due.



De Veräin hëlleft dacks op Fester aus. L'association aide souvent lors des fêtes.



Dauler Fiederball
 Theo Ney
 (+352) 621 512 363
 dauler.fiederball@gmail.com
 daulerfb.com

DERDÄIWEL LASS UM VËLO-SUMMER-TOUR VUM WËLLE WESTEN



© PancakePhotographie

Um leschte Juli-Weekend an um éischten August-Weekend stoung eisen Tour vum Wëlle Westen um nationale Vélosommer-Programm, an zwar mat engem grouse Circuit vun 53 km an engem Familljentour vun 11 km.

De P&R zu Schwebbech, eng vun den zwou offizielle Startplazen, war séier bis op déi lescht Plaz geféllt. Fir d'Situatioun ze entlaaschten, gouf spontan eng Wiss niewendru fir zousätzlech Parkplazen opgemaach. E grouse Merci geet un de Proprietär vum Terrain an un d'Gemeng Sëll fir déi prompt Hëllef!

De grouse Circuit huet d'Participanten dëst Joer duerch aacht vun eisen néng Gemenge geféiert. Dobäi kruten d'Vëlosfuierer e breeden Abléck an déi typesch Landschaftsbiller an Dierfer vum Wëlle Westen.

Déi genee Zuelen, déi vun de Ministère fir Mobilitéit an Ekonomie ënnerwee erhuewe goufen, leien zwar nach net vir. Et ass awer gutt méiglech, datt eisen Tour dëst Joer en neie Rekord bei de Participatiounszuelen opgestallt huet. Mir soen all deenen e grouse Merci, déi zum Erfolleg vun der Editioun 2025 bäigedroen hunn – ouni lech wier dat net méiglech! Villmools Merci a virun allem grouse Bravo och un all Vëlosfuierer, deen den Tour matgefuer ass.

Mir freeën eis elo schonn drop, och d'nächst Joer nees dobäi ze sinn.

Hutt Dir Virschléi oder Feedback? Deelt se gär mat eis! Villmools Merci: mobilite@kanton-reiden.lu



© Gemeng Groussbus-Wal



© Gemeng Groussbus-Wal



© Leslie & Charlie Boon-Vandenbussche

AMBIANCE VIBRANTE LORS DU VËLOSUMMER-TOUR DU WËLLE WESTEN

Le dernier week-end de juillet et le premier week-end d'août, notre Tour du Wëlle Westen figurait au programme national du Vëlosummer – avec un grand circuit de 53 km et un parcours familial de 11 km.

Le P&R de Schwebach, l'un des deux points de départ officiels, a été très vite complet. Pour désengorger la situation, un pré voisin a été ouvert spontanément afin d'offrir des places de stationnement supplémentaires. Un grand merci au propriétaire du terrain ainsi qu'à la commune de Saeul pour leur aide rapide!

Cette année, le grand circuit a conduit les participants à travers huit de nos neuf communes. Les cyclistes ont ainsi pu découvrir un large aperçu

des paysages typiques et des villages pittoresques du Wëlle Westen.

Les chiffres précis, relevés en cours de route par les ministères de la Mobilité et de l'Économie, ne sont pas encore disponibles. Mais il est fort probable que notre tour ait battu un nouveau record de participation cette année.

Nous adressons un immense merci à toutes celles et ceux qui ont contribué au succès de l'édition 2025 – sans vous, rien n'aurait été possible ! Bravo également à toutes les cyclistes et tous les cyclistes qui ont parcouru l'un de nos circuits.

Nous nous réjouissons déjà de vous retrouver l'année prochaine !

Vous avez des suggestions ou un retour à partager ? N'hésitez pas à nous les envoyer ! Merci beaucoup : mobilite@kanton-reiden.lu



**KANTON
RÉIDEN**

MOBILITÉ

Kanton Réiden
Service Mobilité
11, Grand-Rue
L-8510 Redange / Attert

(+352) 28 334-040
mobilite@kanton-reiden.lu



anny
wirth

by Joy

mode dame
tailles 34-54

78, Grand-Rue
Redange/Attert
Tél. 23 62 11 30

Lu 13:30 - 12:30
Ma-Ve 08:30 - 12:30
13:30 - 18:30
Sa 08:30 - 17:30



VÊTEMENTS
HOMMES ET DAMES

41 Grand-Rue
L-8510 Redange-sur-Attert
Tél.: +352 26 62 14 32
e-mail: h.spennch@pt.lu



Heures d'ouverture

Lundi: 13:30 - 18:00
Mardi - Vendredi: 9:00 - 12:00
et 13:30 - 18:00
Samedi: 9:00 - 16:00



A FISH NAMED FRED • BUGATTI
CALIDA • CARL GROSS
CASA MODA • CLUB OF GENTS
EVA KAYAN • FYNCH HATTON
LERROS • MEYER
MISE AU GREEN • MONARI
MORE&MORE • NZA
PIERRE CARDIN • ROSNER
SAMSHED LEMON • VENTI



SEPTEMBRE

19/09/2025

Aweigung Camille's Gaart

🕒 19h00
📍 Biekerecher Millen, Beckerich

20/09/2025

12 Stonne Kéiber

🕒 08h00-20h00
📍 Kuborn

21/09/2025

Gemeinsam Wanderung Dellen & Safari fir d'Kanner (6 / 4,5 km)

🕒 09h30
📍 Eglise, Dellen

21/09/2025

Kulinareschen Hierschtgenoss mat Gromperenplatten & Äppeldesserten, a Grouf-Feierungen, Virféierungen an Zuchfaarten

🕒 12h00-18h00
📍 Musée de l'Ardoise, Haut-Martelange

21/09/2025

Quetschefest

📍 Op der Fabrik, Préizerdau

21/09/2025

Journée européen du Patrimoine Balade dans le temps...et dans le future (LU/FR)

🕒 10h00
📍 Kulturmillen, Beckerich

21/09/2025

Festival Musique dans la Vallée: Le Petit Bossu - Concert pour petits et grands enfants

🕒 15h30
📍 Salle Robert Schumann (B), Attert

21/09/2025

Festival Musique dans la Vallée: Vanitas, de l'illusion au salut (oeuvres baroques)

🕒 18h30
📍 Salle Robert Schumann (B), Attert

24/09/2025

Porte ouverte Beim Wandrad

🕒 16h30
📍 Eolienne de Beckerich, Lieu-dit „Auf dem Berg“

25/09/2025

Jeudi au Moulin - Conférence «Découvertes sur le site mégalithique de Wéris» de Christian Frébute

🕒 19h30
📍 Biekerecher Millen, Beckerich

26/09/2025

Éislécker Metal Fest 2025

🕒 21h00
📍 Centre Culturel, Rambrouch

27/09/2025

Éislécker Metal Fest 2025

🕒 16h30
📍 Centre Culturel, Rambrouch

27/09/2025

Festival Musique dans la Vallée: Respighi, Schumann, Dvorak

🕒 20h00
📍 Eglise, Bettborn

28/09/2025

Zäitrees-Tréppeltour Uselding

🕒 09h30-12h00
📍 Tourist Info Millenhaff, Useldange

28/09/2025

Kropemannsfest

🕒 10h00
📍 Centre, Redange

OCTOBRE

03/10/2025

Bayrischen Owend

🕒 19h00
📍 Salle Polyvalent, Oस्पern

05/10/2025

Zäitrees-Tréppeltour Ell: D'Schleise vun der Grousswiss zu Ell

🕒 09h30-12h00
📍 Centre Culturel Camille Ney, Ell

05/10/2025

Festival Musique dans la Vallée: Scarlatti

🕒 17h00
📍 Biekerecher Kierch, Beckerich

12/10/2025

Kniddelmëttig

📍 Op der Fabrik, Préizerdau

16-23/10/2025

Beienausstellung

🕒 9h00-17h00
📍 ALR, Redange

17/10/2025

Sauna-Event Oktoberfest

🕒 19h00-24h00
📍 Réidener Schwämm, Redange

18/10/2025

Badminton Tournament

🕒 10h00
📍 Sportshal op der Fabrik, Platen

18/10/2025

Feierungen Beienausstellung

🕒 9h00-12h00
📍 ALR, Redange

18/10/2025

Saluttiii Fausti Bal

🕒 20h00
📍 Aula, Redange

19/10/2025

Grouse Beierendag a Wëlle Westen

🕒 9h00-17h00
📍 ALR, Redange

19/10/2025

Gemeinsam Wanderung Bëschrued (7 km)

🕒 09h30
📍 Eglise, Buschrodt

19/10/2025

Wëldiessen zu Ueschdref

🕒 11h30
📍 Prossenhaus, Arsdorf

23/10/2025

Gerry Hundt Trio (USA) LIVE „Chicago Blues“ Concert

🕒 20h00
📍 ManuKultura, Useldange

25/10/2025

Stock Car Meeschterschaftsfeier

📍 Op der Fabrik, Préizerdau

26/10/2025

IVV-Wanderung

📍 Bigonville

25-26/10/2025

Klengdéierenausstellung

📍 Polyvalent, Oस्पern

25-26/10/2025

Pallener Kiermes

📍 Niederpallen

31/10/2025

Halloween Dinner

📍 Centre Culturel, Arsdorf

NOVEMBRE

08/11/2025

Kiermesbal Randschelt

🕒 ab 19h00

📍 Thillenvogtei, Rindschleiden

21/11/2025

Wantermaart op der Biekerecher Millen

📍 Kulturmillen, Beckerich

21/11/2025

Wantermaart

📍 Op der Fabrik, Préizerdaul

22/11/2025

Wantermaart op der Biekerecher Millen

📍 Kulturmillen, Beckerich

22/11/2025

Wantermaart

📍 Op der Fabrik, Préizerdaul

22/11/2025

Repair Café

🕒 14h00-17h00

📍 Centre Camille Ney,
Eil

22/11/2025

Chili Con Carne Owend & Bal mat Everdance

🕒 18h00-03h00

📍 Polyvalent, Ospern

27/11/2025

Concert Jos Pletschet & Friends (Acoustic Folk)

🕒 20h00

📍 Manukultura, Useldange

28/11/2025

**Chrëschtmaart Schifer-
musée Uewermaartel**

🕒 19h00-23h00

📍 Musée de l'Ardoise,
Haut-Martelange

28/11/2025

Krëschtmaart

📍 Schoulhaff, Préizerdaul

28-30/11/2025

Theater

📍 Festsall, Nagem

29/11/2025

**Chrëschtmaart Schifer-
musée Uewermaartel**

🕒 16h00-23h00

📍 Musée de l'Ardoise,
Haut-Martelange

DÉCEMBRE

03/12/2025

Theater

📍 Festsall, Nagem

05-07/12/2025

Theater

📍 Festsall, Nagem

05-06/12/2025

Chrëschttag op der Bueg📍 Bueg Useldeng,
Useldange

06/12/2025

Randschelter Adventsmaart

🕒 ab 16h00

📍 Rindschleiden

07/12/2025

Cyclo Cross

📍 Op der Fabrik, Préizerdaul

12-13/12/2025

Sëller Chrëschtmaart

🕒 ab 17h00

📍 Place de l'Eglise, Saeul

19-21/12/2025

Theater

📍 Festsall, Préizerdaul

20/12/2025

**Chrëschtconcert vun der
Schülerband**

🕒 19h00

📍 Festsall, Nagem

27-28/12/2025

Fussball Haalenturnéier📍 Sportshal op der Fabrik,
Préizerdaul**WICHTEG:**

Schéckt eis w.e.g. d'Informatiounen iwwer Är Eventer. Esou kënnen mir se an dësen Agenda an an eis Newsletter ophuelen!
magazine@kanton-reiden.lu

Deadline fir d'Wanter-
editioun: 10. November 2025

Mir soen lech Merci!

IMPORTANT :

Veuillez nous envoyer les informations concernant vos événements. Cela nous permettra de les inclure dans cet agenda et dans notre newsletter !
magazine@kanton-reiden.lu

Date limite pour l'édition d'hiver: 10 novembre 2025

Un grand Merci!





Vivez l'esprit tranquille



Systeme d'alarme



Videosurveillance



Détection Incendie



Contrôle d'accès



www.vigilzone.com
+352 27 40 70 07



ALLERHELLGEN



**Är Bestellungen huele mir gären am Buttek,
per Telefon oder per E-Mail entgënt.**

Eise Buttek ass fir lech op: Méindes – Freides: 8-12 / 13-17 Auer
Samschdes: 8-12 Auer. Gratis Liwwerung an der Réidener Gemeng.

Op der Schock – Ateliers d'inclusion professionnelle
34A, route de Reichlange, L-8508 Redange / Attert

Tel.: 26 62 18 81 commande@ods.lu opderschock.lu



LATE NIGHT SHOPPING

Donneschdes, de
16. Oktober 2025
bis 20 Auer



**Nei Hierschkollektioun &
Spezialitéiten aus eiser Kichen**

16-20 Auer: fir lessen an Drénken ass gesuergt!

opderschock.lu



Lundi fermé
Mardi-Vendredi
9h-12h et 14h-18h
Samedi
9h-16h

Dames 37-45 Hommes 42-50

43, Grand-Rue L-8510 Redange

 Loll's Shoes

METTEZ VOTRE ENTREPRISE EN LUMIÈRE DANS NOTRE MAGAZINE RÉGIONAL !



Nous sommes à la recherche d'entreprises captivantes qui se distinguent par leur originalité et dont nous souhaitons raconter leur histoire.

Si votre entreprise répond à l'un des critères suivants, nous serions ravis de faire un reportage gratuit avec vous :

- Caractéristiques uniques : Vous proposez un produit ou un service que personne d'autre n'offre dans notre région ?
- Engagement écologique : Votre entreprise propose des services ou produits respectueux de l'environnement ?
- Innovation : Votre entreprise se démarque par son caractère innovant ?
- Nouveau départ : Vous avez récemment lancé votre activité et souhaitez partager votre parcours ?
- Anniversaire : Vous célébrez un anniversaire marquant de votre entreprise ?

- Transition : Vous prévoyez un changement de génération ou de direction ?

Si vous vous reconnaissez dans l'une de ces catégories, nous aimerions vous présenter dans notre magazine !

Contactez-nous dès maintenant et laissez-nous raconter votre histoire.



Contactez-nous : magazine@kanton-reiden.lu
En cas de nombreuses candidatures, et vu que nous ne pouvons publier qu'un nombre limité d'entreprises dans chaque édition, le comité de rédaction se réserve le droit de procéder à la sélection finale.

KANNERECK

**WÉI ENG SPUERE GEHÉIEREN ZU WÉI ENGEM DÉIER?
SCHREIF DE BUSCHTAF BEI DAT PASSEND DÉIER A FANN
ESOU D'LÉISUNGSWUERT ERAUS**

B Trittsiegel (7 cm)
N Trittsiegel ca 5 cm (ca 3 cm)
D Trittsiegel Vorderpfote (3,5 cm, 2,8 cm)
R Trittsiegel Vorne (4-6 cm)
U Trittsiegel Vorderpfote (5 cm, bis 4 cm)
I (4 cm, 2 cm)
M Trittsiegel (ca 10 cm, ca 8 cm)
E Trittsiegel Vorne (2-2,7 cm, 1 cm)
A Trittsiegel (ca 5 cm, ca 4 cm)

Wëllschwän	___
Fuus	___
Hues	___
Wollef	___
Duess /Dachs	___
Kaweechelchen	___
Réi	___
Kéisécker	___
Feldmaus	___

Léisungswuert (vun uewen no ënnen): _____

D'Zeechnunge stamen aus den Déieren-Infoblätter vun der Administration de la nature et des forêts (ANF). Sämtlech Fiche fannt Dir ënnert dësem Link:



SUDOKU FIR KANNER

	7		5	8	3		2	
	5	9	2			3		
3	4				6	5		7
7	9	5				6	3	2
		3	6	9	7	1		
6	8				2	7		
9	1	4	8	3	5		7	6
	3		7		1	4	9	5
5	6	7	4	2	9		1	3



Zwei Zahnstocher gehen im Wald spazieren. Ein Igel läuft vorbei. Sagt der eine Zahnstocher zum andern: „Ich wusste gar nicht, dass hier ein Bus fährt“.

MOL GÄREN DÉI VERSCHIDDE BËSCHBEWUNNER FAARWEG. ERKENNS DU SE ALL?




SUDOKU LÉISUNG

1	7	6	5	8	3	9	2	4
8	5	9	2	7	4	3	6	1
3	4	2	9	1	6	5	8	7
7	9	5	1	4	8	6	3	2
4	2	3	6	9	7	1	5	8
6	8	1	3	5	2	7	4	9
9	1	4	8	3	5	2	7	6
2	3	8	7	6	1	4	9	5
5	6	7	4	2	9	8	1	3

LÉISUNGSWUERT SPUERE-QUIZ

BAUMRINDE



NEWSLETTER KANTON RÉIDEN

Bleift informéiert!

AUSSI EN
FRANÇAIS

Abonéiert lech op d'Newsletter vum Kanton Réiden,
déi eemol de Mount per Mail eraus geet.

Bleift informéiert iwwer aktuell Projeten,
Evenementer an Aktivitéiten:

- ▷ **Aktivitéiten & Projeten** - alles iwwer
Initiativen an Entwécklungen an eiser Region
- ▷ **Fester & Evenementer** - verpasst keng
wichtig Rendez-Vousen
- ▷ **Bus-Updates** - Informatiounen iwwer
gréisser Ännerungen am Busnetz

Elo abonéieren!


Schreift lech an um Site:
www.newsletter.kanton-reiden.lu
oder per QR-Code:



Mir soen lech villmools Merci fir Ären Interessi!



SUIVÉIERT EIS OCH VIA FACEBOOK  /facebook.com/kantonreiden



KANTON
RÉIDEN

www.kanton-reiden.lu